n°3/ 2026








# Gemengeninfo

Rapport du conseil communal
du 8.5.2026

#maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# Composition du conseil communal



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Loullingen,
conseillère LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP




Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: C. Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°3/2026 - Parution: août 2026 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# Sommaire


Rapport sommaire en français 4

**1. Correspondance** 7

**2. Circulation** 7

2.1. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'activité « Velosummer 2026 »
2.2. Approbation d'un règlement temporaire de la circulation – avenue Grande- Duchesse Charlotte
2.3. Approbation d'un règlement temporaire de la circulation à l'occasion de travaux au stade Jos Nosbaum

**3. Pacte Nature** 15

3.1. Décision relative aux nouvelles plantations communales en milieu urbain, selon le point 2.7 du catalogue des mesures du Pacte Nature
3.2. Création d'un jardin communautaire, selon le point 2.15 du catalogue des mesures du Pacte Nature
3.3. Approbation du concept de réduction de la pollution lumineuse, dans l'intérêt de la protection de la faune, selon le point 2.17 du catalogue des mesures du Pacte Nature
3.4. Approbation du concept de la gestion extensive des accotements des chemins ruraux, selon le point 3.7 du catalogue des mesures du Pacte Nature
3.5. Adhésion au contrat de rivière du Bassin supérieur de l'Alzette, selon le point 4.12 du catalogue des mesures du Pacte Nature
3.6. Approbation d'un plan de résilience des forêts communales, selon le point 5.11 du catalogue des mesures du Pacte Nature

**4. Pacte Climat** 21

Approbation du « Klimapaktleitbild der Stadt Düdelingen », Version 2026

**5. Enseignement musical** 28

Approbation de l'organisation scolaire de l'enseignement musical pour l'année 2026/2027 – 1re délibération

**6. Finances** 32

6.1. Approbation de la convention de mise à disposition de l'immeuble communal dénommé « Déierenasile Diddeleng » à la Société pour la Protection des Animaux Dudelange a.s.b.l. (SPAD)
6.2. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de compteurs intelligents de gaz naturel, catégorie 3 – gros consommateurs
6.3. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux d'entretien sur les chemins ruraux pour l'exercice 2026
6.4. Approbation du devis estimatif relatif au renouvellement du chemin rural au lieu-dit « Im Wald »
6.5. Emprises – approbation d'actes de vente
6.5.1. SOFILUX S.à r.l. – route de Burange
6.5.2. Héritiers Pauly – route de Burange
6.5.3. Vincent Zappone Promotions Immobilières S.A. – rue du Château Fort
6.5.4. Mesdames Dauffenbach et Siedler – rue Tattenberg
6.6. Approbation du règlement communal pour l'allocation de subsides ordinaires aux associations locales
6.7. Approbation de décomptes
6.8. Subsides extraordinaires à allouer

**7. Commissions consultatives** 47

Approbation des modifications à apporter à la composition des commissions consultatives

**8. Personnel** 47

8.1. Conversion d'un poste vacant d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, sous-groupe technique en poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique (entretien des bâtiments)
8.2. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement B1, sous-groupe technique (travaux publics)
8.3. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique (gaz, eau et canalisation)

**9. Soutien aux citoyens pour lutter contre la propagation du frelon asiatique** 48

*Motion du groupe politique Déi Gréng*

**10. Questions au collège des bourgmestre et échevins** 52

# Rapport sommaire

**Présents** : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Messieurs Walter Berettini, Diogo Costa (à l'exception du point numéro 6.2 de l'ordre du jour) ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp, Martine Loullingen ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma, conseillers. Monsieur Patrick Bausch, secrétaire communal et Madame Catarina Maduro, rédacteur au secrétariat communal.

**1 – Correspondance**

Monsieur le bourgmestre porte à la connaissance de l'assemblée deux communications d'une importance particulière pour la collectivité locale.

En premier lieu, il informe l'assemblée qu'en réponse à la demande formulée par la Ville le 21 octobre 2025, le Directeur général de la Police grand-ducale a confirmé par courrier du 14 avril 2026 qu'une unité de police locale sera instaurée au commissariat de Dudelange à compter du 1er juin 2026. Cette décision fait suite à une analyse approfondie fondée sur les critères relatifs à la sécurité locale et les discussions menées avec les représentants locaux et régionaux de la Police grand-ducale, ainsi que dans le cadre du projet de loi 8513. Pour les modalités d'exécution, le Directeur régional a été désigné comme interlocuteur.

En second lieu, Monsieur le bourgmestre porte à la connaissance du conseil communal le courrier reçu du Centre de Documentation sur les Migrations Humaines (CDMH), dans lequel l'association indique s'inscrire dans une dynamique de reconsolidation financière, administrative et institutionnelle, avec des mesures concrètes de suivi et de contrôle mises en place afin de garantir une gestion saine et sécurisée. L'association se réjouit de poursuivre et de renforcer la collaboration avec la Ville de Dudelange.

**2 – Circulation**

Le conseil communal examine et adopte plusieurs règlements temporaires de circulation routière nécessaires à la sécurité publique et à la bonne exécution de chantiers ou d'événements saisonniers :

• Activité « Velosummer 2026 » : Le conseil approuve à l'unanimité le règlement temporaire de circulation encadrant l'édition 2026 du Velosummer. Ce texte prévoit la mise en place d'une zone piétonne temporaire, des interdictions d'accès et de tourner, ainsi que des déviations spécifiques afin de sécuriser le parcours cyclable et piétonnier tout en préservant l'accès des riverains.

• Avenue Grande-Duchesse Charlotte : Le conseil approuve, par 15 voix pour (LSAP, Déi Gréng, DP, ADR, Déi Lénk) et 4 voix contre (CSV), un règlement temporaire modifiant les conditions de circulation et de stationnement sur cet axe majeur afin de permettre la réalisation de travaux d'infrastructure dans des conditions de sécurité optimales.

• Travaux au stade Jos Nosbaum : Le conseil adopte à l'unanimité un règlement temporaire réglementant la circulation aux abords du stade Jos Nosbaum en raison de travaux d'aménagement, garantissant la sécurité des ouvriers et des usagers de la route.

**3 – Pacte Nature**

Dans le cadre de la politique environnementale de la Ville et de son adhésion au Pacte Nature, le conseil communal adopte à l'unanimité six délibérations majeures visant à préserver les ressources naturelles et à développer la biodiversité :

• Nouvelles plantations communales en milieu urbain (mesure 2.7) – Le conseil communal décide d'engager un programme de nouvelles plantations communales en milieu urbain, conformément au point 2.7 du catalogue des mesures du Pacte Nature. Cette décision vise à accroître la couverture végétale dans les espaces publics de la Ville, contribuant ainsi à la lutte contre les îlots de chaleur, à l'amélioration de la qualité de l'air et au renforcement de la biodiversité urbaine.

• Création d'un jardin communautaire (mesure 2.15) – Le conseil communal approuve la création d'un jardin communautaire (« Urban Garden »), conformément au point 2.15 du Pacte Nature. Ce projet, excluant l'utilisation de pesticides, d'engrais synthétiques ou de tourbe, doit dépasser le stade de simples bacs de plantation et constituer un espace de lien social et d'éducation à l'environnement pour les habitants.

• Concept de réduction de la pollution lumineuse (mesure 2.17) – Le conseil approuve un concept d'éclairage respectueux de la faune nocturne, centré sur la protection des insectes, des chauves-souris et d'autres mammifères nocturnes. Ce concept prévoit notamment le respect d'une température de couleur inférieure à 3 000 K et d'un rapport d'émission lumineuse vers le haut (ULOR) inférieur à 0, conformément au guide de l'Administration de la nature et des forêts.

• Concept de gestion extensive des accotements des chemins ruraux (mesure 3.7) – Le conseil adopte un concept visant à promouvoir une gestion extensive des accotements et haies des chemins ruraux, par des pratiques telles que l'enlèvement des déchets verts, le fauchage tardif et échelonné, ainsi que l'exclusion de tout engrais ou pesticide, dans le but de favoriser la biodiversité des milieux herbacés et bocagers.

• Adhésion au contrat de rivière du Bassin supérieur de l'Alzette (mesure 4.12) – Le conseil décide d'adhérer au contrat de rivière du Bassin supérieur de l'Alzette à compter du 1er janvier 2026, conformément à la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau. Cette adhésion implique

une participation financière annuelle de 16.900,- € pour la Ville de Dudelange, éligible à un cofinancement de l'État à hauteur de 50 pour cent.

• Plan de résilience des forêts communales (mesure 5.11) – Le conseil approuve un plan de résilience des forêts communales intégrant cinq principes fondamentaux d'une gestion multifonctionnelle et naturelle : la diversité des espèces, la diversité génétique, la diversité structurelle, la résistance aux perturbations et l'adaptation des infrastructures forestières, dans une optique de séquestration du carbone et d'adaptation aux changements climatiques.

**4 – Pacte Climat**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le document stratégique « Klimapaktleitbild der Stadt Düdelingen », Version 2026, qui constitue la vision directrice de la Ville de Dudelange en matière de protection du climat dans le cadre du Pacte Climat. Ce document définit les orientations à long terme de la commune en matière de réduction des émissions de gaz à effet de serre, d'efficacité énergétique et d'adaptation aux effets du changement climatique, et engage la Ville dans une démarche structurée de transition climatique.

**5 – Enseignement musical 2026/2027**

Le conseil communal approuve à l'unanimité, en première délibération, l'organisation scolaire de l'École régionale de musique de Dudelange pour l'année scolaire 2026/2027, conformément aux dispositions de la loi du 27 mai 2022 portant organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal. Cette délibération fixe le cadre organisationnel, notamment les postes d'enseignants, les matières et les horaires, en vue de la reprise des activités en septembre 2026. Une deuxième délibération sera soumise au conseil lors d'une prochaine séance.

**6 – Finances**

Sauf indication contraire, toutes les décisions suivantes sont adoptées à l'unanimité par le conseil communal.

• Convention de mise à disposition – « Déierenasile Diddeleng » (SPAD) – Le conseil approuve la convention conclue le 25 mars 2026 avec la Société pour la Protection des Animaux Dudelange a.s.b.l. (SPAD) portant sur la mise à disposition, à titre gratuit, du bâtiment communal dénommé « Déierenasile Diddeleng », sis 45, rue de la Forêt à Dudelange. Cette convention, fondée notamment sur la loi modifiée du 9 mai 2008 relative aux chiens, vise à permettre à la SPAD de poursuivre ses missions d'accueil et de protection des animaux abandonnés sur le territoire communal. Les plans de l'immeuble et les modalités d'utilisation sont annexés à la convention.

• Devis estimatif – Remplacement de compteurs intelligents de gaz naturel, catégorie 3 – Le conseil approuve le devis estimatif relatif au remplacement des compteurs intelligents de gaz naturel de la catégorie 3, destinés aux gros consommateurs. Ce remplacement vise à moderniser les équipements de mesure dans un secteur hautement réglementé et à assurer la conformité du réseau de distribution de gaz naturel communal aux exigences légales et techniques en vigueur.

• Devis estimatif – Travaux d'entretien sur les chemins ruraux 2026 – Le conseil approuve le devis estimatif relatif aux travaux d'entretien courant à réaliser sur les chemins ruraux de la commune pour l'exercice 2026, afin de maintenir ces voies en bon état d'usage et d'assurer la sécurité des usagers et des riverains.

• Devis estimatif – Renouvellement du chemin rural au lieu-dit « Im Wald » – Le conseil approuve le devis estimatif relatif au renouvellement du chemin rural situé au lieu-dit « Im Wald ». Ce projet répond à la nécessité de remplacer une infrastructure vétuste afin d'en assurer la pérennité et la praticabilité.

• Emprises – Approbation d'actes de vente – Le conseil approuve, à l'unanimité, quatre actes de vente portant sur l'acquisition de parcelles de terrain destinées à être intégrées dans la voirie publique communale, dans un but d'utilité publique, à la suite de procédures de commodo et incommodo n'ayant donné lieu à aucune réclamation : la société SOFILUX S.à r.l. (route de Burange), les Héritiers Pauly (route de Burange), la société Vincent Zappone Promotions Immobilières S.A. (rue du Château Fort) et Mesdames Dauffenbach et Siedler (rue Tattenberg).

• Règlement communal pour l'allocation de subsides ordinaires aux associations locales – Le conseil approuve à l'unanimité le règlement communal relatif à l'octroi des subsides ordinaires aux associations de la Ville de Dudelange, qui définit les conditions, critères et modalités d'attribution des subsides annuels aux associations sportives, culturelles, sociales, éducatives et de loisirs actives sur le territoire communal.

• Approbation de décomptes – Le conseil approuve deux séries de décomptes relatifs à des travaux et acquisitions antérieures. La première série est adoptée à l'unanimité et comprend l'ensemble des décomptes présentés, représentant le solde définitif de nombreux projets d'infrastructure communale. La seconde série porte sur le décompte relatif à la rénovation et transformation de la maison sise rue du Commerce 37-39 en logements sociaux, pour un montant de 2.264.256,61 EUR, et est approuvée par 15 voix pour (LSAP, Gréng, DP, ADR, Lénk) et 4 abstentions (CSV).

• Subsides extraordinaires – Le conseil décide, à l'unanimité, d'allouer des subsides extraordinaires à plusieurs associations requérantes (Stärekanner a.s.b.l., SOS Détresse, Sécurité Routière Luxembourg, Sportlycée Luxembourg) pour soutenir leurs activités d'intérêt général.

**7 – Commissions consultatives**

Le conseil communal procède à l'unanimité aux modifications de composition de plusieurs commissions consultatives. Sont notamment nommés : Madame Celeste De Freitas Aguiam en tant que membre citoyenne de la Commission communale du vivre-ensemble interculturel, en remplacement de Madame Coumba Ndiaye qui a quitté la commune ; Monsieur Manuel Turmes (ADR) en remplacement de Monsieur Claude Kremer au sein de la Commission des finances, du budget et de l'économie ; Madame Rosella Spagnuolo en remplacement de Monsieur Fernand Kieffer dans la Commission de la Culture et Monsieur Marc Müller en remplacement de Monsieur Fernand Kieffer dans la Commission de l'hygiène et de la salu-

brité publique. Ces désignations interviennent conformément à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et au règlement d'ordre intérieur du conseil communal.

**8 – Personnel (séance publique)**

Le conseil communal procède à l'unanimité aux adaptations de l'organigramme des postes de l'administration communale :

• Conversion de poste (Entretien des bâtiments) : Conversion d'un poste vacant d'employé communal à tâche complète du groupe d'indemnité B1 (technique) en un poste d'employé communal à tâche complète du groupe d'indemnité A2 (scientifique et technique) pour les besoins du service Gestion et maintien du patrimoine.

• Création de poste (Travaux publics) : Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète du groupe de traitement B1 (technique) au service Gestion et maintien du patrimoine, afin de faire face à la charge de travail croissante liée aux chantiers de voirie.

• Création de poste (Réseaux techniques) : Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète du groupe de traitement A2 (scientifique et technique) pour le service Gaz, eau et canalisation, rendu nécessaire par l'ampleur des projets d'infrastructure du quartier NeiSchmelz.

**9 – Motion relative au frelon asiatique**

Le conseil communal accepte à l'unanimité la motion présentée par la fraction Déi Gréng relative au soutien aux citoyens pour endiguer la propagation du frelon asiatique (Vespa velutina nigrithorax), espèce exotique invasive qui représente une menace sérieuse pour la biodiversité, l'apiculture et la sécurité publique. Le conseil décide de renvoyer le dossier à la commission de l'environnement, qui sera assistée du garde-forestier communal pour analyser la situation et formuler des propositions concrètes. Ces propositions seront ensuite soumises à l'assentiment du conseil communal par les sons du collège des bourgmestre et échevins.

**10 – Questions au collège échevinal**

Les questions suivantes ont été posées au collège des bourgmestre et échevins lors de la séance publique :

• CSV – Question relative à la rue Ribeschpont 43 ;
• LSAP – Question relative au rond-point du Laboratoire National de la Santé (LNS) ;
• CSV – Question relative au rond-point du Laboratoire National de la Santé (LNS).

Conformément à la loi communale, le collège des bourgmestre et échevins répondra par écrit aux questions posées dans le délai d'un mois suivant leur réception.

Le conseil communal poursuit ses délibérations à huis clos et adopte une série de décisions individuelles relatives à la carrière et aux mouvements de personnel au sein des services communaux. •

# Gemengerotssëtzung vum 8. Mee 2026



DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, ech géif proposéieren, dass mer ufänke léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot. Ech schéine gudde Mueren, häerzlech wëllkomm hei an eiser Gemengerotssitzung vu Freideg Mueren. E Gemengerot, deen a senger Kompositioun komplett ass. Ech begréissen och d'Vertrieder vun der Press an och, wéi gesot, eis Mataarbechter vun der Gemeng, déi och zu deene verschiddene Punkten hei wäerten zoustoussen, respektiv Ried an Äntwert wäerte stoe wa Froen hei sinn aus dem Gemengerot.

## 1. Korrespondenz

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Duerfir géif ech emol klassesch mam Ordre du jour ufänken. Do sinn et am Fong zwou Korrespondenzen, zwou Kommunikatiounen. Bon, déi eng, déi hutt Der scho matkritt, Dir hutt och de Courrier vum 14. Abrëll 2026 vum Generaldirekter vun der Police, vum Här Peters, wou en eis effektiv zouseet, dass op den 1. Juni eng Unité locale vun der Police hei op Diddeleng och wäert kommen. An do hutt Der jo och nach op Nofro den éischte Courrier, dee mer un d'Police geschéckt hu fir d'Demande ze maachen, dee mer Iech och ouni Problem zoukomme gelooss haten, respektiv an deem heite Courrier sech och dorobber beruff gëtt. Dat ass jo och, mengen ech, dat, wat de Steen an d'Rulle bruecht huet.

An déi zweet Kommunikatioun/Korrespondenz ass am Fong e Courrier vum Här Flores a senger Qualitéit als President vum Centre de Documentation sur les Migrations humaines. Mir hate schonn deen en oder deen anere Punkt um Ordre du jour hei am Gemengerot, wou effektiv viru méi wéi zwee Joer de fréiere President vum Centre-Doc jo Suen ënnerschloen hat, sech respektiv an der Keess zerwéiert huet. Wou jo och deementspriechend säitens vum Centre-Doc eng Plainte gemaach gouf. A säitens vun der Stad Diddeleng eng Denonciatioun beim Parquet. An enger éischter Phas gouf en Deelmontant zréckbezuelt. An hei gi mer informéiert, dass de Solde, deen nach opstoung, dass deen och zréckbezuelt gouf. Esou dass am Fong deementspriechend déi Integralitéit vun deene Suen, déi geschëlt waren. Dat waren 180.877,23. Dat ass och dat, wat hei an deem Courrier steet, dass déi integral zréckbezuelt goufen. Soudass am Fong dann och den neie Verwaltungsrot vum Centre-Doc dat dote Kapitel kann zoumaachen.

De Solde, deen ass den 23. Februar 26 bezuelt kritt. Sou kënne mer dat hei am Courrier entneemen. A wéi gesot, si hunn och de Parquet doriwwer informéiert als Verwaltungsrot vum Centre-Doc, soudass mengen ech hei dann de Centre-Doc emol fir sech dat Kapitel kann zoumaachen. An deem kann nogoen, firwat dass en eigentlech gegrënnt gouf Mëtt den 90er-Joren: der Recherche, der Dokumentatioun ronderëm d'Phénomènes migratoires. Also och do mengen ech, dann an deem Sënn erëm Rou an den Dossier erakomm ass. Dat, déi zwou Kommunikatioune mengersäits. Ech kucken hei nach bei d'Kolleegen aus dem Schäfferot, ob si nach eppes hätten? Dat ass net de Fall.

## 2. Circulatioun

**2.1. Approbatioun vum temporaire Verkéiersreglement fir de « Vëlosummer 2026 »**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengen- a Schäfferot, ech géif Iech proposéieren, datt ech d'Punkten 2.1 an 2.2 zesumme presentéieren, well soss widderhuelen ech mech permanent, well et gréisstendeels ëm den Zentrum vun Diddeleng an och ëm d'Niddeschgaass geet. An natierlech maache mer duerno zwee getrennte Votten. A jidderee kann och zu deene Punkte getrennt Stellung huele wann en dat wëll.

Fänke mer einfach mol mam Vëlosummer un. Bon, de Ministère huet am November d'lescht Joer erëm en Opruff gemaach bei all de Gemenge fir matzemaachen, fir de Vëlosummer 2026 also. An dee fënnt dëst Joer vum 18. Juli bis de 16. August statt. Bon, Dir wësst, datt dat Ganzt en nationale Projet ass an deen Datum, dee gëtt och vun deene jeeweilege Ministèrë selwer festgeluecht. Dat widderhuelen ech hei all Joers. Ech mengen dat wësst Der och mëttlerweil. Mir hunn dëst Joer och erëm de Familljentour zwëschent Diddeleng a Beetebuerg agereecht an dee gouf dann och dëst Joer zréckbehalen. Zousätzlech maache mer, wéi soss och, den autoaarmen Zentrum, Spärung vun der Rue Ribeschpont an d'Vëlosstrooss an der Pasteurstrooss. Nei dobäi kënnt d'Vëlosstrooss an der Rue Dokter Schweitzer, fir dee Vëloswee eeben och méi kohärent ze maachen. An et ass och e weidere Versuch fir ze kucken, wéi déi Diddelenger eeben op esou eng Strooss wäerte reagéieren.

Fir de Projet Vëlosummer ze realiséieren, muss dann natierlech wéi all Joers e Verkéiersreglement geholl ginn. An op dat ginn ech dann elo am Detail an. Mir hunn och alles den 11. Februar schonn eng Kéier an der Verkéierskommissioun virgestallt. Fänke mer u beim autoaarmen Zentrum. Bon, par rapport zu 2025, also d'lescht Joer, de Vëlosummer ännert sech elo näischt Grousses. Trotzdeem vläicht e klenge Recapitulatif: gespaart sinn dann eeben têschent dem 18.07. an den dem 16.08. fir den Autosverkéier jeeweils vu mëttes 12 Auer bis den Dag drop moies 6 Auer d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte têschent der Rue Domnique Lang an der Gemengeplaz. D'Rue du Commerce, dat heescht d'Place Kinnen an d'Rue Jean Jaurès

tëschent der Niddeschgaass an der Rue de l'Étang.
Firwat? Moies kënnen dann d'Geschäfter an d'Leit, déi do wunnen, nach beliwwert ginn an am Nomëtten an owes ass da just op fir de Foussgänger an och de Vëlosfuerer.
D'Vëloen, déi dierfen natierlech doduerch fueren. D'Motorrieder dierfen net doduerch fueren. Dowéinst kréie se separat Parkplazen am Duerf an awer och an der Wolteschgässel an d'Police mécht och reegelméisseg Kontrollen, datt sech do dru gehale gëtt. Dir wësst, d'Police sëtzt och an der Circulatiounskommissioun dobäi, a mir hunn dat do natierlech och ugeschwat.

Et ass verbueden op der Héicht Nummer 23 an 28 an d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte an 1, Rue du Commerce an d'Niddeschgaass ofzebéien. Fir den Awunner awer vun 1 bis 20 vun der Jaurès-Strooss den Accès zu hiren Haiser ze garantéieren, gëtt dee Sens unique eebe fir si opgehuewen a se kommen awer maximal bis bei d'Apdikt Tanson.
Déi ganz Gemengeplaz an d'Rue de la Libération zwëschent der Gemeng an der Rue du Commerce, déi sinn dann eebe vum 18.07. bis de 16.08. fir den Transitverkéier gespaart. Just, wéi gesot, d'Awunnerinnen an d'Awunner, d'Busser, d'Taxien an d'Fournisseuren, déi däerfen hei erafueren.

Zousätzlech zum Späre ginn déi opgezielte Stroossen an eng Zone de rencontre och ëmgewandelt oder Foussgängerzon mat Erlabnis eebe fir de Vëlo, soudass de Foussgänger sécher vun där enger Stroossesäit op déi aner och ka goen. D'Awunner dann awer vun der Plaz hei, Place de l'Hôtel de Ville, de Rescht eebe vun der Jean-Jaurès-Strooss an och vun der Liberatiounsstrooss, déi kënnen iwwert d'Rue Jean-Jaurès oder eeben iwwert d'Rue Karl-Marx erafueren. D'Automobilisten aus der Rue de l'Étang, d'Rue de l'Étang ass natierlech bis dohinner fäerdeg, Dir wësst am Moment si mer nach mat der Conduite de refoulement do amgaange mat schaffen, déi musse bei der Barrière an der Rue Jean-Jaurès riets ofbéien, ausser natierlech et ass een Awunner an d'Fournisseuren an d'Bussen dierfen no lénks ofbéien.

Och dann un de Cyclist selwer hu mer natierlech geduecht, wann et ronderëm d'Gemengeplaz geet, ewéi 2025 ass et méiglech, vum Café Joker laanscht de Café Good Fellow Richtung Liberatioun eebe mam Vëlo iwwert d'Strooss ze fueren. An dëst Joer gëtt awer näischt an d'Mëtt vun der Strooss gestallt, fir déi Spueren ze trennen. Mir hunn an der Verkéierskommissioun no längerer Diskussioun festgehalen, näischt méi ze setze well et eng Zone de rencontre ass. Déi maximal Vitess, déi ass 20 Kilometer an der Stonn. An fir dass dat dann och agehale gëtt, setze mer dann e Berliner Kissen oder am Volleksmond Höcker genannt. De Vëlosfuerer soll hei awer net méi am Contresens doduerch fueren, mee d'Schläif iwwert d'Rue du Commerce a Schwaarze Wee a Gemengeplaz, fir eeben erëm an d'Niddeschgaass ze fueren.

Déi ganz Strooss gëtt als Zone de rencontre reglementéiert, soudass de motoriséierten Trafick och nëmmen däerf da mat 20 km à l'heure fueren. A fir d'Kontrolle vun den Accèsen an der Vitess hu mer och d'Police ëm Hëllef gefrot, déi dann, wéi gesot, ech sot dat scho virdrun eng Kéier, an der Verkéierskommissioun dobäi waren an déi ganz Diskussioun och matkritt hunn an se och matgefouert hunn.
D'Parkplaze laanscht d'Stroosse kënnen als Terrassen ëmgewandelt ginn. Fir de Schwéierverkéier dann och aus dem Zentrum ze kréien, gëtt e Sens recommandé fir Gefierer iwwer 3,5 Tonne bei der Rue de l'Étang a bei der Kräizung Keel-Lëtzebuerg-Gaffelt opgestallt, deen duerch d'Gaffelt féiert och dat eigentlech näischt Neies.

Zum Ribeschpont. Och näischt Neies. Mir spären d'Ribeschponter Strooss tëschent der Näerzengerstrooss an der Schoul Ribeschpont fir eeben de motoriséierte Verkéier, genau wéi d'lescht Joer. A fir datt all Mënsch sech dann och drun hält, gëtt d'Strooss uewe bei der Näerzengerstrooss an ënne beim Wendehammer mat schwéiere Bléck gespaart an esou opgestallt, datt de Vëlosfuerer zwar problemlos laanschtkënnt, mee den Autofuerer natierlech hei keng Chance wäert hunn. Och dat, wéi gesot, näischt Neies. Den Accès fir d'Ambulanz an d'Baueren ass ëmmer iwwert d'Nieweweeër garantéiert. D'Autosfuerer ginn an der Rue Soibelkaul wärend dëser Zäit ëmgeleet. Fir d'Awunner vum Quartier Soibelkaul ze schützen, gëtt dann och do e Fuerverbuet, e sougenannten C2 opgestallt, mat excepté Bus, Riverains a Fournisseurs natierlech, soudatt d'Awunnerinnen an d'Awunner awer nach bei hir Haiser kommen, respektiv och de Bus ka weider duerch de Quartier fueren. Och dës Mesure ass genau déi selwecht wéi d'lescht Joer.

A fir de Projet Vëloswee zwëschent Diddeleng a Beetebuerg mam Titel Family Tour am Süden. Dat ass e Parcours vu ronn 15 Kilometer. Do muss kee Reglement geholl ginn. Hei gëtt den Tracé duerch Schëlter an Marquage gezeechent an dee féiert eigentlech iwwert déi bestoend Vëlosweeër zwëschent de Gemengen. De Projet vun der Vëlosstrooss an der Rue Pasteur zwëschent der Flemingstrooss an der Hellengerstrooss, dee gëtt verlängert op déi komplett Dokter-Schweitzer-Strooss bis bei de Bauerenhaff. Bon, et ass haut schonn eng Zon 30 an eise kommunale Vëloswee, dee geet och do derduerch, dowéinst wollte mer teste wéi et leeft wann hei d'Automobilisten eebe keng Prioritéit méi hunn an de Vëlosfuerer eeben net méi däerfen iwwerhuelen.

Elo awer zu der Verkéiersberouegung an der Niddeschgaass. Dir wësst, an de leschte Jore war d'Niddeschgaass ëmmer schonn ab dem 1.04. bis den 30. September verkéiersberouegt ginn an ëmmer mëttes och vun 12 bis 6 Auer deen aneren Dag drop, fir de motoriséierten Trafick zou.
Dëst Joer si mer méi spéit drun, wéinst dem Chantier an der Rue de l'Etang. Dat hat ech och deemools gesot, wou mer d'Verkéiersreglement vun deem Chantier vun der Conduite de refoulement an der Rue de l'Etang gestëmmt hunn.

**2.2. Approbatioun vum temporaire Verkéiersreglement – avenue Grande-Duchesse Charlotte**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Fir nom Vëlosummer awer nach kënnen déi Strooss zou ze loosse musse mer dann nach eng Kéier en zousätzlecht Reglement awer hei stëmmen. An dat ass dann deen zweete Vott, dee mer herno eebe mussen huelen. Well am Ganze wäerten d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte an d'Place

Kinnen eebe vum 17.08. bis den 3.09. och vun 12:00 bis 6:00 Auer den Dag drop zwëschent der Rue Domnique Lang an der Rue du Commerce an der Gemengeplaz eebe fir de motoriséierte Verkéier gespaart bleiwen, well en an eng Foussgängerzon ëmgewandelt gëtt, mat Ausnamen natierlech Bus, Flexbus, Adapto an Taxien, dat ass wéi gesot dat zweet Reglement.

Déi selwecht Reglementer a Consignë wéi wärend dem Vëlosummer zielen natierlech och fir déi verkéiersberouegt Niddeschgaass bis den 30.09. eeben. An dofir, wéi gesot, hunn ech déi zwee Reglementer elo zesummegeholl, soss hätt ech Iech alles dat, wat ech virdru gesot hunn, nach eng Kéier hei missten opzielen. Et ginn natierlech och Campagnë lancéiert fir dat richtegt Verhalen an dëser Strooss. Natierlech an der Semaine de mobilité am September. Mee och d'Schülerinnen an d'Schüler aus enger Diddelenger Grondschoul maachen zesumme mat der Police eng Vitesskontroll an halen dann d'Autoen un. Wa se conforme sinn, kréie se e klenge Kaddo. A wa se ze séier ënnerwee sinn, da kréien se och e Kaddo. Mee deen ass da méi sauer. Dat kann zum Beispill eng Zitroun sinn an deen, wou se sech dru gehalen huet, dee kritt dann eppes Séisses.

Voilà, dat wär et vu menger Säit. Fir Detailfroen ass eise Pit vum Service Circulation hei, déi déi ganz Deviatiounen an d'Verkéiersreglement och ausgeschafft hunn. A wann dann dozou Froe sinn, mengen ech, kann hien Iech op alles am Detail äntweren. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann iwwerhuelen ech nach eng Kéier. Merci, Claudia, fir d'Virstellung an d'Presentatioun vun deenen zwee Reglementer, déi quasi intimement liées sinn. An dann ass et elo un de Conseillere fir dann effektiv Stellung dozou ze huelen, respektiv Froen ze stellen, wann dat de Fall soll sinn. An ech gesinn den Här Martini, deen ausstreckt. Här Martini, Dir hutt d'Wuert.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci. Merci fir déi flott Presentatioun. Merci fir d'Pläng Pit, déi s de ons geschéckt hues, och dee verbesserte Plang herno, mat de Schëlder drop, wou mer besser Iwwersiicht driwwer haten. Mir schwätzen all Joers iwwert de Vëlosummer hei. Mir hu lo zwee Punkten zesummegeholl. Ech wäert da Stellung huelen och zu deenen zwee Punkten, och soe firwat dass mer bei deem engen éischter dofir sinn a bei deem aneren éischter defavorabel sinn. Fir d'Niddeschgaass, déi wou zou ass, déi ass jo effektiv manner laang zou wéi all déi aner Joren, awer net well mir dat ëmmer esou gefuerdert hunn, mee well e Chantier do ass. Ech wëll just trotzdeem eng Kéier betounen, dass mer net dofir sinn, dass mer d'Niddeschgaass laang zoumaachen, virun allem am Summer net, wou scho manner Leit do sinn. An ech war an enger ganz interessanter Formatioun, wou mer iwwert Business an iwwert lokal Geschäfter geschwat haten. An do war ganz kloer nach eng Kéier gesot ginn, an dat ass elo awer net nëmme fir Lëtzebuerg, dat war wierklech weltwäit, do ass gesot ginn: No car, No Business.

Ech si wierklech fir dass mer sollen d'Mobilité douce fërderen, dass dat soll favoriséiert ginn. Mee et ass en Trend awer weltwäit, dass do, wou s de net mat dengem Auto no bäikënns, dass de Business do net gefërdert gëtt. An dat war am Fong eng Citatioun, déi mech awer e bëssche markéiert huet, well mer awer oft dovunner schwätze fir dann Autoen awer e bësse méi ze ecartéieren. Mee wa mer d'Geschäfter nach wëlle fërderen, déi puer Geschäfter, déi mer am Duerf hunn, déi wou eng gutt Aarbecht maachen, déi wou flott Produiten hunn, an awer ass et an eiser Gesellschaft esou: No car, No Business. An dofir si mer awer fir de Shared Space, dass dee soll ganz op bleiwen, an zwar esou laang wéi méiglech. Dofir wäerte mer deen zweete Punkt dann net matstëmmen, aus eiser Suite logique am Fong, well mer ëmmer fir de Shared Space sinn. A voilà.

Wat de Vëlosummer ugeet, jo, et ass e bëssen all Joer déi selwecht Presentatioun. An heiansdo kritt ee mol déi eng oder aner Iddi dann awer nach dobäi, wat ee kéint besser maachen, wat en net kéint besser maachen. Et ass den nationale Projet, den Datum ass virginn. Mir hate schonn e puermol gesot gehat, dass mer déi Situatioun bei der Gemengeplaz, dass mer déi net ganz favorabel fannen. Effektiv och wa mer dann dem Vëlo am Fong eng Plaz ginn, wou awer relativ wéineg Vëloen awer duerchfueren a schlussendlech d'Geschäfter dorënner awer leiden an och net ganz frou do driwwer sinn. Mir wären éischter dofir, wann deen Zentrum ganz géif Shared Space bleiwen iwwert déi ganzer Period, fir dass da jiddwereen kann do fueren. A Shared Space, do gehéiert de Vëlo jo am Fong och dozou. An dann hate mer nach déi aner Joren och nach gesot, wéi och dëst Joer, et wär flott wa mer géifen de lokalen Tourismus méi mat abannen, vu que dass et en nationale Projet wär, kéinte mer och de lokalen Tourismus méi fërderen oder mir kéinten e méi en Valeur setzen, och wa mer de Floater hunn an déi e puer flott Hoteller, déi mer am Zentrum hunn, ech mengen do kéinte mer awer e bësselchen nach méi draus schafen aus där Opportunitéit.

An dann hutt Der gesot, dass den Zentrum fir de motoriséierten Trafick wäert zou sinn. Just eng kleng Parenthèse nach dozou. An Zukunft wäerte mer dann awer e bëssen Diskussioune kréien, wat elo motoriséierten Trafick ass a wat net. Well dat gëtt ganz diversifiéiert an elo hues de jo och scho Vëloen, déi also eng Immatrikulatioun hunn. A jo, iergendwann muss een dann och do eng Grenz setzen. Wat ass da lo eigentlech nach motoriséiert a wat net? A wat ass eng lues Trottinett? A wat ass eng schnell Trottinett? Well fréier has de Moto oder net Moto. An dat geet elo e bësselche méi auserneen nach, dass mer, jo, herno hu mer verschidde Saachen, déi wäerten duerchfueren an anerer net. Voilà. Am grousse Ganze, de Projet vum Vëlosummer wäerte mer matdroen, mat eise klenge Virschléi, déi mer elo hei nach gemaach hunn. An da kucke mer mol, wat déi aner nach dozou soen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Jo, bon, ech fänke lo mat deem éischten un, dat ass jo dann de Vëlosummer, dee begréisse mer als déi Gréng natierlech, dass mer erëm do derbäi sinn. Et ass ëmmer e flotte Mount, wou d'Leit, déi elo net an der Vakanz si bei reduzéiertem Verkéier op de Stroossen einfach kënnen d'Virdeeler kenneléiere vun der duusser Mobilitéit a sech och e Stéck wäit méi sécher kënne beweegen, fir vun A op B innerhalb

vun Diddeleng ze kommen. Et ass och ëmmer erëm flott fir eis Kanner an deem Prinzip. Dat heescht, och do si mer ëmmer erëm derfir, dass se kënnen a sollen awer selbstsécher duerch d'Diddeleng fueren. A wa mer duerch e Verkéiersreglement sou eppes kënne bewierken, dann droe mir dat natierlech ganz gäre mat. Flott ass, an dat hunn ech scho ganz oft am Gemengerot gesot an och an der Verkéierskommissioun, de Prinzip vun de Vëlosstroossen, deen d'lescht Joer gutt an der Pasteurstrooss geklappt huet an och ukomm ass. An dofir hate mer jo och do gefrot, fir an der Schweitzerstrooss dat kënnen ze maachen. An dat ass och gutt, dass dat konnt zréckbehale ginn.

Dat hei ass e ganz flotten, klenge Schrëtt a Richtung vun dauerhafte Vëlosstroossen. Mir haten an der Verkéierskommissioun jo schonn d'Fro opgeworf, ab wéini mer dauerhaft kéinten a béide Stroossen dat esou reglementéieren. An dat hu mer esou hallef an Aussiicht gestallt kritt, dass ee jo nach en Theema bräicht fir déi nächst Verkéierskommissioun. Bon, dat war den 11. Februar. Mir sinn elo ronn dräi Méint méi spéit a mir wollten awer einfach Bescheed ginn, dass mir prett wieren, dëst Theema unzegoen. Un eis soll et do net leien. Da wier déi heite Ried nämlech och an Zukunft einfach ëm e klengt Kapitel méi kuerz.

Dann. Vläicht just nach des Lobes halber dann d'Vëlosstrooss an der Zukunft erwänen. Da war nach d'Theema vun der Plaz virun der Gemeng, wou jo den Ufank vun der Liberatiounsstrooss e bëssen de Knackpunkt dann och ass. Do hat ech an der Verkéierskommissioun drop verwisen, dass Vëlo Diddeleng jo och de leschte Summer hire Memberen am Fong ofgeroden hat, aus Sécherheetsbedenken am Contre-sens duerchzefueren. Dat gouf och an deem Rapport festgehalen an och elo grad gesot, dat begréisse mer, well dat effektiv geféierlech Situatiounen hätt kënne schafen. Wat awer schued ass, dass keng besser Léisung konnt fonnt ginn, dass eist Duerchfahrverbot am Fong kéint duerchgesat ginn an dass am Fong kéint am Sënn vun der Sécherheet do gehandelt ginn. Nawell wiere mer frou driwwer, wann dëst Joer kéint weider en A drop gehale ginn, ob dat hei Verkéiersreglement konsequent ëmgesat gëtt, dat heescht, dass net onnéideg Autoen trotzdeem iwwert d'Gemengeplaz, also virun der Gemengeplaz, laanschtfueren, well dat dann awer erëm déi Zone de rencontre och iergendwéi onsécher mécht, vu dass jo just d'Awunner an déi Leit, déi Recht dozou hunn derduerch ze fuere sollen do derduerch fueren.

Do hat ech mech dann och gefrot, lo wou et nach eng Kéier erkläert ginn ass, a wou ech nach eng Kéier a Rou d'Reglement konnt kucken, wa mer et als Zone de rencontre reglementéieren, dierfen dann net awer d'Vëloen an d'Trottinetten an d'Foussgänger och am Contre-sens derduerchfueren? Well, dat weess eisen Expert hei warscheinlech besser, wann ech et richteg gelies hunn, ass et eng Cohabitatioun tëscht de Verkehrsteilnehmer an dann ass et am Fong erlaabt. Just dass mer soen et ass net erlaabt, respektiv et ass net recommandéiert. An do wollt ech einfach eng Kéier froen, ech hat do elo net méi genau den Duerchbléck an der leschter Verkéierskommissioun, mee wéi gesot elo an der Preparatioun heirop konnt ech dat nach eng Kéier kucken.

Dann, beim Prinzip vun de Parkplazen hei vis-à -vis, mat deene Backen, Palletten, Bänken oder Änlechem ze bespillen, do hate mer jo schonn eng Kéier dat Ganzt duerchdiskutéiert. Do hu mer och an der Verkéierskommissioun gesot kritt, dass wann d'Commerçanten dat net selwer wéilte maachen, da géing d'Gemeng do méi proaktiv virgoe wéi déi lescht Joren. An do wollt ech einfach froen, ob Dir schonn e bësse wësst, wat dohinner sollt kommen? Well et awer ëmmer e bëssen traureg ass, wann, an dat soen ech als Vëlosfuerer, wann do Parkplaze sinn, déi eidel sinn an déi net gebraucht ginn, kënnt ëmmer de Verdacht, déi wieren einfach ewechgeholl fir ewechgeholl ze ginn. Dobäi hate mer gëschter e ganz flotten Owend wou et ëm Stadtbegrünung gaangen ass, wou een awer gutt Iddien och vun de Bierger hätt, fir esou Plazen einfach ze bespillen. An do wollt ech einfach froen, wou Der do dru seet mat deenen Iwwerleeungen?

Dann, well mer déi zwee Punkten zesumme maachen, géing ech dann och op mäin, eent vu menge Liblingstheemen hei am Sall ze schwätze kommen, dat ass de Shared Space, wou mer am Fong all déi Joren elo frou waren, dass ab 1. Abrëll mëttes zumindest fir déi douce Mobilitéit einfach reservéiert war. A mir freeën eis och dëst Joer drop, dass de Shared Space endlech erëm ab dem Vëlosummer da fir déi douce Mobilitéit reservéiert ass an dat dann och verlängert gëtt eebe bis zum Schluss, wéi dat initial geduecht war. Ech mengen duerch d'Aarbechten ass verständlech, dass dat net elo konnt sinn. Mee am Moment gesäit een einfach, dass et wierklech schrecklech ass duerch d'Duerf ze trëppelen, ze lafen, mam Vëlo ze fueren oder op enger Terrass ze sëtzen. Also dat kritt den Här Martini mer wierklech net erkläert, wat dorunner schéin ass.

Ech menge wann Der déi lescht Zäit eng Kéier duerch dat Duerf getrëppelt sidd, mëttes, dat ass Stousssstaang widder Stousssstaang, dat ass Gestank, dat ass Aggressivitéit, dat ass awer trotzdeem e wéinegt Versteesdemech fir Foussgänger, déi op egal wéi enger Plaz wëllen iwwert d'Strooss goen. Dat ass kee Versteesdemech fir Vëloen, déi am Contre-sens derduerchfueren. An deen No Car, No Business. De Car kann ënnerierdesch, super confortabel ouni naass ze ginn, matten am Zentrum vun Diddeleng stoen, wat eng riseg Chance ass, wat e Risenatout ass, an de Wee vun dem Souterrain bis hin zu deem leschte Buttek ass net esou wäit wéi an der Belle Etoile vun der leschter Parkplaz bis bei deen éischte Buttek, an och do ass Business machbar, soss géifen déi Verkafszentren net esou gutt fonctionéieren. An dofir, ech verstinn dat do einfach net, mee konservativ Iddie si vläicht och éischter an der DNA vun anere Parteien. Ech soen op jidde Fall Merci fir déi doten Diskussioun all Joers ëmmer erëm a mir freeën eis op jidde Fall drop, wann erëm méi Liewen am Duerf ass. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech fille mech zwar elo e bëssen onwuel op déi konservativ Iddien hei ze follegen. Mee ech muss se jo och net deelen. Ech fänken dann och mam Vëlosummer un. Mir stëmmen dat selbstverständlech och mat, dee Familljentour. Dee probéieren ech dëst Joer dann och emol eng Kéier aus, da kucke mer wéi flott dee ginn ass. Dass d'Ribeschponterstrooss all Joer zou ass, dat ass och, ech mengen do si mer eis heibannen alleguerten eens, dass dat flott ass, dass dat eng gutt Saach ass.

Bei de Rues cyclables hu mir eis och gefrot, wann een déi ëmmer nëmmen ee Mount laang iwwert de Vëlosummer mécht, ob dat déi beschten Iddi ass, well ob d'Autofuerer da wësse wat dat ass, eng Rue cyclable? Also ech schaffen zu Bouneweg, do gëtt et där dauerhaft an d'Leit wësse mol net wéi et fonctionéiert. Dowéinst froen ech mech ëmmer, wa mer dat just ee Mount d'Joer maachen, ob dat déi beschten Iddi ass. Dowéinst si mir dann och prett, wéi déi Gréng, fir vläicht driwwer ze schwätzen do verschiddener dauerhaft ze maachen. Ech mengen, dass d'Pasteurstrooss do eng gutt Saach ass, d'Verlängerung an d'Schweitzerstrooss och. Mee si mer éierlech, also d'Schweitzerstrooss ass mengen ech elo net dee gréisste Problem, wat de Verkéier ugeet, do trauen ech mech souguer mam Vëlo ze fueren.

Wa mer an den Zentrum kommen, do hu mer jo dann déi ganz Foussgängerzon, nenne mer se elo mol, déi fir da jo souwisou zou ass. An dann hu mer fir de Vëlosummer just nach deen Deel bei der Gemengeplaz, deen iwwerschafft gëtt, wou mer da kucke wéi et dëst Joer fonctionéiert. Ech hat och d'lescht Joer schonn d'Fro gestallt, wat mer mat deene Parkplaze maachen. Ech mengen do gëtt et Iddien. Am flottste wier et natierlech, wann d'Leit, déi do Commercen hunn, sech déi selwer géifen accaparéieren. Mee wa mer gesinn, dass dat net geschitt, mengen ech, dass et do effektiv Optioune gëtt, wéi einfach soss déi verluere Plaz do einfach leien ze hunn. An effektiv gëschter sinn do ganz flott Iddien opkomm am Biergerrot. An do kann ee bestëmmt déi eng oder aner iwwerhuelen.

Mir hunn eis awer am grousse Ganze gefrot, firwat mir als Gemeng beim Vëlosummer matmaachen. Ass et einfach, well et eng national Campagne ass? Oder well Vëlo Diddeleng soss géif mat de Fändelen op d'Strooss goen, wa mer net géife matmaachen? Oder ass et, well mer wierklech wëlle Leit, méi Leit motivéieren, am Summer Vëlo ze fueren? Well soss froe mer eis, wa mer all Joer awer dat selwecht maachen, an d'Madamm Dall'Agnol sot, et ass eigentlech näischt Neies. Misst een dann net vläicht awer experimentéieren a kucken? Well wa mer elo am Zentrum kucken, dat Eenzegt, wat am Vëlosummer ännert, dat sinn déi 200 Meter virun der Gemeng u sech. Ech mengen net, dass doduerjer elo ee méi op de Vëlo wäert klammen am Summer, wa mer éierlech sinn. D'Ribeschponterstrooss vläicht. Mee do menge mer, dass een an den nächste Jore vläicht nach kéint e bësse kucken, ech si mer sécher, dass genuch Leit hei an der Stad Iddien hätten, Vëlo Diddeleng huet ëmmer Iddien, mengen ech, fir ze experimentéieren a fir dat Ganzt eeben e bëssen auszebauen an Zukunft. Mee selbstverständlech ënnerstëtze mir dat.

Da ginn ech och direkt op den zweete Punkt. Mir sinn och e bëssen enttäuscht, dass et eeben dëst Joer net éischter méiglech war, well elo d'Wieder ass gutt. An ech ginn dem Här Steffen Recht, de Moment ass et net esou flott. Wann ee gewinnt ass, dass een dat kann zoumaache fir d'Autoen, da weess ee mol wéi flott et ass an da gesäit een och wéi schrecklech et ass, wa wierklech een Auto no deem anere steet. Bon, et ass dëst Joer net anescht méiglech. Also, mir wëssen dat. Et ass awer schued. Mir kënnen awer soen, dass et schued ass, dass et net méiglech ass. Mee dowéinst ënnerstëtze mer dat selbstverständlech, fir dann och herno nees dat zouzemaachen. Villmools merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Majo, mir begréissen och de Vëlosummer a mir gesinn och ëmmer méi Vëloen, déi hei duerch Diddeleng fueren. Ech ginn elo net méi an op déi verschidden Detailer, déi elo hei vun deenen dräi anere Parteien och gesot ginn. Ech menge mir deelen e groussen Deel dovunner. De geféierlechste Punkt war effektiv d'Gemengeplaz. An do kucke mer, wéi et dëst Joer geet mat der Weiderféierung. Op där anerer Säit begréisse mer awer och déi lokal Police an an der Hoffnung eebe grad dee Punkt, deen ee Moment ugeschwat ginn ass mat den Trottinetten, déi mat Vitesse kommen, déi méi geféierlech si wéi munch Vëloen, elektresch Vëloe souguer, sinn déi elektresch Trottinetten an der Hoffnung och, dass mer duerch déi lokal Police vill méi Beobachtung kréien an eeben Aktivitéit vun hinne kréien, fir vläicht do Saachen ze bremsen an ze kontrolléieren.

Elo zu dem No Car, No Business, fir deen zweete Punkt, zum Shared Space sinn ech e bëssen iwwerrascht, Här Martini, an ech wär immens frou, wann Der et e Rapport vu Paräis géif ginn, wou grad a Paräis vill Autoen aus der Stad erausgebannt ginn a vill méi Vëloen an d'Stad erakommen, wär ech emol frou, wann Der eis sot, wéi Äre Summer dann dëst Joer do ass, well grad grouss Stied wéi Amsterdam, Paräis, Kopenhagen a Barcelona maachen eebe genau de Contraire. Dofir war ech elo e bëssen iwwerrascht, an ech mengen hei an Diddeleng hu mer awer eng immens flott Léisung fonnt, dass mer direkt op zwou Extremitéiten zwee grouss Parkingen hunn, an zwar deen am Duerf an de Match-Parking, deen nach ëmmer de Match-Parking wäert bleiwen, wou mer awer vum Match-Parking bis bei den nooste Buttek 50 Meter hunn an op där anerer Plaz mengen ech kommt der an engem Buttek eraus. Ech menge méi no geet et wierklech net, dass der hei an Diddeleng kënnt parken an an e Buttek kommen. Voilà, mir begréissen also de Shared Space a freeën eis och dann op déi nächst Joren, wann en erëm vill méi laang a senger Dauer ass. Voilà, dat war et.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madamm Dimmer. Ech kucken hei nach an der Ronn op nach eng aner Partei wëll Stellung dozou huelen. Dat ass net de Fall. Här Martini, Dir gouft ugeschwat.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci. Ganz kuerz, Madamm Dimmer, ech hätt Iech immens gär eng Äntwert drop ginn, mee ech krut schonn e puermol gesot, Diddeleng wär net Paräis. Dofir hunn ech mech op déi Déngen eko net virbereet an ech kann och keng Positioun dozou huelen. Et deet eis elo leed, Diddeleng ass Diddeleng. A mir sinn, wat mer sinn hei. Voilà.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Mir sinn dat, wat mer sinn a mir wëlle bleiwen, wat mer sinn. An ech soen ëmmer Diddeleng ass net Paräis, virun allem wann et ëm den Tourismus geet. Mir hu leider keen Arc de Triomphe a keen Eiffeltuerm ze verkafen. Mir mussen eis mat eisem schéine Waassertuerm an eisem Floater zefrid-

de ginn. An da fänken ech och direkt un, ech mengen eise Service Communication huet matkritt, datt een dat vläicht kann e bësse besser vermaarten am Kader vum Vëlosummer. Da bleiwen ech direkt beim Här Martini.

No Car, No Business. Ech mengen do ënnerschreiwen ech dat, wat d'Madamm Dimmer an den Här Steffen och elo gesot hunn, dat passt eigentlech net op Diddeleng, well mir hunn e groussen ënnerierdesche Parking, wou s de praktesch am Buttek erauskënns an de Fohrmannsparking, wann s de nu wierklech net ganz schlecht zu Fouss bass, mengen ech, packs de dat och nach bis bei deen éischte Buttek oder bis an d'Niddeschgaass. A mir hu jo och de gëllene Mëttelwee deemools fonnt, nämlech datt moies d'Leit nach kënne mam Auto, fir déi, wou et wierklech wëllen, déi et wierklech mussen hunn, op deene puer Parkplazen, soen ech awer trotzdeem, déi an der Niddeschgaass sinn, mee déi dat wëllen, respektiv eppes méi Gréisseres musse siche goen, déi kënnen dat jo och nach ëmmer moies maachen. Et ass jo net esou, datt mer gesot hunn, hei et däerf elo kee méi eran. Dofir hu mer jo dee gëllene Mëttelwee u sech gesicht. Deenen enge schmaacht deen net, well op ass. Deenen anere schmaacht deen net, well mëttes zou ass. Voilà, mir ginn dovunner aus, datt dat doten eppes ass, mat deem jidderee sech kann ausenanersetzen an och domadder ka liewen. Bon, d'Police mengen ech kennt hire Code de la Route an déi wëssen och wat am Gesetz steet. A wann déi ee fannen, deen net konform ass an eigentlech net däerf doduerch fueren, dann ass et un der Police, deen natierlech och ze protokolléieren. A wa se dann do sinn a se gesinn een, da wäerte se dat sécherlech och maachen.

Den Här Steffen ass op d'Vëlosstroossen agaangen, datt si prett sinn. D'Madamm Thoma sot dat nämmlecht. Bon, mir sinn och prett. Allerdéngs ass et, wéi mat Villem, mir brauchen och nach en Avis vun der staatlecher Verkéierskommissioun. An da kucke mer weider. Mir hunn Iech versprach, datt dat Theema an enger nächster Verkéierskommissioun wäert sinn. A mir hoffen, datt mer et kënne souguer an déi nächst huelen. Am Noutfall kënne mer och eng Kéier eppes presentéieren, ouni den Avis ze hunn. Mee da kommt herno net jäizen, wann et net kann esou ëmgesat ginn, well den Avis net deem entsprach huet, wat mir eis eigentlech ausgeduecht hunn a wëlle proposéieren. Dir hutt gesot hei virun der Dier, also u sech virun der Gemengeplaz, datt keng besser Léisung fonnt ginn ass. Bon, ech mengen an zwou Kommissiounen hu mer do en Tour driwwer gedréit, wou mer iwwert de leschte Vëlosummer geschwat hunn a wou mer iwwert dëse Vëlosummer geschwat hunn. Wann een eng besser Iddi huet, moi je veux bien, mee och hei hu mer deemools de gëllene Mëttelwee fonnt, well do och an der Verkéierskommissioun e bësse wéi hei verschidde Meenungen openee geprallt sinn. A mir hunn eis eebe fir dat entscheet, wat ech elo grad presentéiert hunn, well dat eeben an der Verkéierskommissioun konsensfäeg war.

Zu de Parkplazen hei virun der Dier an der Begréngung, dat hunn ech an déi kompetent Hänn weidergi vun eisem Ëmweltschäffen an eise Service sëtzt duerch Zoufall och grad do, déi hunn dat och héieren. Ech mengen d'Madamm Thoma ass och drop agaangen, datt eigentlech dat Ideaalst wär, wa mir dat net misste maachen, mee wann déi Commerçanten, wou do wären, sech géifen déi Plaz huelen a selwer eppes géife maachen. Sief et hir Terrass méi grouss maachen oder selwer vläicht mat enger flotter Iddi kéimen. Dat ass awer net ëmmer de Fall, obwuel eis Servicer dohinner ginn, hinnen dat erklären. Ech kommen da mat mengem Sproch „D'Kou kanns de bei den Trach féieren, saufe muss de selwer". Mir kënne keen zu iergendeppes forcéieren a mir mussen dann eebe kucke wien net matécht an dann och vläicht e bësse spontan kucke wéi mer dat vläicht méi flott hikréien.

Dann, jo, och mir fannen et schued, datt eeben de Shared Space net éischter konnt hallef zougemaach ginn. Mee wat ass d'Alternativ? Ech mengen Dir wësst ganz genau, datt déi Conduite de refoulement muss geluecht ginn. Mir hu laang mat den Datume gespillt. Du muss laanscht zwee Congé collectiffe kommen. Du muss am beschte laanscht schlecht Wierder kommen, well soss hues de Tonnen Imprevuen op deem Chantier. An ech muss soen, dat do ass ee vun deene Chantieren, wou relativ gutt, relativ séier an ouni allze grouss Virkommnisser gelaf ass, soudatt mer och méi wéi sécher mat Zäit wäerte fäerdeg sinn, wat Der wësst, wat net ëmmer bei engem Chantier de Fall ass. Wou mer och praktesch vun den Awunner keng Reklamatioune kruten, well et an engem gudden Dialog war mat deene wou do geschafft hunn. Soudatt mer extreem frou sinn, datt mer deen doten Deel elo hannert eis hunn an d'nächst Joer da kënnen eise Shared Space wéi gewinnt erëm zoumaachen. Voilà.

Da mengen ech, hätt ech alles gesot. Vläicht nach zu deene Rue cyclabelen. Dat hat ech scho gesot. Ech mengen, mir hunn elo mol getest, wéi dat iwwerhaapt beim Diddelenger ukënnt, well et huet kee Wäert eppes ze maachen, wat vu kengem Mënsch akzeptéiert gëtt. An ech muss och soen, et huet kee Wäert, eng Strooss an eng Rue cyclable ëmzewandelen, just fir se an eng Rue cyclable dann ëmzewandelen. An du kënns hannen néierens eraus. Du kënns net op e Vëloswee oder du kënns einfach net weider. Vun dohier, wéi gesot, dat dote war eng Testphas. Déi ass d'lescht Joer gutt ukomm. Ech ginn dovunner un, datt se och dëst Joer gutt ukënnt. An da kënne mer natierlech gäre e Schratt weider goen. An da mengen ech sinn ech doduerch. An et war nach eng Fro vum Här Steffen un eise Pit.

PIT DEMUTH, SERVICE CIRCULATION: Bonjour vu menger Säit och, Merci fir d'Wuert. Ech fänken awer elo net direkt mat der Fro vum Här Steffen un. Ech gi fir d'éischt op d'Fro vum Här Martini an, vu wat ass motoriséierte Verkéier? Ech mengen dat ass am Code de la Route ganz kloer definéiert. Alles wat muss op eng Kontrollstatioun ass motoriséierte Verkéier. Dat heescht och alles wat iwwer 25 Kilometer an der Stonn fiert, muss jo op eng Kontrollstatioun goen, muss eng Plaquette kréien. An do ass et jo och mat der Helmflicht. Dat heescht och do ass da séier d'Differenz gemaach, wat motoriséierte Verkéier ass a wat net.

Just eng kleng Anekdot. Net méi spéit wéi gëschter huet d'Police souguer bei ons an den Atelieren op der Lëtzebuergerstrooss d'Trottinette kontrolléiert, well déi do séier iwwert den Trottoir gefuer sinn. An ech mengen déi fënnef

Minutten, wou ech hinnen nogekuckt hunn, hu se der e puer Stéck erwëscht. Just dozou. Jo, an dann zu Zone de Rencontre. Här Steffen, Dir hätt scho bal selwer d'Äntwert ginn, et ass erlaabt en contre-sens ze fueren. Et ass just elo hei op der Gemengeplaz, wäerte mer et net recommandéieren, aus deene genannte Grënn, wéi Der schonn opgezielt hutt. Ech mengen dat war lo vu menger Säit aus.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci nach eng Kéier fir déi dote Prezisiounen. Da wär d'Diskussioun fäerdeg. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn, separat Votten. Da fänke mer als éischt mam Vëlosummer 2026 un.

***Wien ass mat deem Verkéiersreglement averstanen? Vertraut Unanimitéit***, da soen ech Iech villmools Merci.

An da gi mer eriwwer, de Règlement temporaire an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte. ***Wien ass mat deem averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun déi Gréng, LSAP, DP, ADR, déi Lénk. Wien enthält sech? Wien ass dergéint? Dat ass d'CSV.*** Villmools merci.

**2.3. Approbatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement fir d'Aarbechten um Stade Jos Nosbaum**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, och erëm e Verkéiersreglement. Dir wësst, datt mer de 14. Februar hei am Gemengerot den Devis gestëmmt hu fir d'Tribünen um Nosbam ze erneieren. An de Chantier geet dann och elo endlech lass, an zwar ufanks Juni. Wat seet elo dat Reglement? Ech mengen ech ginn elo net op dee Projet an, dee krut Der hei virgestallt, wéi gesot, de 14. Februar. Wat seet elo d'Reglement? Well mir mussen e Verkéirsreglement huelen, vu datt do e Chantier ass. De Chantier, dee gëtt vun der Rue des Fleurs aus ugesteiert. De Wee, Chemin 15, um generelle Verkéiersreglement, kënnt Der deen esou erëmfannen, iwwert de Roudebierg zwëschent der Rue des Genêts an der Rue des Fleurs gëtt am Sens unique vun der Genêts an d'Rue des Fleurs reglementéiert.

An de Fuerverbuet fir d'Chantiersgefierer beim Parking Roudebierg gëtt opgehuewen. D'Vëloen an d'landwirtschaftlech Maschinnen, zum Beispill d'Trakteren, déi däerfen natierlech weiderhin am Sens-unique matfueren, dat heescht d'Gefierer vum Chantier an och d'Liwwerunge fir dee Chantier fueren an der Rue des Genêts eran, dem Sens-unique no, iwwert de Roudebierg bis bei de Multistade, an do liwweren se dann of an do däerfe se sech dann och parken. Duerno fuere se da weider de Sens-unique bis ënne bei d'Rue Stade Jos Nosbaum, wou se an der Rue de la Libération dann eebe kënnen ofbéien. D'Awunner vun 63-79, Rue des Fleurs mussen net natierlech dee groussen Ëmwee fueren a kënnen normal ënne vun der Rue des Fleurs eropfueren, bis eebe bei hiert Haus oder hir Wunneng.

Fir awer elo ze vermeiden, dass d'Elteren hir Kanner bis bei déi iewescht Paart an der Rue des Fleurs vum Schoulhaff vun der Schoul Däich bréngen, gëtt dësen dann och fir de Public gespaart. Idem dann och de Multistade. Hei wäert nämlech d'Installation de chantier mussen dropkommen. Dir wësst, bei engem gréissere Chantier muss och fir déi Saachen ëmmer eng Plaz fonnt ginn. D'Eltere mussen dann hir Kanner ënne bei der Kräizung vun der Rue des Fleurs an der Rue Stade Nosbaum erausloossen. Falls se dann awer nach ëmmer mengen, onbedéngt mam Auto ze kommen an iwwert de Park oder iwwert de Stade Jos Nosbaum, musse se dann zu Fouss eropgoen.

D'Circulatioun vun de Gefierer, déi gëtt dann och esou gesteiert, dass keen Trafick ass wann d'Schoul ugeet a wann d'Schoul ophält, fir dann eeben hei och net a Konflikt mat de Schülerinnen a Schüler ze kommen. Wéi gesot, de Chantier soll ufanks Juni, et ass elo emol ugeplangt de 4. Juni, lassgoen. Et dauert viraussiichtlech sechs Méint an dat, mengen ech, war et eigentlech schonn zum Verkéiersreglement. A wéi gesot, wann nach Froen zum Verkéiersreglement sinn, ass de Pit nach ëmmer hei a weess och sécherlech op alles eng Äntwert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech wollt just froen, d'Leit, déi op den Hondsterrain komme mussen, dierfen déi och déi Deviatioun do fueren oder wéi ass dat mat deene Leit? Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Jo, also mir waren e bëssen erstaunt, wéi mer elo hei dës Presentatioun, dëse Punkt op den Ordre du jour gesat kritt hunn, well, wéi d'Madamm Dall'Agnol gesot huet, mir hunn de 14. Februar 2025 en Devis gestëmmt fir « Reconstruction des tribunes Stade Nosbaum ». Elo hei steet awer am Wording, dass mer hei, « considérant qu'à l'occasion des travaux de mise en conformité des gradins au Stade Jos Nosbaum » dëst Reglement stëmmen, eng Mise en conformité. Do weess een, do kritt een och aner Subsiden. Mir wësse jo och, dass et e komplett anere Cas de figure am Fong ass, wéi dat wat mer gestëmmt haten, well, dat huet ee jo och gesot kritt, dass nom éischten Devis, dass do déi Aarbechten net esou ulafe konnten, wéi ee sech dat geduecht huet, well een och do net déi richteg Firmae fonnt huet, an do gouf et e bëssen Differenzen.

An am Januar, den 28. Januar 2026 war an der Press ze gesinn, dass mer en Avis de marché lancéiert haten als Gemeng, fir eng Rénovation des gradins. Also mir hunn Devis gestëmmt vun enger Reconstruction. Hei schwätze mer elo vun enger Mise en conformité. Mir hunn awer en Avis de marché lancéiert, fir eng « Rénovation des gradins de la tribune de face ». En plus hu mer do bis elo nach net gesot kritt, si mer dës Kéier fündeg ginn? Hu mer Firmae fonnt, déi dat dann och elo maachen? Wéi vill wäert dat eis kaschten? Si mer nach am Devis mat dran? An elo, dat Éischt, wat mer awer elo hei presentéiert kréien, éier mer elo gesot kritt hunn, jo, mer hunn awer elo Firmae fonnt an et gëtt vläicht méi deier, et wäert warscheinlech méi deier ginn, vu que dass ëmmer alles méi deier gëtt, fänke mer elo mol hei u mat engem Verkéiersreglement.

Also mir fannen dat elo e bësse komesch. A mir wäre frou, wa mer do Explikatioune géife kréien. Éischtens emol, si mer fündeg gi bei där neier Ausschreiwung, déi jo awer eréischt dëse Januar war? Bleiwe mer bei deenen dach komplexe Projets de construction wéi dat sollt sinn, wéi mer

dat am éischten Devis virgestallt kritt hu bei den Diskussiounen, dass do e Kran kënnt, deen e Kran op enger Plattform muss eriwwerreechen, well mer do eng geschützten Zon hunn. Also mir hätten et méi sënnvoll fonnt, mir hätten elo mol fir d'éischt iwwer déi nei Pläng, wann et der da ginn, geschwat, an och vläicht iwwer de Projet selwer, éier mer elo hei e bësse virun de Won lafen a lo mol hei e Stroossereglement mussen hei matstëmmen. Mir fannen dat e bëssen onkohärent. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen? Neen. Da géif ech vläicht dem Claudia d'Wuert zréckginn, oder respektiv dem Pit, an da ginn ech herno drop an.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ech mengen de Pit kann direkt op déi Geschicht vum Hondsterrain agoen an dann, jo, dann hätte mir, wat d'Verkéiersreglement ubelaangt, alles gesot, well dat ass deen Deel, firwat de Pit an ech eigentlech de Moien hei an dee Gemengerot mat deem Reglement komm sinn, fir datt dee Chantier kann ugoen.

PIT DEMUTH, SERVICE CIRCULATION: Ons Kolleege vum Hondsterrain, déi musse leider dann och mat Deviatioun fueren. Mee déi hunn dann eng Berechtegung, fir kënnen iwwert de Roudebierg ze fueren, déi zielen dann iwwert Riverain. An et wollt och soen, et ass och mam Fierschter ofgeschwat, dass mer kënnen duerchfueren, well et jo am Fong gi mer jo iwwert e Feldwee, mee de Fierschter weess Bescheed an deen huet och dofir ons den Accord ginn, dass d'Chantiersgefierer kënnen do driwwer fueren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Da géif ech vläicht op dee Punkt agoen, wat d'Aarbechten ugeet. Also déi Duerstellung, déi Der elo hei esou gemaach hutt, d'Madamm Kayser, déi ass net esou richteg, dass dat mat den Aarbechten net gestëmmt hat. Ech hat och eng Kéier en marge vun engem Gemengerot eng Kéier am Huis clos, eng Kéier eng Rei Erklärunge ginn, oder souguer an enger Séance publique, wat d'Gradine vum Stade Nosbam ugeet. Mir haten deen Devis jo hei am Gemengerot gestëmmt fir d'Gradinen. Do ass eng Ausschreiwung gemaach ginn, selon les règles de l'art, sou wéi d'Gesetz dat virgesäit mat dem Marché public. A mir hunn effektiv Offeren erakritt, déi 40 % iwwert dem Devis waren. Mir hunn eis och do un d'Prozedur gehalen. Dat hat ech och hei am Gemengerot gesot. Dofir ass Är Duerstellung awer net richteg. Mir hunn eis do un d'Gesetz gehalen. Mir hunn d'Soumissiounskommissioun saiséiert. Dee Marché ass deementspriechend annuléiert ginn. Mir hu frësch ausgeschriwwen.

An ech hunn elo net méi spéit wéi dës Woch de Firmen oder enger Firma, wéi gesot, déi den Zouschlag kritt huet, déi largement ënnert dem Devis läit. Déi aner, effektiv, leien iwwert dem Devis. Déi hunn natierlech do, wéi d'Gesetz et virgesäit, d'Marchés-publics-Gesetz, och d'Méiglechkeet, Asproch ze huele vis-à-vis vun der Decisioun, déi geholl gouf zu dem Zouschlag, souwéi d'Gesetz et virgesäit. Dofir mengen ech si mer en ligne mat deem heiten, well wann alles gutt geet, kënnen Enn Mee normalerweis d'Aarbechten hei lassgoen. Dofir si mer hei an engem richtege Phasage, an där Chronologie, déi mer eis ginn hunn, fir dass am Fong, wann elo keen Asproch kënnt, domadder kann een ëmmer rechnen, et muss awer net sinn, mee wa kee kënnt, dass mer da fristgerecht Enn Mee mat den Aarbechte ronderëm d'Renovatioun, respektiv d'Erneierung vun de Gradine vum F91, dass mer déi Aarbechte kënne maachen.

Also hei hu mer eis ganz kloer un déi verschidden Etappe gehalen. An ech muss soen, et ass jo och gutt, dass mer dee Marché annuléiert hunn a frësch ausgeschriwwen hunn, well mer elo largement drënner leie par rapport zum Devis, dee mer am Gemengerot gestëmmt hunn. A mir hu souwisou jo nach eng Reunioun zesumme geplangt hei am Gemengerot, wou mer generell iwwert d'Projete wäerte schwätzen. An do kann een och méi am Detail dann och op den Zouschlag do wéi och op aner Projeten nach agoen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Explikatiounen. Just dann nach eng Detailfro. Dat heescht, et gëtt elo esou gebaut, wéi mer et och am éischten Devis gestëmmt hunn? An dann awer nach just zum Wording, well mer en Devis gestëmmt haten zur Reconstructioun, an hei steet eng Mise en conformité. An ech hu mer soe gelooss, wann et eng Mise en conformité ass, dat ass ëmmer e bëssen eppes aneschters, also do kriss de och zum Beispill aner Subsiden. Oder ass dat einfach en Detail? De Wording ass net wichteg?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also de Wording ass elo hei net wichteg. Also mir kréien hei, dat heiten ass elo par rapport am Fong zum Verkéiersreglement. Ech mengen dat wat zielt, ass jo dat, wat mer hei am Gemengerot gestëmmt hu par rapport zu de Gradinen. An, wéi gesot, déi gi jo komplett fräschgemeet. An do kréie mer 35 % de Subsid vum Sportsministère. Ech mengen dat ass de klassesche Kader, an deem mer eis hei, wéi gesot, befannen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Wann dat awer ee berouegt, kënne mer dee Wording an deem Verkéiersreglement gären änneren. Mee et ass e Verkéiersreglement an ech géif dann och mech dorobber beschränken.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci Här Buergermeeschter, och vu menger Säit nach alleguerten e schéine gudde Moien. An ech wollt awer nach präziséieren, dass de Projet u sech net geännert huet. Deen ass esou wéi mer en erkläert kritt hunn, wéi mer en och an deene verschiddenen Seancen ugeschwat hunn. Et ass esou, dass eis Servicer Gott sei Dank awer do deen dote Move soen ech emol gemaach hunn. Mir hunn awer elo ganz vill Suen a Gelder, ëffentlech Gelder gespuert. Wéi gesot, mir waren 40 % driwwer. Elo leie mer largement drënner, soudass mer do wierklech vill Erspuernesser konnte maachen. An hei war och am Gemengerot eng gewësse Skepsis, ob mer mat deem dote Move géifen e bessere Präis erausschloen. Gott sei Dank ass dat heiten elo gutt ausgaangen. Wéi gesot, wierklech leie mer wäit drënner. An de Projet kann awer duerchgefouert ginn, esou wéi mer en initialement mam Veräin ofgemaach hunn. An och dat

heiten, deen neie Moment, hu mer och mam Veräin zesummen, den Timing nach eng Kéier gekuckt, fir dass dat hinnen och beschtméiglech an hir Preparatiounsaarbechte fir déi nächst Saisonen, oder fir déi nächst Saisonen passt. Dat heescht och do total am Dialog mam Veräin. An dat do ass elo déi beschtméiglech Léisung.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci och nach eng Kéier, och e Complement vun Informatiounen, da sidd Der do um leschte Stand. Ceci dit, musse mer awer, dëst Reglement stëmmen an effektiv nach soen, effektiv wäert et keen einfache Chantier ginn, well hannendrun eng Natura 2000-Zon ass. Mir kréien dat awer hin an et sinn och iwwerzeegt, dass dann den Entrepreneur och mengen ech do säi Bescht wäert maachen. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. Och dem Pit Demuth Merci fir seng Presenz.

# 3. NaturPakt

**3.1. Decisioun iwwer déi nei Plantatioune vun der Gemeng am Milieu urbain nom Punkt 2.7 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt**

**3.2. Schafung vun engem Jardin communautaire no Punkt 2.15 vum Mossnamekatalog vum Naturpakt**

**3.3. Approbatioun vum Konzept fir d'Reduzéierung vun der Liichtverschmotzung fir de Schutz vun der Fauna no Punkt 2.17 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt**

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, mir hunn elo um Ordre du jour den Naturpakt. Dir wësst, mir haten d'lescht Woch en informelle Gemengerot zum Theema Naturpakt, wou mer e ganz Koup Mesuren Iech proposéiert hunn. An haut schwätze mer iwwer konkreet sechs Mesuren, déi mer och schonn e Méinde fir d'lescht diskutéiert hunn. Mir wäerten Iech elo awer nach eng Kéier eng Kuerzfaassung ginn, vu dass mer jo dat de leschte Méinde laang a breet – ënner Gänseféisschen - diskutéiert hunn, kritt Dir elo vun Anik Geschwindt vum Sicona, deem ech Merci soen, eis Naturpaktberoderin, déi sech nach eng Kéier Zäit geholl huet, fir bei eis ze sinn.

An d'Lis Cloos, eis Responsabel vum Service Ecologique, wäerten Iech, wéi gesot, eng Kuerzfaassung maache vun deene sechs Mesuren, déi mer mussen hei verabschiden. Duerno ass natierlech selbstverständlech awer nach Zäit, fir nach déi eng oder déi aner en Nofro ze stellen. An da géif ech proposéieren, dass mer déi sechs Punkten awer eenzel mussen ofstëmmen. Awer mer diskutéieren déi sechs Saachen a presentéieren déi sechs Saachen en bloc. An ech verléiere keng Zäit an ech ginn dann direkt mengen zwee Vis-à-vis d'Wuert, fir Iech déi Punkten nach eng Kéier virzestellen. An da wéi gesot d'Diskussioun an dann duerno d'Vott. Merci.

LIS CLOOS, SERVICE ÉCOLOGIQUE: Merci fir d'Wuert an och gudde Moie vun eiser Säit. Mir deelen eis d'Presentatioun e bëssen op. Ech fänke mat deenen dräi éischte Moossnamen un. An d'Anik Geschwindt vum Sicona wäert dann déi dräi nächst Moossname virstellen. Wéi gesot, mir haten de 27. Abrëll informelle Gemengerot, wou d'Anik engersäits och den allgemenge Fonctionnement vum Naturpakt virgestallt huet, och den aktuelle Stand wou Diddeleng am Moment steet. An eeben och d'Tatsaach, dass mer elo sechs Moossnamen ausgeschafft hunn, wou mer eng Deliberatioun vum Gemengerot brauchen, fir op deene Moossname mat Punkten am Naturpakt och weiderzekommen.

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

Hei eng Kéier d'Iwwersiicht. Do sinn dräi Moossnamen, déi d'Stad Diddeleng u sech schonn uwent, ouni dat eng Kéier esou decidéiert ze hunn, wéi dat vum Naturpakt eng Virgab ass. Dat ass engersäits den Urban Garden, och d'Konzept géint d'Liichtverschmotzung an d'Resilienz vun de Bëscher. Dat si wéi gesot dräi Moossnamen, déi u sech schonn esou bestoen. An déi aner dräi Moossnamen, dat wieren elo éischter nei Moossnamen, déi bäi géife kommen. Mee mat deene sechs Moossname géif Diddeleng dann insgesamt zéng Punkte bäikréien am Naturpakt, wat 4,3 % ausmécht an der Bewäertung vum Naturpakt. Déi éischt Moossnam ass d'Moossnam 2.7 aus dem Beräich Siidlungsraum, wou et ëm déi eenheemesch Planze geet. An do gëtt gefuerdert, dass d'Gemeng fir all nei Uplanzungen eenheemesch Bam- an Heckenaarten asetzt. Stauden oder Blumme falen net ënner dës Reegelung, de Fokus läit explizitt op de Beem an den Hecken. Dëst ass extreem wichteg fir de Liewensraum fir eis eenheemesch Insekten ze erhalen an ze schafen. A fir d'Auswiel vun de passenden Aarte gëtt op verschidde Referenzwierker zréckgegraff. Dozou gehéiert ënner anerem d'Publikatioun Ferrantia vum Colling, déi d'lescht Joer aktualiséiert ginn ass.

Da gëtt och op d'Lëscht vun der Klima-Agence zréckgegraff, fir déi net eenheemesch, awer standuertgerecht Bamaarten, fir extreem Standuerter am Siidlungsraum. Jo, d'Zil vun dëser Approche ass et eeben d'Biodiversitéit ze stäerken. Mat dëser Moossnam géife mer dann ee Punkt bäikréien.

Moossnam 2.15. do geet et ëm den Urban Garden an do geet et u sech dorëms, dass d'Gemeng Urban Garden-Projeten ënnerstëtzt, dëst awer ouni Pestiziden, ouni syntheeteschen Dünger oder Torf. An de Projet muss eeben och méi wéi just aus e puer Hochbeeter bestoen. Dat heescht et soll schonn een zesummenhängende Gaart sinn. Dëse Gaart besteet zu Diddeleng scho säit 2018, e besteet nieft dem VEWA um Site NeiSchmelz a gëtt och säitdeem vun der Gemeng finanziell ënnerstëtzt.

Dann d'Moossnam 2.17. hei geet et ëm d'Konzept géint d'Liichtverschmotzung. An de Fokus läit dobäi dorop, d'Déierewelt net duerch falsch oder onnéideg Liichtquellen ze beaflossen. Dëst Konzept gouf och schonn 2024 ausgeschafft a vum Schäfferot ugeholl a säitdeem och aktiv ëmgesat. Et ass esou, dass d'Beliichtung esou geplangt gëtt, datt nëmmen dat beliicht gëtt, wat och effektiv muss beliicht ginn, fir esou ze verhënneren, datt Liicht onnéideg an den Himmel oder an natierlech d'Gebidder straalt. Nei Installatioune sinn sou konzipéiert, datt si kee Liicht no uewen ofginn. Zousätzlech gëtt d'Beliichtung nëmmen dann ageschalt wa se gebraucht gëtt a si gëtt un d'Zäit vun der Notzung ugepasst, ugepasst fir en energieeffizienten Asaz ze garantéieren. Vun all de Liichtpunkten, déi der Stad Diddeleng gehéieren, kënnen aktuell 37 % gedimmt ginn. An dat tëschent 11 Auer owes a 6 Auer moies. D'Luuchten, déi benotzt ginn, déi mussen och eng waarm Luuchttemperatur hunn, vu maximal 3000 Kelvin a se mussen och e reduzéierten Index de Rendu des couleurs, kuerz IRC, hunn, fir esou den Impakt op d'Déieren an d'Natur sou kleng wéi méiglech ze halen. Voilà, fir déi nächst Moossname ginn ech dem Anik d'Wuert. Merci.

**3.4. Approbatioun vum Konzept fir déi extensiv Gestioun vun de Feldweeër no Punkt 3.7 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt**

**3.5. Bäitrëtt zur Flosspartnerschaft fir den ieweschte Baseng vun der Uelzecht, no Punkt 4.12 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt**

**3.6. Approbatioun vun engem Resilienzplang fir d'Gemengebëscher no Punkt 5.11 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt**

ANIK GESCHWINDT, NATURPAKT BERODERIN: Dann och e schéine gudde Moie vu mir. Ech maachen dann direkt weider mat der nächster Moossnam. Mir si lo am Kapitel Oppeland, dat heescht déi Moossnam 3.7. Do geet et drëms, datt d'Gemeng e Konzept ausschafft fir eng extensiv Gestioun vun de Feldweeër an den Hecken, déi sech am Oppeland befannen, dat heescht net am PAG. Voilà. Laut Naturpakt ginn et do verschidde Krittären un déi sech d'Gemeng hale soll. Déi hu mer hei opgelëscht. Dat heescht, den éischte Krittär wier dann, datt de Gréngschnatt entsuergt gëtt. Dat hate mer jo och schonn eng Kéier e bësse méi am Detail erkläert. Et geet am Fong dorëms, datt de Gréngschnatt vill Närstoffer an de Buedem integréiert. Dat wëlle mer vermeiden, well nëmmen een Deel vun de Planzen et gär huet. Vill Planzen, déi och op der rouder Lëscht stinn, brauchen e more Buedem. Moer heescht, datt se net vill Närstoffer hunn.

A grad dat wëlle mer färderen domadder. Dann den zweete Krittär wier, datt méi spéit a gestaffelt geméit gëtt. Dat ass am Fong kee Problem. Mir hunn natierlech och mat de responsabele Leit um Terrain geschwat. An der Gemeng Diddeleng gëtt normalerweis eemol am Joer geméit, an zwar Mëtt Juli. Laut d'Naturpakt soll een nom 15. Juni méien. Dat heescht, dat ass guer kee Problem. Gestaffelt bedeit, datt een net alles beienee méit, mee datt een ëmmer e klenge Rescht léisst, wou d'Insekten hi flüchte kënnen. Dat ass och okay. Da soll keen Dünger benotzt ginn, och aus dem selwechte Grond, datt een net nach de Buedem mat méi Närstoffer uräichert. An et sollen och keng Pestizide benotzt ginn. Dat gëtt och net gemaach. Dat heescht, dat ass och okay. An da soll een nach sech un eng naturno Gestioun vun den Hecken halen. Do gëtt et eng ganz Broschür dozou. Voilà, dat ass am Fong och okay vum Service. Wann Der do méi Froen hutt, kënnt Der gären nofroen, mee ech wollt elo do net an den Detail goen.

Fir de Gréngschnatt ze entsuergen, dat war halt ee Problem, soen ech elo mol, wou mer haten, well et net ganz méiglech ass, fir op all de Kilometere vun de Feldweeër dee Gréngschnatt fortzehuelen. Do brauch ee vläicht speziell Maschinnen oder och vill Manpower. An dofir hu mer am Konzept niddergeschriwwen, datt d'Gemeng elo mol e Pilotprojet mécht. Dat heescht, et gëtt elo mol ausgetestet op ee Véierel vun de Feldweeër, dat dëst Joer gemaach gëtt, fir datt d'Gemeng déi éischt Erfarunge sammele kann, fir ze kucken, voilà, wéi en Opwand dat ass, wat vläicht geännert muss ginn. An voilà, dat heescht et ass e Konzept, wou dann och nach ugepasst ka ginn, elo gi mol Erfarunge gesammelt an da gëtt dat, jee nodeem, ugepasst.

Da komme mer bei déi nächst Moossnamen. Do geet et ëm d'Flosspartnerschaft. Dat gouf d'lescht Woch vum Jacques Miersch vum Biomonitor virgestallt, deen dann och de Responsabelen ass vun der Flosspartnerschaft Uelzecht. Jo, elo frot Der eis vläicht firwat soll eng Gemeng Diddeleng do matmaachen, obwuel d'Uelzecht guer net duerch d'Gemeng leeft? Dir hutt halt d'Diddelenger Baach, déi an der Uelzecht mënt, an och kleng Gewässer sinn immens wäertvoll a wichteg, datt déi och ökologesch opgewäert ginn, grad wann ee bedenkt, datt am Moment null Prozent vun eise Gewässer am Land an engem gudde biologeschen Zoustand sinn.

An dann hätte mer nach eng lescht Moossnam, wou de Bësch betrëfft. Dat hat eis jo de Fierschter dann och d'lescht Woch méi am Detail virgestallt. Hei geet et am Fong dorëms, datt d'ANF eng Annex ausgeschafft huet, déi een un den Amenagementsplang vum Bësch drunhänke soll. Do si fënnef Prinzippien, déi d'Gestioun esou ännere soll, datt d'Bëscher méi resilient ginn. Duerch de Klimawandel komme jo vill Problemer op. Eis Bëscher sinn net an engem ganz gudden Zoustand. An dofir solle mer fort vu reng Nolebeem hin zu méi Diversitéit an de Beem, fir datt ee besser virbereet ass op déi Konsequenze vum Klimawandel. Déi Krittäre gi souwisou schonn ugewannt vum Fierschter. Dat bedeit fir hien elo keng grouss Ännerung. Och well Är Bëscher jo och schonn zertifizéiert sinn, sinn déi meescht Krittäre souwisou schonn ëmgesat. Genau, dat wier et dann. Da soe mer villmools Merci fir d'Nolauschteren. A wann Der Froen hutt, da gären.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci Iech zwee fir d'Presentatioun an d'Erklärungen. Elo ass Zäit fir Stellung ze huelen.

MARC MEYER (DP): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert a Merci och nach eng Kéier fir dës Presentatioun. Mir hate jo och schonn d'Geleeënheet, am informelle Ge-

mengerot déi ganz Detailer ze gesinn an och divers Froen ze stellen. Ech begréissen op alle Fall, wéi ech hei héieren och, dass mer ëmmer erëm duerno bestrieft si fir weider Punkten ze fannen, déi mer hei an dësem Sënn kënne verbesseren. An ech menge jidderee weess, dass Natur eppes ganz Wichteges ass, genau wéi d'Aartevillfalt, ob dat elo vun Déieren oder vu Planzen ass. An der Presentatioun, déi mer da viru ronn zéng Deeg kruten, war dann och erwäänt ginn, dass d'Zil, wou mer eigentlech hunn, op déi 60 % ze kommen ass.

A mir wären aktuell bei 49,5%. A wa mer alleguerten déi dote Projeten ëmsetzen, kréie mer natierlech och erëm e Pak Prozenter bäi, wat jo och begréissenswäert ass. Mir haten eng Landkaart gesinn, op däer déi verschidde Gemenge no Faarw drop gemoolt waren. An jee Faarf war dann ze gesinn, a wéi enger Klass vu Prozenter se sech befonnt hunn. An et war eng Gemeng do, déi wäit viraus war. Dat war Beetebuerg, wann ech mech richteg erënneren. An d'Fro, wou ech eigentlech hätt, dat wär, wat wären nach Projeten, déi mer eigentlech, ech wëll net soen, einfach kënnen ëmsetzen, mee méi séier kënnen ëmsetzen, fir awer eventuell domadder schonn nach weider Prozentpunkte bäizegewanne an d'Situatioun vun der Natur dann hei zu Diddeleng och nach kënne verbesseren. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools Merci. Jo, et ass elo scho gesot ginn, dass mer deen informelle Gemengerot haten. Ech mengen dat war och eng gutt Saach, wou ee bësse méi am Detail och zesumme mat der Ëmweltkommissioun dat Ganzt konnt ënnersichen, well déi Memberen an der Kommissioun, déi hu jo do och effektiv hir Iddien an hir Experienzen, déi dann och direkt konnte mat an der Diskussioun mat agebonne ginn. A wann ech mech awer lo net ieren, ass an deem informelle Gemengerot och scho gesot gi vun anere Mesuren, déi amgaang sinn ëmgesat ze ginn, fir eeben déi weider Punkten ze kréien. Dat steet an der Presentatioun, déi mer och kruten. Mir als Lénk fannen et ëmmer, also ob dat elo den Naturpakt oder de Klimapakt ass, d'Logik vun deene Pakten ass ëmmer e bësse speziell, dass ee Mesuren ëmsetzt aus engem Katalog fir Punkten ze kréien.

Wann ee jo eigentlech an der Logik wëll einfach mam Naturschutz a mam Klimaschutz virukommen, et ass esou dann esou ganz comptabilitéitstechnesch op eemol, wou mir eis net esou ganz ëmmer kënnen domadder identifizéieren, mee et huet natierlech awer seng positiv Säiten, well dann zumindest dat gemaach gëtt, wat eeben elo ëmgesat gëtt. Mee et ass ëmmer e bëssen abstrakt, virun allem wa mer jo elo hei Deliberatiounen huele vu Saachen, déi mer eigentlech scho maachen, just fir da kënnen eppes op enger Lëscht ofzehaken a fir déi Punkten ze kréien. Soit, dat ass d'Logik dovunner. Dat ass dann och okay. Mee mir hoffen, dass mer dann awer och als Gemeng och Saache maachen, fir déi mer vläicht keng Punkte kréien. Mir stëmmen dat heite selbstverständlech alles mat.

Ech wollt just op zwee Punkten agoen. Dat eent, dat war schonn am Gemengerot d'lescht Woch gesot ginn, vun engem Member aus der Ëmweltkommissioun. Dat ass déi éischt Mesure mat den eenheemesche Beem an Hecken. An ech wollt dat nach eng Kéier uschwätzen, well dat gëschter um Biergerrot och ganz vill Bierger a Fro gestallt hunn, wa se soen, jo, mee eenheemesch Beem an Hecken, sinn déi dann iwwerhaapt nach en mesure fir mam Klimawandel eens ze ginn? An dat ass jo esou, dat krute mer d'leschte Kéier erkläert, dass dat net just eenheemesch, mee standuertgerecht Beem an Hecke sinn, dass een do kuckt, voilà, dass déi hei an d'Fauna erapassen, mee gläichzäiteg awer och kënne mat deenen Erausfuerderungen, virun deene mer stinn eeben eens ginn.

An dat anert, dat ass de Punkt mat der Flosspartnerschaft. Do ware mer d'leschte Kéier gewuer ginn, dass déi schonn 2013 gegrënnt ginn ass. Mir si bis elo als Diddeleng net Member bei der Flosspartnerschaft fir d'Uelzecht. An do krute mer d'leschte Kéier erkläert, dat wier, well mer jo net direkt un d'Uelzecht grenzen. A mir géifen dann elo Member ginn aus Solidaritéit mat deenen anere STEP-Gemengen. Dat hu mer awer e bësse komesch fonnt, well, wéi elo scho gesot ginn ass, also mir si jo direkt awer och an der Responsabilitéit fir d'Qualitéit vun der Uelzecht, well mir d'Diddelenger Baach hunn, déi direkt an d'Uelzecht fléisst. An déi ass jo wierklech och net wäit ewech vun Diddeleng.

An tëschent der Reunioun vum informelle Gemengerot an haut, hat ech dann einfach d'Chance e Podcast ze lauschtere vum Radio 100,7, deen ech Iech alleguerten och wierklech recommandéiere wëll. An an där éischter Episod vun deem Podcast ass gesot ginn, dass Diddeleng eng vun deene Gemenge war, géint déi schonn an de 60er Joren eng Plainte gemaach gouf, wéinst där schlechter Waasserqualitéit vun der Uelzecht. An deemools huet eigentlech och d'Geriicht, dat ass zwar e bëssen am Sand verlaf, mee deemools huet d'Geriicht scho confirméiert, dass déi Gemengen, dorënner och Diddeleng, och eigentlech responsabel wiere fir d'Qualitéit vun der Uelzecht. Soudass mer scho mengen, dass dat heiten awer elo net just Gutmenschentum a Solidaritéit mat deenen anere Gemengen ass, mee dass mir do och eng Responsabilitéit hunn, déi mir och sollte seriö huelen. Dëst gesot, stëmme mir, wéi gesot, déi Punkten alleguerte mat. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Merci fir d'Wuert. Ech wëll just kuerz soen, datt eis Stellungnam ass éischter eng allgemeng Suerg, déi mer hunn an op kee Fall Kritik un eisem Service écologique. De Service vun der Madamm Cloos ass wierklech e Service, deen immens vill an immens gutt Aarbecht leescht. A mir sinn awer nach ëmmer der Meenung, datt dëse Service, jo, ënnerbesat ass vis-à-vis vun den Erausfuerderunge vun der Zukunft fir deene reell eng Rechnung kënnen ze droen. Mir kënnen eis haut driwwer freeën natierlech, datt wichteg Mesurë fir de Klima-, Natur- a Ressourcëschutz op de Wee bruecht ginn. Jo, et muss een och kloer soen, et wier méi einfach gewiescht, einfach näischt ze maachen. Mee mir wëssen alleguer, datt mëttlerweil näischt maachen ass keng Optioun méi. Mir mussen och op dëser Plaz soen, datt vill vun dëse Mesurë Kärtheeme sinn, déi déi Gréng zënter Jore fuerderen. De Schutz vum Waasser, d'Begréngung vun de Stied, do hate mer och rezent eng Motioun deposéiert fir Jardins ephémèren ze schafen, douce Mobilitéit, erneierbar Energien, manner Versigelung vun de Flächen, de Schutz vun

der Biodiversitéit an de Kampf natierlech géint d'Liichtverschmotzung.

Dat sinn alles Fuerderungen, déi mir scho méi laang hunn, mee mëttlerweil sinn dat och keng Fuerderunge méi, wéi éischter Noutwendegkeete ginn a kee Luxus an deem Sënn. Als Beispill nach eng Kéier déi Fro, déi mer gestallt hate mat der Liichtverschmotzung um Strutzbierg. Mam Resultat, datt am Fong no der Diskussioun hei am Gemengerot sinn am ëffentleche Gebai souzesoen d'Luuchten ausgemaach ginn an och ronderëm hate mer gefrot, datt se solle gedimmt ginn. Mee mëttlerweil wann een do duerchgeet owes, gesäit et awer trotzdeem nach ëmmer erëm esou aus, wéi wann een do am Dag géif trëppelen.

A just eng aner Anekdot. Liicht, Liicht, ech wousst net dat richtegt Wuert, fir ze huelen, vun de Stroosseluuchten am Fong, d'Faarf vun de Stroosseluuchten, déi elo op manner wéi 3000 Kelvin soll gesat ginn. Ech war scho viru 15 Joer als Membre citoyen an der Ëmweltkommissioun an do hunn ech schonn esou oft dovunner gesot, datt mer solle wierklech méi eng déif Zuel huelen. Fir d'Erklärung ass et esou, wat d'Zuel méi héich ass, respektiv 6000, 8000, 10000, wat d'Zuel méi héich ass, wat d'Luucht méi hell, méi grell, méi blo a méi wäiss gëtt. An dat ass natierlech inconfortabel wann een owes duerch d'Quartieren trëppelt an déi Luucht ass esou grell.

Ech verstinn déi Suerg, deemools war et der éischter vu incandescence op LED ze wiesselen, fir Stroum ze spueren. Mee wéi gesot, scho viru fofzéng Joer hunn ech gesot, datt mer solle bei 2000 respektiv 3000 Kelvin bleiwen, well et ass méi angeneem an dat ass eng aner Liewensqualitéit.
De Klimawandel geet och méi séier wéi eis administrativ Prozeduren, Hëtztwellen, Iwwerschwemmungen, Dréchenten an de Verloscht vun der Biodiversitéit sinn haut scho konkret d'Realitéit leider gi fir d'Bierger a Biergerinnen. An all Joer, dat mir verléieren, mécht déi nächst Adaptatioun méi deier, méi schwéier a méi sozial ongerecht.Mee niewent dem Klima musse mir och déi aktuell geopolitesch Situatioun am Bléck halen. Ech weess, mir sinn net hei fir d'Welt ze retten an eisem klenge Gemengerot, soen ech lo mol, mee et seet een ëmmer, Lëtzebuerg wier keng Insel, an Diddeleng ass och keng Insel. Also d'Welt gëtt ëmmer méi instabil, Konflikter, Energiekrisen, gestéiert Liwwerketten, Onofhängegkeet vu bestëmmte Rohstoffer. An d'Realitéit weist et, Stéchwuert, den Detroit vun Hormous. Et ass net nëmmen de Petrol an de Kerosin, deen do blockéiert ass.

Et ass och eng direkt Liewensmëttelketteversuergung, déi betraff ass. Zum Beispill Dünger an aner Ressourcen, déi wichteg si fir eis Landwirtschaft sinn am Moment blockéiert. An dat weist nach eng Kéier, datt mir immens vulnerabel sinn well mer vum Import immens ofhängeg sinn. Dofir musse mir méi wäit goen, dofir soen ech, déi Iwwerleeung, déi Stellungnam ass éischter eng Suerg, musse mir méi wäit goen a méi resilient ginn. Dat bedeit ënner anerem och méi un Urban gardening, méi Gemeinschaftsgäert, kuerz Liwwerketten an eng nohalteg lokal wirtschaftlech Produktioun. Et ass net nëmmen ee Symbol, lokal en Deel vum Iessen ze produzéieren, et ass eng Fro vun Autonomie a Sécherheet. An dës alimentaire Resilienz hänkt direkt vun eiser Biodiversitéit of, d'Kärtheema vun haut. Ouni Bestëbser, ouni Insekten, an dat ass och en Theema, wat mer haut wäerte mat enger Motioun thematiséieren, ouni liewege Buedem an ouni proppert Waasser gëtt eis Liewensmëttelkette méi fragil an ëmmer méi fragil. Jo, déi virgeschloe Mesurë sinn an deem Sënn absolut wichteg, richteg an et geet an déi richteg Richtung. Si verdéngen natierlech och déi néideg Ënnerstëtzung, 100 % vun eis, mee och weider Mesuren, déi musse mir méi séier ëmsetzen an och méi ambitiéis ugoen a méi couragéis ëmgoen, well schlussendlech si mer eis och all eens, datt mer wëllen d'Goldzertifizéierung kréien.

Da wëll ech och kuerz, esou wéi d'Madamm Thoma dat och schonn ugeschwat huet, op den Alzette Contrat de rivière kommen. Et war och immens schued, datt mir eréischt elo am Joer 2026 der Flosspartnerschaft un der Uelzecht bäitrieden, obwuel déi Associatioun schonn 2013 gegrënnt gouf, well wann een esou kuckt, ass eise Site vun Diddeleng een vun deene gréisste Sitte vun der Arbed gewiescht. Dat heescht, mir haten déi industriell Entwécklung déi ganzen Zäit matgemaach a mir waren ee vun deenen Täter, soen ech elo mol, firwat d'Uelzecht och esou verschmotzt gouf. An an deem Sënn ass et wichteg, datt mer eis Responsabilitéit iwwerhuelen an och eise Patrimoine écologique éierlech a richteg analyséieren an déi néideg Konsequenzen zéien. Et kann een och sech legitim déi Fro stellen, wéi ass et och mat der Diddelenger Baach? Mir hunn elo Etüden a mir hunn déi Renaturaliséierung vun der Uelzecht ugepeilt. Mee wéi ass et konkreet hei zu Diddeleng mat der Diddelenger Baach?

Sou, Aktiounen. Ech kommen nach eng Kéier op déi konkreet Mesuren, mat Sauvons Bambi hunn eis immens gutt gefall. Ech muss och soen, virum informelle Gemengerot war et eis net, also mir war et net bewosst, datt mer och esou eppes maachen. A mir waren op eemol esou wäit, datt eis Leit och forméiert goufen a mir och den néidegen Droen dofir haten. Dat ass wierklech eng immens flott Iwwerraschung gewiescht. An och nach e leschte Punkt zu deene Mesuren, de Katalog mat den eenheemesche Planzen, wou ech nach selwer konnt plangen. Do war et esou, datt ech wierklech vill Zäit domadder verbruecht hunn, fir Aarten ze sichen, déi effektiv hei ugepasst waren, dem Klimawandel ugepasst waren. An ech sinn immens frou ze gesinn, an dat hat ech Iech och deemools gesot, datt mer elo mëttlerweil e Katalog hunn, dat heescht, dat vereinfacht immens vill déi Aarbecht fir Planer, Urbanisten, Architekten, fir dat direkt kënnen ze huelen a wierklech eng direkt Referenz dozou ze hunn. Am Fong ass d'Fro net méi ob mir eis musse veränneren. D'Fro ass ob mir eis séier genuch veränneren, fir nach selwer iwwert eis Zukunft kënnen ze bestëmmen. Ech soen dem Service wierklech e grousse Merci. Ech soen natierlech Merci fir déi Mesuren, déi mer wäerten elo konkreet ëmsetzen an, jo, an da weider esou, fir datt mer Goldzertifizéierung kréien. Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, also villmools Merci fir d'Presentatioun an och fir den informelle Gemengerot, wou mer eng jett Fro scho konnte beäntwert kréien

an och am Detail alles erkläert kritt hunn. Dofir wierklech vun Häerzen e grousse Merci. Dann zu där éischter Mesure, déi mer gekuckt hunn, betreffend der Notzung vun heemesche Planzen, dat ass absolutt ze begréissen, et ass och wichteg do Wäert drop ze leeën, dat fanne mer absolutt de richtege Wee. Genau esou wéi de Gemeinschaftsgaart, dee mer schonn en place hunn, well mir soen, de Gemeinschaftsgaart ass am Fong méi wéi just déi Punkten, déi mer am Klimapakt kréien. Dat ass eng Plaz, wou d'Leit sech begéinen, wou d'Leit mateneen sech austauschen, zesummen eng Aktivitéit hunn, e gesellschaftleche Projet. Et ass eng Plaz, wou d'Leit eeben och mat verschiddenen Hannergrënn an Altersgruppe sech treffen an een deem aneren säi Wësse weiderginn. Dat ass absolutt ze begréissen.

Dann zu där nächster Mesure, d'Konzept fir d'Reduktioun vun der Liichtverschmotzung. Do hu mir just nach e puer Froen. An zwar wou mer aktuell wat den aktuelle Stand vun dem ëffentleche Beliichtungspark ugeet, sinn? A wéi vill Luuchten entspriechen eebe grad oder iwwerschreiden, besser gesot, d'Limitt vun deenen 3000 Kelvin zu Diddeleng? Déi Froe ware just bei eis nach opkomm, wéi mer eis dat nach eng Kéier duerchgekuckt hunn. Dann déi véiert Mesure, déi mer wierklech en Detail erkläert kritt hunn. Mir hate mengen ech do och am informellen eng jett Froen dozou gestallt, wéi dat dann elo mat där extensiver Gestioun vun de Feldweeër geet. Dofir e grousse Merci. Mir hunn och elo mëttlerweil alleguerte verstane wéi dat fonctionéiert. Dann zu der fënnefter Mesure betreffend dem Bäitrëtt vun der Stad Diddeleng zu der Flosspartnerschaft, do hate mir och, oder besser gesot ech, déi Fro opgeworf, wéisou mer elo eréischt Member gi sinn. An dunn hunn ech misste feststellen, wéi d'Madamm Thoma hir Interventioun gemaach huet, mir hunn dee selwechte Podcast gelauschtert. Ech war och ganz verwonnert doriwwer. An ech muss éierlech soen, dofir ass et absolutt ze begréissen, dass mer elo endlech Member ginn an där Flosspartnerschaft. Schued leider net éischter, mee ëmmerhin elo de richtege Schrëtt.

Zum Bësch-Amenagementsplang, dee sech haaptsächlech op d'Resilienz baséiert, ass dat wierklech souwisou e richtege Schrëtt an e wichtege Schrëtt a souwisou, wéi Der och scho selwer gesot hutt, hu mer do alles schonn en règle an alles esou wéi et soll certifiéiert sinn. Dofir bleift mir just nach ze soen, dass mir alleguerten déi Mesurë begréissen. E grousse Merci jiddwerengem, dee sech dagdeeglech dofir asetzt, eise Gemengeservicer, dem Naturpaktberoder, eisem Fierschter an all deenen, déi involvéiert sinn e grousse Merci fir hir Aarbecht an hir Begleedung. Merci.

DIOGO COSTA (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. An ech schléisse mech direkt deene Mercien un. Och merci haut nach fir déi Presentatioun vun deem Pak u Mesuren, dee fir eis eng wichteg a logesch Suite an der Ëmweltpolitik vun eiser Stad ass. Diddeleng huet an deem Beräich schonn eng gewëssen Traditioun an och eng Verantwortung. Mir sinn als Gemeng net eng Gemeng, déi elo réischt ufänkt sech mat Natur, Biodiversitéit, Waasser, Bësch oder Klimaadaptatioun ze beschäftegen. An, jo, och fir d'LSAP ass d'Nohaltegkeet eng vun de Kärvaleuren. An dat weist sech och an den Acquisen, déi Diddeleng an der Ëmweltpolitik säit Joerzéngte leescht. Mir hunn duerch eis industriell Geschicht, eis Gréngflächen, eis Bëscher an eis Natura 2000-Zon eng ganz spezifesch Ausgangslag. An dofir ass et richteg, dass mir dës Theemen net nëmme punktuell behandelen, mee mir musse se weiderhi systematesch an eis Gemengepolitik mat abauen. D'Zuelen am Naturpakt weisen, dass Diddeleng an deene leschte Joren effektiv virukomm ass. Den Här Meyer hat et gesot. Mir leien aktuell bei 49,5 %. A mat de Moossnamen, déi haut dobäi kommen, steigere mer eis nach eng Kéier ëm 10 Punkten, also ëm 4,3 %. D'LISER-Etüd, déi mir am Ufank vun der Woch virgestallt kruten iwwert Diddeleng, weist dobäi ganz gutt, firwat esou eng Politik fir eis Stad wichteg ass. Diddeleng ass déi véiertgréisste Gemeng am Land. Mee se ass net iwwerall d'nämmlecht. Mir hunn dicht bebauten a staark urbaniséiert Quartieren op där enger Säit a méi oppe Quartieren an de Randberäicher op där anerer Säit.

Dat bedeit fir eis, dass d'Naturpolitik net iwwerall déi selwecht Form muss unhuelen. An de méi dichte Quartiere brauche mer méi Schiet, méi Gréngs, méi Waasserréckhalteplazen a Plaze wou nach Natur am Alldag ka gelieft ginn. An de méi oppene Beräicher geet et ëm d'Erhale vun den Hecken, vun de Feldweeër, vun de Bëscher an den ekologesche Korridoren, wéi mer dat och virgestallt kruten. Ech verstinn d'Zweifel vun der Madamm Thoma iwwert d'Prinzip vun esou Pakten. An dofir ass et fir eis ëmsou méi wichteg, dass mer net just op déi Zertifizéierung kucken, mee kucken, wou mir eis reell verbesseren. Diddeleng huet an deem Beräich vill gemaach an den Naturpakt hëlleft eis dobäi, déi nächst Etappen nach méi spezifesch unzegoen. Den Naturpakt kann eis awer och kloer soen, wou mer nach Entwécklungsméiglechkeeten hunn. Mir kënnen an deenen nächste Joren nach méi systematesch an d'Gréngfläche virgoen, den Ënnerhalt weider ausbauen, d'Biodiversitéit nach méi fréi an den urbanistesche Projeten integréieren an d'Liewensraim fir Villercher, Fliedermais an Insekte weider stäerken an och bei der ëffentlecher Beliichtung Schrëtt fir Schrëtt nach méi fauna-frëndlech ginn. Dat weisen och déi Mesuren, déi mer haut hei stëmmen.

Dat ass fir mech, wéi gesot, kee Widdersproch zu deem, wat mer elo scho geleescht hunn. Am Géigendeel, et weist, dass mer um richtege Wee sinn, mee dass mer och weider Ambitioune brauchen. A genee déi Ambitioune solle mir als Stad och hunn, Joer fir Joer besser ze ginn an d'Naturpolitik nach méi fest an der kommunaler Praxis ze verankeren. Déi Moossnamen, déi haut um Dësch leie ginn, wéi gesot, an déi richteg Richtung, si betreffen net nëmmen eenzel Theemen, mee déi verschidde Beräicher, déi fir eng Stad wéi Diddeleng entscheedend sinn. Standuertgerecht, eenheemesch Plantatiounen am urbane Raum, d'Méiglechkeet fir Biergerbedeelegung duerch Urban Gardening, eng méi intelligent an naturschounend Beliichtung, eng méi extensiv Gestioun vun de Feldweeër an Hecken an eng méi strukturéiert Zesummenaarbecht am Beräich vun eise Baachen an eng méi resilient Gestioun vun eise kommunale Bëscher. Dofir ass dee Pakt och gutt, well en net nëmmen en Deel vun eiser Stad am Bléck huet, mee eeben de gesamte Stadraum betrëfft. An dat passt zu enger Stad wéi Diddeleng, déi sozial a raimlech ganz divers ass. Naturpoli-

tik muss och eng Politik vun der Liewensqualitéit sinn, an dat fir all Mënsch an eiser Gemeng. Fir Kanner, fir Familljen, fir eeler Leit, Leit an den dichte Quartieren a Leit an de Quartieren, déi méi no un der Natur leien. Ech fannen och wichteg, dass mir an Zukunft méi mat Donnéeën an Indicateure schaffen. D'Kartéierung vun de Gréngflächen, déi am Dossier ugeschwat gëtt an am Summer 2026 soll virleien, ass dofir e wichtege Schrëtt.

D'LISER-Etüd, déi mer virgestallt hunn, weist genee wéi wäertvoll esou Donnéeë fir eng Gemeng kënne sinn. Si hëllefen eis d'Ënnerscheeder tëscht de Quartieren ze erkennen an d'Politik méi geziilt unzepassen. Dat muss och fir d'Natur a fir d'Klimapolitik gëllen. Fir eis ass dëse Pakt also keen Eenzelprojet, mee e weidere Bausteen an enger laangfristeger Politik. Diddeleng huet scho vill Efforte gemaach a mir mussen an deenen nächste Jore weider do usetzen. An der Planung, am Entretien, bei Bauprojeten, bei der Sensibiliséierung vun de Biergerinnen a Bierger, déi e wichtegen Deel vun där Klimapolitik musse sinn, an och an eise Budgeten. Ech menge mir dierfen hei roueg soen, dass Diddeleng um richtege Wee ass, a mir sollen och kloer soen, dass dëse Wee nach net fäerdeg ass. Eis Ambitioun muss et sinn am Naturpakt weider ze wuessen, eis Resultater ze verbesseren an d'Naturpolitik nach méi fest an der kommunaler Praxis ze verankeren, wéi mer dat bis elo maachen. Natierlech ënnerstëtze mer dëse Punkt. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Ech hale mech och ganz kuerz. Et ass just nach fir eng Erklärung, eng zousätzlech Erklärung ze ginn. Wann ech froen, ob net nach eppes do ass, wat een eventuell ka séier verwierklechen, dann ass dat net, fir séier alles duerchzesträichen. Nee, ech mengen, bei Naturpolitik ass Natur dat Wichtegst, dat wësse mer. An dach kascht leider Gottes alles. An all Level ass u Finanzsprëtze verbonnen, déi eng Gemeng ka kréien. A wann ech mech net ieren, hu mer mat deem aktuelle Level ronn, ech mengen, 35.000.- Euro an en plus nach en X Montant pro Hektar. A wann een awer relativ féchs ka méi Sue kréien, dann denken ech, dass een dee Wee net onbedéngt soll ausschléissen, fir dann awer nach weider zousätzlech Punkten ze verwierklechen. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Ech géif proposéieren, dass eis zwee Beroder géifen op hir Punkten agoen an ech géif dann herno de Schlëss maachen an och d'Conclusioun zéien. Okay. Gutt.

LIS CLOOS, SERVICE ÉCOLOGIQUE: Gutt, ech géif eng Kéier kuerz op déi éischt Fro agoen, wou den Här Meyer gefrot huet, ob mer nach an Zukunft e puer Punkte bäi, oder méiglechst séier nach Moossname kënnen erfëllen, Projete maache fir kënne Punkten nach ze kréien. Do ass et esou, dass natierlech och elo nach Projeten amgaange sinn, Etüden amgaange sinn, zum Beispill kënne mer do de Gréngflächemanagementplang nennen. Dat ass souguer eng Moossnam, déi am Naturpakt an am Klimapakt gëllt, wann een dat esou kann nennen, déi mer eis do kënnen urechne loossen. Dat ass eng Moossnam, déi ganz opwenneg ass, well do all d'Gréngfläche kartéiert gi vun engem spezialiséierte Büro, och gëtt eng Biotop-Kartéierung gemaach, ech mengen dat ass och virun enger Woch virgestallt ginn. Dat ass eng Moossnam, déi eis dann, wann déi ofgeschloss ass, déi soll elo normalerweis nach dëst Joer virum Summer ofgeschloss ginn, déi bréngt eis dann och rëm een Zousaz u Punkten. Dat wier lo mol déi Moossnam. Hate mer nach eng, déi mer, mir haten nach eng virgestallt hunn?

ANIK GESCHWINDT, NATURPAKT BERODERIN: Jo, mir maachen nach eng Auswäertung vum PAG am Fong. Dat iwwerhuelen ech dann, do geet am Fong drëms, ob d'Gemeng d'Servitude d'urbanisation esou ëmgesat huet, wéi et och an den Avise vum Ëmweltministère deemools gefrot gouf. Dat ass eng zimmlech opwenneg Auswäertung, dat heescht, dat wäert nach e bëssen daueren, mee voilà, dat ass och eppes, wou mer grad dru sinn, a voilà, ech mengen de Service écologique mécht souwisou nach lauter aner Saachen, déi och méi oder manner do mat erafalen.

LIS CLOOS, SERVICE ÉCOLOGIQUE: Jo, ech menge wéi mer och d'leschte Kéier gesot haten, zile mer dorop of, dass mer Enn dës Joers, Ufank nächst Joer, deen nächste Sprong an der Zertifizéierung kënne maachen. Dat wieren dann déi 60 %. Jo, dat wier elo mol eng Äntwert zu där doter Fro, zu der Entwécklung am Naturpakt. Da war nach eng technesch Fro zu der Luuchten. An zwar effektiv, also d'Stad Diddeleng ass jo engagéiert alleguerten d'Luuchten, déi hinnen, also wou mir d'Hand drop hunn, dat sinn dann d'gemengeneege Luuchten, ëmzerüsten. Do ass och virgesinn, dass dann an den nächste fënnef Joer alleguerten d'Luuchten op LED ëmgerüst sinn. An déi erfëllen dann alleguerten dës Krittären. Dat heescht, elo si mer do bei engem Stand, wat hat ech virdru gesot, vu 37 %, déi d'Krittären erfëllen, déi deemno och kënne gedimmt ginn an dann, jo, an den nächste fënnef Joer missten dann déi Stroosseluuchte vun der Gemeng all ëmgerëscht sinn. Zu de Luuchte vu Ponts & Chaussées kann ech keng Aussoe maachen, mee dat kënne mer awer och nofroen, jo. Ech denken dat waren elo all déi sou méi déi technesch Froen, déi mer gestallt kritt hunn.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Gutt, da géif ech den Ofschloss maachen. Fir d'éischt emol Merci Iech alleguerte fir déi konstruktiv Diskussioun hei. Ech wëll awer mol festhalen, ech sinn och där Meenung, effektiv, den Naturpakt, dee ganze Moossnamekatalog ass, grad esou wéi de Klimapakt-Moossnamekatalog effektiv e relativ grousse Wälzer, administrative Wälzer. An do geet et ëm Punkten, et geet ëm Bronze, geet et um Sëlwer, et geet ëm Gold. Ech wëll just dat heite soen, d'Diddelenger Gemeng léisst sech do awer net dreiwen. Mir sinn och net a Konkurrenz zu anere Gemengen, well déi elo eng Goldmedail hunn a mir sinn eréischt bei Bronze, dass mir elo mussen a Rekordzäit och eng Goldmedail kréien. Nee, doräms geet et iwwerhaapt net. Et geet och net drëm, direkt de Maximum vu Punkten ze kréien oder Férdermëttel ze kréien. D'Diddelenger Gemeng, an dat wësst Der, ass scho ganz, ganz laang amgaang, sech engagéiert fir d'Natur- an de Klimaschutz anzesetzen. An ech ginn net net midd ze soen, datt den Ëmweltschäffen, de Marc Zanussi, an den 90er Joren hei zu Diddeleng den Ordre du jour mat Klima a mat Natur beräichert huet. Et ass och esou, dass mir als Gemeng scho laang vill Mesurë vun deem Klimapaktkata-

log schonn ëmgesat hunn, ier et iwwerhaapt de Klimapakt ginn ass.

Ech denken do u pestizidfräi Gemengen, ech denken u Baumpaten, ënner anerem, dat sinn zwee Punkten, wou ech ka soen. Dat heescht, mir hunn net den Naturpakt gebraucht fir ze schaffen, konkreet ze schaffen. A mir wäerten dat och an Zukunft maachen, mee wéi gesot, den Naturpakt, wéi deen an d'Spill komm ass, war et natierlech selbstverständlech, dass eng Gemeng wéi Diddeleng do matschafft. A mir wäerten dat och an Zukunft weider esou konsequent maache wéi méiglech, awer mat der néideger Rou a mat der néideger Disziplin an ouni Hektik.

Et ass och esou, et ass gesot ginn hei vun der Diddelenger Baach. Ech hunn dee Podcast natierlech net héieren, vu dass ech net esou Podcast sinn, ech wëll awer dat heiten dozou soen. D'Diddelenger Baach ass menges Wëssens an engem ganz gudde gesonden Zoustand. Well wann dat net de Fall wier, kéinte mer net am Quartier NeiSchmelz déi Baach do renaturéieren an erëm eng Kéier op d'Oberfläch huelen. An an de 60er Joren, jo, d'Arbed huet net nëmmen d'Diddelenger Baach warscheinlech e bësse polluéiert, ech wëll elo guer net vum Buedem schwätzen a guer net vun der Loft schwätzen, mee wéi gesot, d'Diddelenger Baach ass an engem gesonden Zoustand.

An da kommen ech op d'Flosspartnerschaften, den Uelzechtvertrag, an den Här Miersch huet et nach eng Kéier kloer gesot, an ech bleiwe bei där Meenung. Wéi mer deemools gefrot gi si fir Partner ze ginn, hu mer effektiv, à première vue, net d'Ursaach gesi fir do Member ze ginn, well mer net woussten, wat mir géife konkreet kënnen dozou bäileeschten, dass d'Uelzecht sou kloer propper soll sinn. An dat Wuert Solidaritéit, dat huet eis natierlech iwwerzeegt. An den Här Miersch huet ganz kloer gesot, wann d'Diddelenger Gemeng awer do Member gëtt mat eisen 22.500 Awunner a mer kréien déi bei déi aner zougeschloen, et ass jo net nëmmen d'STEP-Gemengen, déi do Member sinn, dat ass jo Esch an et geet dann nach méi weider, do hu mer e Pak Awunner. A beim Ministère, hues de mat enger esou vill Zuel vu Bewunner vun där ganzer Regioun, hues de méi e grousse Poids, wéi wann s de dann, ech soe mol, 22.500 manner häss. Et ass och esou, Service écologique ass hei gesot ginn, dee misst verstäerkt ginn.

Wa mir am Hierscht ëmmer de Budget maachen, all Service misst am Prinzip ëmmer hei verstäerkt ginn, muss ech emol esou salopp mech ausdrécken. Mir waren awer och der Meenung, dass effektiv de Service écologique eng Verstäerkung brauch, a mir hunn do och Poste fräigeschaufelt. Dat heescht am Hierscht hu mer dräi Méint budgetiséiert, dat heescht, mir wäerten am Hierscht e Posten ausschreiwe fir de Service écologique ze verstäerken, wéi gesot, da mat dräi Méint an dann d'nächst Joer ass dat da volle Kanne. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem René Manderscheid nach eng Kéier fir déi doten Erklärungen, zousätzlech. Da kënne mer d'Diskussioun hei schléissen an da misste mer erop op de Vott iwwergoen. All Punkt jo eenzel ofstëmmen hei vum Naturpakt.

**KlimaPakt**
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

Wien ass mam Punkt 3.1. averstanen?
***Dat ass unanime.***

Punkt 3.2. Jardin communautaire.
***Unanime.***

Punkt 3.3 D'Pollution lumineuse.
***Unanime.***

Dann d'Gestion extensive des accotements de chemins ruraux, 3.4 Wien ass domat averstanen ?
***Dat ass och unanime.***

Dann d'Uelzecht, de Punkt 3.5 Wien ass domat averstanen?
***Dat ass och unanime.***

An dann d'Resilienz an eise Gemengebëscher 3.6.
Wien ass mat deem Punkt averstanen?
***Dat ass och unanime.***

Villmools merci fir d'Unanimitéit bei deene sechs Punkten.

# 4. KlimaPakt

**Approbatioun vum « Klimaleitbild der Stadt Düdelingen »**

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Voilà, d'Klimapaktleitbild, dat hu mer diskutéiert, zesumme mer mat eisem Klimapaktteam, an dat Resultat gëtt Iech elo geschwë presentéiert. Ech wëll awer nach ganz kuerz aushuelen, Dir wësst, dass mir als Diddelenger Gemeng säit 1994 scho Member sinn am internationale Klimabündnis. Säit 2004 si mer Member am nationale Klimabündnis. Mir si Member ginn am Covenant of Mayors säit 2018, mir hunn den Nohaltegkeetsmasterplan 2022 an d'Liewe geruff. Mir hunn de Klimapakt 2.0 2021 ënnerschriwwen. Dat sinn am Fong geholl e puer där Repèrë fir kënnen dat Klimaleitbild hei haut ze verabschiden.

Dir wësst, mat dem Klimawandel ännere sech och d'Liewensbedingunge fir d'Leit hei an der Stad Diddeleng, net nëmmen hei, mee iwwerall. D'Diddelenger Gemeng, déi setzt sech selbstverständlech scho laang verstäerkt fir d'Ëmwelt a fir d'Klima an. A mat den nationale Klimazilsetzungen op der Eebene vun der Stad Diddeleng, féiert Diddeleng hiert Engagement am Klimapakt 1.0 mat dem Klimapakt 2.0 weider. Et ass och esou dass d'Stad Diddeleng

selbstverständlech déi personell an déi finanziell Ressourcen zur Verfügung stellt fir kënnen dat Leitbild, dat mer elo verabschide wäerte geschwënn an den Aktiounsplang natierlech kënnen erfollegräich ëmzesetzen.
Dat Leitbild, wat mer haut hei mussen iwwerschaffen, ass am Kader vum Reaudit, wat mer dëst Joer am Juni, Juli wäerte virhuelen. An deem Sënn géif ech dann dem Lis d'Wuert ginn, wéi eis dat Leitbild virzestellen. An dann herno natierlech ass Zäit fir déi néideg Froen an Äntwerten.

LIS CLOOS, SERVICE ÉCOLOGIQUE: Gutt, villmools merci fir d'Wuert. Ech doen da lo mäi Klimapakthutt un an ech fuere weider. Maja, 2022 hate mer zesumme mam Klimateam eist Leitbild fir de Klimapakt ausgeschafft. Dëst Leitbild gëtt gefuerdert am éischte Beräich vum Moossnamekatalog, fir nach eng Kéier dorop zréckzekommen, dat ass de Beräich Entwécklungsplanung a Raumordnung. An d'Moossnam heescht politesch Verankerung vun der Energie, Klima an de Ressourcenziler am Klimapakt. Dat heescht do geet et wierklech drëms, sech Ziler ze setze fir am Klimapakt ze erreechen. Mir hunn 2022 déi éischt Versioun ausgeschafft an do goufe follgend Theemeberäicher ofgedeckt: dat sinn déi energiepolitesch Zilsetzunge mat engersäits den erneierbaren Energien an och Energieeffizienz, Aussoen zum Klimaschutz, den Ëmgang mat Klimawandelfollgen, Mobilitéit, Circular Economy, Suffizienz wéi och d'Offall- an d'Ressourcëmanagement, d'Waasserwirtschaft an d'Loftqualitéit.

Elo ass d'Joer 2026, dat heescht, 3 Joer si vergaangen no eisem éischte Goldaudit, dat mer 2023 kritt hunn, also de Label hu mer kritt, d'Zertifizéierung, an elo am Kader vun deem Reaudit musse mer eis Ziler eng Kéier iwwerpréiwen an och déi dann am Leitbild festhalen. Wéi scho gesot, eng Aktualiséierung ass och virgesinn am Kader vum Klimapakt. An do ass d'Virgab all dräi Joer. Et ass och virgesinn, dass een eeben d'Zilwäerter opgrond vun der Entwécklung vun den Indicateuren upasst. An, wat nei ass, respektiv wat säit 2024 eng Obligatioun fir alleguerten d'Goldgemengen ass, dass een eng Ausso mécht zu der Klimaneutralitéit an der Verwaltung. Wat och nei ass, dat ass eng Ausso zur Reduktioun vum Flächeverbrauch. Dat ass dann u sech een neit Themegebitt, wat am Leitbild derbäikënnt. Ech géif Iech dann op deen nächste Sliden Explikatiounen zu deene verschiddenen Ännerunge ginn. Bon, allgemeng an der Versioun, an eiser éischter Versioun vum Leitbild hate mer u sech virgesinn, dass mer all zwee Joer d'Leitbild aktualiséieren. Bon, dat hu mer elo awer ugepasst.

Mir proposéieren elo, dat Leitbild all dräi Joer eeben am Zyklus vum Reaudit vum Klimapakt ze aktualiséieren, well dat och fir eis Sënn mécht, dass mer fir all Reaudit eis Indicateuren nach eng Kéier all iwwerpréiwen an deemno d'Ziler upassen. An ee Reaudit ass eeben all dräi Joer obligatoresch, fir och déi staatlech Hëllefe wieder ze halen. Gutt, da géife mer op deen éischten Theemeblock agoen, dat ass Energie, an zwar d'Energie um Gemengegebitt. An do wëll ech Iech hei ee Graphique weisen, wou mer den Ofsenkpad vun den $CO_2$-Emissiounen an Tonne pro Awunner gesinn. Dës Donnéeë stamen aus dem EcoSpeed-Region, dat heescht, dat ass eng Methodologie déi opgestallt ginn ass vun der Klima-Agence fir $CO_2$-Emissiounen um Gemengegebitt ze rechnen. Mir hunn do 2018 bei 9,26 Tonnen $CO_2$-Equivalent pro Awunner ugefaang a mir gesinn, dass mer elo do fir 2023, dat ass dat lescht Joer, wou mer d'Donnéeën am EcoSpeed-Region hunn, bei 6,81 Tonne pro Awunner leien. Eist Zil, wat mer eis gesat haten 2022 bis 2030 ze erreechen, ass 4,32 Tonne pro Awunner a well mer eis elo awer hei relativ no op eiser Trajectoire de réduction befannen, géife mer dat Zil och loossen. Dat heescht, do ännert sech näischt.

Dann d'Stroumproduktioun um ganze Gemengegebitt. Do gesi mer hei lénks op der Achs d'Stroumproduktioun a Kilowattstonnen an hei ënnen d'Joren, wéi sech d'Stroumproduktioun entwéckelt huet, rout. De roude Stréch weist déi real Produktioun vun der Stroumproduktioun um Gemengegebitt. Dat heescht, wat ass Stroumproduktioun? Dat ass engersäits Cogeneratiounen, also Wärmekraftkopplung an och Photovoltaik bei eis zu Diddeleng. An do gesi mer, dass dat schéin an d'Luucht gaangen ass. A blo weist den Zilpad, dee mer eis 2022 gesat hunn. Do hate mer eis een Zil vun 10.000 Megawattstonne fir 2030 gesat. Dëse Wäert ass awer schonn hei 2023 erreecht ginn. Dat heescht, do hu mer zesumme mam Klimateam decidéiert, oder géife mer proposéieren, dass mer do eis méi en héicht Zil setzen, an zwar vun 20.000 Megawattstonne fir 2030. Hei ass een Indicateur, dee mer vun der Klima-Agence kréien. Do geet et dorëms, déi installéiert Leeschtung vun der Photovoltaik am Verhältnis zum Potential am ganze Gemengegebitt ze kucken. An hei gesi mer, dass mer bei ënner 5 % am Joer 2020 ugefaangen hunn, an eis Trajectoire, also als Zil hu mer fir 2030 ronn 30 % a mir leien elo bei dësem aktuell bei ronn 15 % an do denke mer och, dass et realistesch ass, dass mer dat Zil weider kënne verfollegen. Do hu mer elo weider keng Ännerung virgesinn.

Da géife mer elo bei der Energie bleiwen, mee eis e bëssen op d'Menagë konzentréieren. An do fänke mer dann u mat dem Hëtztverbrauch a Kilowattstonne pro Haushalt a Joer. Och dës Donnéeë stamen aus EcoSpeed-Region. Dat heescht, do hu mer elo keng konkreet erhuewe gemoossen Donnéeën, mee dat si berechent Donnéeën opgrond vun enger Methodologie, déi an deem EcoSpeed-Region hannerluecht ass. Do gesi mer, dass mer 2018 bei e bësse méi wéi 18.000 Kilowattstonne pro Haushalt ugefaangen hunn an aktuell leie mer oder louche mer 2023 bei eppes ënner 18.000 Kilowattstonne pro Haushalt am Joer. Dat heescht, hei gesi mer och an där bloer Kurv erëm den Zilpad, dee mer eis 2022 ginn haten. Do ware mer ganz ambitiéis a mir wollte bis 2030 bei 10.000 Kilowattstonne pro Haushalt landen. Mir géifen deen awer elo léiwer e bëssen no uewe korrigéieren op 15.000 Kilowattstonne pro Haushalt a pro Joer, well mer einfach gesinn, dass eis Trajectoire hei net esou géi erofgeet wéi initial geduecht.

Da gi mer elo bei de Stroumverbrauch vun de Menagen. Dës Donnéeë kréie mer dann erëm vun der Creos. Hei ass et och esou, dass et eng Virgab ass, dësen Indicateur absolut ze kucken, dat heescht net op d'Haushalter erofgerechent, dofir hu mer elo hei keng Ugab a Kilowattstonne pro Haushalt, mee einfach eng absolutt Zuel. Mir gesinn déi Entwécklung hei, déi läit liicht ënner 30.000 Megawattstonnen. Et ass awer esou, dass jo mat der, mat enger wei-

derer Elektrifizéierung vun der Energiepolitik allgemeng, sief et Wärmepompelen, sief et Elektromobilitéit, dass de Verbrauch warscheinlech éischter eropgeet, hoffe mer stagnéiert, mee et ass elo net onbedéngt realistesch, dass e vill erofgoe wäert. Dowéinst proposéiere mir als Zilwäert fir 2030 virzegesinn, dass mer probéieren dee Wäert fir d'Haushalter op 30.000 Megawattstonnen ze stabiliséieren an natierlech weider ze sensibiliséieren, ze informéieren zu energieeffizienten Apparater, LED a sou weider. Bon, dëst hunn ech hei, oder ass och nach eng Kéier textuell duergestallt am Leitbild, eeben, dass mer elo vun deem Wäert pro Haushalt pro Joer, dee mer initial dran haten eriwwerginn op een absolutte Wäert fir 2030.

Dann, nach ëmmer an der Energie, géife mer der elo op alles agoe wat d'Verwaltung ugeet, dat heescht déi gemengeneege Gebaier, de Fuerpark an d'ëffentlech Beliichtung. An ufänke géife mer mam Undeel un erneierbarer Wiermt zum Gesamtwärmeverbrauch vun de gemengeneegene Gebaier. Do gesi mer erëm rout eis Donnéeën, déi mer selwer moossen hei oder sammele vun de gemengeneegene Gebaier, déi droe mer an den EnerCoach an, dat ass eisen Energiemonitoringstool, dee vun der Klimaagence zur Verfügung gestallt gëtt. A mir gesinn, dass deen Undeel un erneierbarer Energie un der Wiermt effektiv hei e grousse Sprong gemaach huet ëm 2021, 2022. Dat ass drop zréckzeféieren, dass de Wärmeverbond Brill vun der Cogeneratioun op Pellets ëmgestallt ginn ass.

An och elo an Zukunft, mat all den neie Gebaier, déi wäerte bäikommen, déi da mat erneierbarer Wiermt gehëtzt ginn, wäert deen Undeel och weider an d'Luucht goen. Dat heescht, mir haten do 2022 eis e bësse méi ee konservatiivt Zil gesat mat 30 % wat mer eis festgehal haten, a mir géifen eis do awer elo méi en ambitiéist Zil ginn, einfach well mer do dat Zil vun 2022, oder wat mer eis fir 2030 gesat haten, hate mer u sech hei scho relativ fréi erfëllt. Dann Energieeffizienz Stroum a Kilowattstonne pro Quadratmeter. Dat ass eeben, jo, d'Effikassitéit vum Stroum. Wéi effizient sinn eis Gebaier a punkto Stroum? An do gesi mer och, dass mer u sech relativ wäit ënner eiser Ziltrajectoire leien an dowéinst hu mer eist initiaalt Zil vu-10% op -15% ugepasst, dat heescht do géife mer eis och ee méi ambitiéist Zil fir 2030 setzen.

Da géif ech e puer Wierder iwwert déi nei Ufuerderung u Goldgemenge soen, wat d'Klimaneutralitéit an der Verwaltung ubelaangt. Dëst ass, wéi gesot, eng Obligatioun fir all Goldgemeng, dass se sech do Virgabe gëtt fir an der Verwaltung klimaneutral ze sinn. Dat heescht awer elo net, dass do muss eng Null stoe vun den $CO_2$-Emissiounen. Dës Moossnam bezitt sech, oder dës Ausso, déi een tätegt, bezitt sech op eng Rei Moossnamen erëm aus dem Klimapaktkatalog, wéi zum Beispill eeben d'erneierbar Energië vun der Wiermt, Energieeffizienz Wiermt, Energieeffizienz vum Stroum, Renovéierungskonzept, dat betrëfft elo déi kommunal Gebaier. Dann de kommunale Fuerpark, do ginn et och Moossnamen aus dem Klimapaktkatalog a genausou wéi déi ëffentlech Beliichtung. An op dëse Moossname muss een einfach virweise kënnen, dass et do ee positiven Trend gëtt. Dat heescht, dass ee sech do weiderentwéckelt. Nichtdestotrotz probéiere mer natierlech dat och nozeweisen, inwifern eis dat zum Beispill, oder wéi mer dat zum Beispill am EcoSpeed-Region kënnen ofbilden.

Dann den Undeel, also elo ware mer bei de Gebaier, da komme mer elo bei eise Fuerpark vun de gemengeneegene Gefierer. Do gëtt et en Indicateur, dee weist, wat ass den Undeel vun den Elektroautoen um gesamte Fuerpark vun der Gemeng. Do gesi mer, dass mer hei fir dëst Joer bei ronn 13% leien. Mir haten eis initial fir 2030 15% virgeholl, well mer dat realistesch fonnt hunn deemools. Et ass awer esou, dass et eng Virgab ass vum Klimapakt, dass ee sech als Zil muss 49 % huelen. Dat heescht, dat ass extreem ambitiéis an ech menge mir probéiere jo schonn, wa Gefierer ersat ginn, déi dann duerch Elektrogefierer ze ersetzen. Mee jo, et ass eeben eng Virgab, déi mer leider mussen, wou mer dat Zil mussen huelen.

Da géife mer bei d'Upassung un d'Klimawandelfollge kommen. 2022 hate mer eist Klimawandelupassungskonzept nach net. Dat gouf elo d'lescht Joer, also et gouf vun 2023 bis 2025 ausgeschafft, gouf jo och der Ëmweltkommissioun scho presentéiert. Well dat elo fäerdeggestallt ass, hu mer eeben dee Saz dobäigesat, dass an deem Konzept Moossnamen identifizéiert gi sinn an och dass d'Gemeng dann déi prioriséiert an ëmsetze wäert. E weideren Zousaz, dee mer nach gemaach hunn, ass eeben dass d'Stad Diddeleng eeben eng Aarbechtsgrupp gegrënnt huet fir d'Stadbegréngung weiderzedreiwen. Do ass jo zum Beispill d'Plaz am Duerf oder och d'Niddeschgaass, an dass d'Gemeng och weider d'Bevëlkerung, d'Awunner sensibiliséiert an informéiert, fir dass och si eng konsequent Begréngung bei sech och am Gaart kënne maachen oder allgemeng virhuele kënnen. Do, eebe wéi schon e puer Mol gesot ginn ass, hate mer gëschter e ganz flotten Austausch mat den Awunner iwwert d'Stadbegréngung.

Da kënnt ee ganz neien Theemeberäich dobäi, dat ass de Flächeverbrauch. An dësen Abschnitt ass zesumme mat eisem Service Architecture et Domaines ausgeschafft ginn. An et geet haaptsächlech dorëms, dass méiglechst wéineg nei Fläche genotzt ginn an esou och onnéideg nei Buedemversigelungen ze vermeiden. D'Grondlage fir dësen Abschnitt si schonn am PAG an och an de PAPe geschaaft ginn. An, jo, op där anerer Säit sollen déi gréng a Landwirtschaftsfläche erhale ginn, eebe fir d'Biodiversitéit an d'Liewensqualitéit ze stäerken. An an deem Abschnitt gëtt och op d'Virbildfunktioun vun der Stad fir hir Bierger higewisen. Voilà, dat wieren elo meng Informatiounen zu den Ännerunge vum Leitbild. Ech sinn elo, wéi gesot, net op dat ganzt Leitbild agaangen, well dee gréissten Deel vum Leitbild huet jo nach Bestand. Mir wollten Iech elo hei just d'Ännerungen, d'Upassunge fir dëst Joer opweisen. Voilà, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. A wann nach Detailfroe sinn, kann ech gären dorop äntweren. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Ech hu just technesch Froen. D'Fränzi wäert eng Stellungnam maache vun eis. Et ass mer elo net ganz kloer, mir hu verschidden Ziler, déi hu mer méi ambitiéis festgesat, dat ass jo och gutt, an da verschiddener hu mer dann awer no ënne revidéiert. Elo ass d'Fro, wéi ass déi Gewiichtung, wa mer zum Beispill soen, d'Zilvorgabe fir d'Energie vun den

Haushalter, déi hu mer erofgesat, wéi ass déi Gewiichtung par rapport zu deene Punkten? Punkten heescht jo gläich Suen. An dann déi Punkten do, wou mer bei dem Energieverbrauch vun den Haushalten erofginn, zum Beispill natierlech bei deene meeschte Saache si mer eropgaangen.
An da wann ech da kucken, dat Zil vun dem Elektro-Fuerpark, also vu 15 % elo op 49 % 2030, dat ass jo net nëmmen illusoresch, mee dat ass jo einfach och kontraproduktiv. Da misste mer jo elo all eis Autoen, déi mer nach hunn, déi och nach fossil bedriwwe ginn, misste mer déi jo all ofstoussen, wat jo och ökologesch net sënnvoll ass. Wéi gi mer do gestrooft, wa mer dat net erreechen, bezéiungsweis, mech interesséiert virun allem, wat heescht dat, wa mer d'Ziler no änne setzen? Oder wéi gesot, wa mer elo déi do Ziler net erreechen, ass wann eise Goldzertifikat in weiter Ferne? Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir den Aarbechtsgrupp, wou mer dat scho presentéiert kruten. A mir fannen et och ganz interessant datt mer do zwee Eventer haten, och fir de Grand public am Sënn vun erklären, sensibiliséieren a virun allem Austausche mat de Leit dobaussen. Wat de Fuerpark ugeet, fir direkt do anzehaken, wou d'Madamm Kayser opgehalen huet, begréisse mir dat natierlech ausféierlech. Dat ass och eppes, wat mir all Joers an der Budgetsdebatt soen a fuerderen, datt de Fuerpark soll méi op elektresch ëmgeswitcht ginn. Natierlech ass dat ambitiéis, mee ech muss nach eng Kéier hei soen, mat Bléck op déi aktuell Pëtrolskris, ass dat awer trotzdeem eng gewësse Sécherheet fir e weidert Fonctionnement vun eiser Gemeng wa mer géifen awer trotzdeem op Elektresch ëmswitchen.

Den Undeel vun erneierbaren Energien, wat d'Wärmeerzeugung ugeet fanne mer och immens interessant, fir vun 42 % op ganz 100 % ëmzeswitchen bis 2040, e groussen interessanten Challenge. Hei wier déi Fro just, am Neibau si mer jo bei der Zertifizéierung DGNB, wat wierklech e ganz héijen Niveau ass, par contre ass dat och virgesi fir am Albau, fir datt mer do alles duerch Erneierbar géifen ersetzen? Mir hunn och fonnt Circular Economy, et ass wierklech ëmmer e flott Stéchwuert, dat benotze mir och ganz gären. Mee dat eent ass d'Theorie, dat anert ass d'Realitéit. An do muss ech soen, konnte mer net richteg erausliesen, a wéi engem Kontext, a wéi engem Kader schwätze mer hei erëm vun Neibau, Albau? Wat Baustellen ugeet, si mer do éischter an deem Kontext, wat d'Circular Economy ugeet oder eppes aneschters? D'konsequent Innenstadtbegrünung ass och ee vun eise Kärthemaen. Mir fannen et deet sech och eppes. Absolutt an definitiv. Dat ass och ganz gutt.

Mee et war och interessant fir gëschter ze gesinn, wéi d'Leit dat gesinn hunn am Kader vum Atelier citoyen, an et ass och interessant, wéi d'Leit déi eenzel Plazen identifizéiert hu wou ee kann eebe méi begréngen op Basis vum Katalog, dee mer virdru presentéiert krute mat eenheemesche Planzen. A vläicht nach entre parenthèses, mir schwätze vu Gréngs, mee Dréchemauere sinn och immens wichteg, och an de Quartiere fir eebe Biodiversitéit ze fërdere fir d'Insekten an dat Ganzt eeben, jo, datt Liewen sech do och entwéckelt an deem Sënn. Stroumproduktioun op Gemengegebaier op 30 %. Dat ass och ganz interessant. Hei wier eisen Incentive just, et wier vläicht och flott wa mer géifen an deem Sënn méi oder exklusiv inklusiv mat Kooperative schaffen, wou Matbierger, Matbiergerinnen aus der Stad sech kënnen och hei matbedeelegen. Dat gëtt engem och direkt d'Gefill, datt ee punkto Natur a Klimaschutz och direkt méi aktiv ass.

Zum Punkt Offall. D'Zil wier et op 150 Kilo pro Awunner ze kommen. Mir haten de leschte Méinden am Kader vum Observatoire Diddeleng gesinn, datt mer mat 30 Kilo Offall pro Persoun erofgaange sinn. Dat ass natierlech immens flott ze héieren. Par contre wier et vläicht hei interessant ze wëssen, ob den ëffentlechen Offall, dat heescht, iwwerall wou mer esou Poubelle stoen hunn, ob dat och rofgeet? An, jo, well net datt et doheem erofgeet an d'Leit awer hir Poubellen dobaussen an den ëffentleche Poubelle erausgeheie ginn. Ech sinn och einfach op déi Iwwerleeung komm, well net méi spéit wéi de leschte Weekend hat ech zwee Policeautoe gesinn niewent enger Wiss an do waren d'Poubellen ausgeschott a si waren amgaange sécher no Prouwen ze kucken, wien dat gemaach huet fir do eng Sanktioun. Dofir soen ech mer vläicht geheien d'Leit net doheem a vläicht enzwousch aneschters, wat ech net hoffen. Mee déi Iddi hannendrun ass natierlech immens flott an ënnerstëtzenswäert.

Nei dobäi komm ass d'Reduktioun vun dem Flächeverbrauch am Kader vun eise PAPen a PAGen. Dat ass super. A vläicht hei e weideren Incentive oder eng Iwwerleeung, déi mer haten, dat sinn déi eidel stoend Wunnengen. Well schlussendlech sinn déi och scho gebaut. A mir schwätzen ongeféier vun zéng Prozent national gesinn, wat eidel steet. An hei wier vläicht eng Iddi, datt mer eis am Aarbechtsgrupp vläicht PAL, wat d'nächst Woch och stattfënnt, eis de Sujet géifen eng Kéier ukucken, fir eis da realistesch Krittären ze ginn. Ech kennen déi Problematik, déi do hannendru stécht, datt et kompliz\u00e9iert ass fir eidel stoend Wunnengen ze identifizéieren, wéi eng Krittäre kucke mer. Mee dat wier interessant an deem Sënn, datt mer dat do opwerfe vläicht an eis realistesch Krittäre ginn, wéi mer déi kënne fannen, identifizéieren a mobiliséieren. Et gëtt och e gesetzleche Kader. Mee ech mengen am Moment ass et schwéier, deen esou tel quel ëmzesetzen.

Zu der Loftqualitéit steet do: Die Stadt strebt die bestmögliche Luftqualität an. Dat ass e bëssi ondefinéierbar. An ech hu mech gefrot, et ginn awer Krittären, déi eng Loftqualitéit definéieren. Mir schwätzen hei natierlech vu Feinpartikelen, vun, ech soen elo all déi Ofkierzungen, mee $NO_2$, Ozon, $SO_2$, CO, $CO_2$, dat si mesurabel Wäerter, wou mer kënne soen, okay, mir ginn dovunner aus, a mir wëllen do ukommen. An dat ass eppes, wat mir e bëssi vermëssen. Mir wëssen net wou mer histeiere fir déi besser Liewens- a Loftqualitéit, natierlech an engems och Liewensqualitéit.

An dann nach e leschte Punkt. Et konnt ee liesen: Die Anzahl der innerstädtischen Parkplätze wird reduziert. Dat ass och en Theema, wat mer awer schonn oft ugeschwat hunn a wou mer dat gelies hunn, hu mer eis gefrot: Si scho verschidde Parkplazen identifizéiert, déi solle vläicht reduzéiert ginn, dat heescht, ewechkommen? A wann, wat geschitt da mat deene Parkplazen dee Moment?

Allgemeng géife mir och gäre wëssen, ob mir hei eng Priorisésierung vun de politesche Choixen hunn an en Aktiounsplang, wéini wat soll ëmgesat ginn? Interessant och ze wëssen ass, wéi wäit geet de Schäfferot da mat Virgabe vis-à-vis vun engem Geschäftsverband, vun den Awunner, vun ëffentlechen Instanzen, wéi zum Beispill d'Ponts & Chaussées, mat deene mer zesumme schaffen, an iwwerhaapt all déi aner Partneren? Dat wier eng Fro un de Schäfferot.
An als Conclusioun, jo, géif ech soen, datt mer de Courage mussen hu verschidde Reflexer vläicht aus der Vergaangenheet ze hannerfroen. Well eng modern Stad ass net eng Stad, déi ëmmer méi Energie verbraucht, déi méi Plaz an ëmmer méi Ressourcë verbraucht. Eng modern Stad ass eng Stad, déi hir Awunner op déi zukünfteg Krise virbereet a virun allem do virdru schützt. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Ech ka mech e bësse méi kuerz halen, well mir eis elo eigentlech op just déi punktuell Upassunge vum Leitbild konzentréiert hunn, déi elo wäerte virkommen. Och dat ass jo am Klimateam schonn eng Kéier diskutéiert ginn. Och dofir Merci. Mir waren och frou ze gesinn, dass verschidden Ziler, wéi virun allem d'Stroumproduktioun, dass mer do esou gutt virukommen. Also déi Diagrammer, déi ware wierklech gutt, fir sech dat elo mol eng Kéier e bësse méi virstellen ze kënnen, wou mer wierklech op deem Pad sinn. Dofir villmools Merci. Dass mer do esou gutt virukommen an eigentlech jo, sou wéi et de Moment ausgesäit, wann alles gutt geet, keng Schwieregkeeten dierften hunn, fir dat neit Zil ze erreechen.

Ech mengen, dass d'Stroumproduktioun mat dat Wichtegst ass, well jo effektiv och de Stroumverbrauch warscheinlech schwiereg an nächster Zäit wäert kënne reduzéiert ginn. Dat war eng Diskussioun, déi mer effektiv am Klimateam haten, wou mer e bëssen driwwer diskutéiert hunn, okay, solle mer dat elo upassen oder net? Mee et stëmmt, wa mer ëmmer méi op Stroum eriwwergi fir Wäermt ze erzeugen an esou weider an esou fort, da mécht et Sënn dat Zil lo vläicht net ganz unzepassen. Wou ech elo e bëssen iwwerrascht war, war dass mer d'Zil ugepasst hunn no ënnen, wat de Wärmeverbrauch vun de Menagen ugeet, well ech hunn och elo d'Presentatioun vum Klimateam nach eng Kéier duerchgekuckt, do hunn ech dat net fonnt. Ausser ech hätt mech elo wierklech geiert, mee ech mengen do war dat net ugeschwat ginn. Op alle Fall war et net an der Presentatioun. Do ass natierlech ëmmer d'Fro, wann ee mierkt, dass een net um richtege Wee ass, passt een dann d'Ziler un oder probéiert een net awer sech éischter ze iwwerleeën, wéi een dat Zil dann awer kéint erreechen?

Wat elo de Wärmeverbrauch bäi de Menagen ugeet, mengen ech, dass mer mat der Maison 71 wierklech e Projet hunn, dee kéint wierklech an dee richtege Wee goen, fir do ze weise wat alles méiglech ass. Vläicht hëlleft dat nach e bëssen do virunzegoen. Mee dat eleng geet natierlech net duer. Mee ech mengen do, dass mer do wierklech nach mussen, souwuel mat finanzieller wéi awer och mat informationeller Ënnerstëtzung de Menagen zur Säit stoen. Et ass ëmmer e bëssen ongléckle ch, wann ee seng Ziler upasst, wann ee mierkt, dass ee se net erreecht. Mee do schénge mer jo wierklech nach wäit ewech ze sinn. Duerno hu mer eis natierlech och gefrot, okay, mir hu lo dat Leitbild. Do stinn immens vill Zuelen dran. Herno ass natierlech d'Fro, okay, wat heescht dat konkreet? Wat maache mer elo mat deenen Zuelen? A wéi wëlle mer déi Ziler erreechen?

Et steet dran, dass mer punkto erneierbar Energië wéilten eng Zesummenaarbecht mat der lokaler Industrie maachen. Do wollt ech einfach mol froen, wéi gesäit dat aus? Hu mer do eigentlech, dat ass jo elo näischt Neies, hu mer dat scho gemaach? Gëtt et do schonn éischt Resultater oder Austauscher mat der lokaler Industrie? Dat ass natierlech wierklech interessant, well ech mengen, dass do och e gewëssent Potenzial do ass. Et ass ëmmer an der Industrie natierlech méi komplizéiert. An dann, wa mer op de Flächeverbrauch aginn, do wollt ech zwou Saache soen. Dat Eent ass natierlech, da misste mer eis e Konzept iwwerleeën, wéi mer eis Baulücke gefëllt kréien. Do ginn ech awer elo net weider dran an. Mee ech mengen, dass dat awer wierklech dozou gehéiert.

Mee och punkto Gréngflächen, lo hunn ech nämlech och d'Méiglechkeet, mech ze verbesseren. Ech hu virdrun eng Dommheet gesot, gëschter war kee Biergerrot, gëschter war e Biergerforum, huet dat geheescht. Ech entschëllege mech dofir. Mee do ass ganz vill iwwert d'Gréngflächen diskutéiert ginn an dowéinst wollt ech dat nach eng Kéier erauspicken, dass et hei och ëm d'Vernetzung geet, net just eenzel Oasen. Mee dass mer eng Vernetzung brauchen, en zesummenhängend Netz vu Gréngflächen, ech mengen, dass dat vill méi wäert ass och. An dorobber hunn d'Bierger och gëschter wierklech Wäert geluecht.

An do ass och an der Diskussioun erauskomm, dass mer verschidde Sujete vläicht mussen nach méi transversal ugoen, zum Beispill wat d'aktiv Mobilitéit an de Flächeverbrauch a Gréngflächen ugeet. Dass mer einfach wierklech eis nach eng Kéier Gedanke maachen, wéi mer de Raum notzen an net just iwwerleeën, okay, wéi kréie mer elo d'Leit dozou, dass se méi zu Fouss ginn oder méi mam Vëlo fueren an anerersäits, wou kënne mer Beem planzen? Mee dass mer dat Ganzt nach méi transversal uginn. Ech mengen dat ass déi grouss Erausfuerderung, wa mer wierklech e qualitative Sprong wëlle maachen an net just e puer Prozenter ëmmer bäigewannen a fir de Rescht wäerte mer dat heite selbstverständlech matstëmmen. Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV) : Merci villmools fir d'Wuert a merci fir d'Presentatioun. Wéi mir d'Klimapaktleitbild 2026 duerchgaange sinn, hu mer gesinn, dass weiderhin, wat mer och wierklech absolutt begréissen, d'Gemeng zanter ville Jore sech engagéiert fir de Klima- an Ëmweltschutz, dat ass absolutt ze begréissen an ze ënnerstëtzen. Mir gesinn, dass d'Diddeleng wierklech bereet ass, eng Verantwortung ze iwwerhuelen. An dofir och wierklech e grousse Merci fir jiddwereen, deen do all Dag säin Asaz leescht.

Mir hunn et och ganz positiv bewäert, dass d'Stroumproduktioun gutt erofgaangen ass, par rapport zu deem, wat mer eis virgeholl haten am Leitbild 2022. Mir hate just nach eng Fro, déi opkomm ass. Am Leitbild steet dran, dass mer

10 Berodunge vun der Klima-Agence pro 100 Awunner fir 2030 envisagéieren. Ech hu mech just gefrot, wou sti mer aktuell? Wéi vill Berodunge ginn de Moment an Usproch geholl? An, jo, da fir de Rescht begréisse mer, dass d'Stad Diddeleng sech kloer Ziler setzt d'$CO_2$-Emissiounen erofzesetzen an och weiderhin engagéiert a responsabel eng Klimabilanz féiert an d'Leitbild vum Klimapakt e breet Uwendungsfeld fonnt huet. An domadder soen ech villmools Merci a mir wäerten dat natierlech matstëmmen.

DIOGO COSTA (LSAP): Jo, villmools merci nach eng Kéier fir déi Presentatioun. Jo, och wéi beim Naturpakt geet et bäi eis hei am Klimaleitbild ëm Kontinuitéit an d'Konsequenz och vun enger kloer Aktualiséierung vun deem Wee, deen Diddeleng scho laang am Klima- an Nohaltegkeetsberäich geet. Ech mengen den Här Manderscheid huet dat ugeschwat, wou mer iwwerall Member sinn an och a ville Beräicher Virreider waren am Beräich Klimaschutz hei zu Diddeleng. Dat weist, dass Diddeleng dës Froen net eréischt zënter gëschter behandelt. Eis Stad huet sech, jo, iwwer Joren an engem europäeschen, nationalen, awer och regionale Kader engagéiert. Dat ass deemno kee kompletten Neistart, mee eeben déi logesch Suite vun enger Politik, déi scho laang verfollegt gëtt. Wichteg ass, dass de Klimapakt net nëmmen eng Fro vun Energie oder $CO_2$ ass.

Et gëtt kloer festgehalen, dass Klimaschutz, an d'Madamm Thoma huet et gesot, eng Upassung un d'Folgen vum Klimawandel gläichwäerteg behandelt, fir eng Stad wéi Diddeleng absolut richteg ass. Mir mussen d'Emissioune reduzéieren. Mee mir mussen eis Stad och esou opstellen, dass se besser mat Hëtzt, Staarkreen, Dréchent an extreeme Wiederphenomeen ëmgoe kann. D'Ziler, déi hei drastinn, sinn dobäi ganz konkreet. Fir d'Stadgebitt gëtt en Ofsenkungspad vu 4,6 % Emissioune pro Joer bis 2030 viséiert. Do si mir schonn um richtege Wee. Mee och do läit nach Aarbecht virun eis. Dat gouf och virdru scho gesot. Mir hunn an deene leschte Jore konkreet Efforte gemaach, déi elo am Leitbild confirméiert an och weidergefouert gi bei de kommunale Gebaier, wou de Verbrauch vu Wäermt, Stroum a Waasser systematesch erfaasst gëtt an och erof soll goen. Wat fir eis och wichteg ass, well d'Gemeng hei selwer seng Virreiderroll muss iwwerhuelen an och d'Virbildfunktioun iwwerhëlt.

Et geet ëm d'Renovéierung vu kommunale Gebäiparken, d'Gebäudehüllen, méi effizient an technesch Installatiounen, erneierbar Wäermt. Jo, déi progressiv Elektrifizéierung vum Fuerpark ass ambitiéis a richteg an der Grondiddi, mee do ginn ech de Kolleege vun der CSV Recht, elo fréizäiteg Gefierer ofzestoussen, déi nach fonctionell sinn an eeben nach net um Enn vun hirer geplangter Lafzäit ukomm sinn, ass fir mech einfach de falschen Usaz an éischter kontraproduktiv wéi dass et do wierklech eppes soll bréngen.
Um ganze Gemengegebitt ginn d'Ziler méi konkreet. De Wärmeverbrauch soll an de Stéit däitlech erofgoen. Den Undeel vun erneierbaren Energië soll klammen. D'Stroumproduktioun, erneierbar Energië soll weider eropgoen. An och d'Photovoltaik, déi installéiert d'Leeschtung am Verhältnis zum Potenzial weider substanziell wuessen. Dat sinn Ziler, déi begleet musse ginn. An dofir ass et gutt, dass am Leitbild och kloer virgesinn ass, Indicateuren ze erhiewen, d'Ofsetzung falen am Klimateam ze iwwerpréiwen an d'Resultater un d'Biergerinnen an d'Bierger, d'Industrie, wéi dat och richteg gesot gouf, an och un de Commerce ze kommunizéieren.

Wa mer richteg Klimapolitik wëlle maachen, muss déi transparent geschéien. A mir mussen net nëmme Moossnamen annoncéieren, mee mir mussen och kucken, dass se wierken. Ech begréissen och, dass d'Leitbild d'Klimaadaptatioune vill méi breet gesäit. Et geet ëm Gréngflächeversigelung, Staarkreen, Waasser, dat hat ech gesot, mee och ëm Mobilitéit, den Offall, d'Circular Economy an de Flächeverbrauch. Genee do läit d'Verbindung tëscht dem Klimapakt an och dem Naturpakt. An eng Stad, déi klimafit wëll sinn, brauch net nëmmen erneierbar Energien, mee och méi Gréngs, manner versigelt Flächen, besser Waasserréckhalt. Jee, dat hu mer virdrun am Naturpakt och gesinn. Diddeleng huet do scho vill Efforte gemaach. 2023 ass eng interdisziplinär Aarbechtsgrupp fir d'Stadbegréngung op d'Bee gestallt ginn. An net méi spéit wéi gëschter ass op deem Sujet e Workshop, e Klima- e Biergerrot, Biergerforum, d'Assisen, Assisen, pardon, stattfonnt. De Gréngflächekadaster soll hei hëllefen, eeben de Bestand an eeben d'Vernetzung, och dat hat d'Madamm Thoma gesot huet, an de Versiichtungsgrad besser ze suivéieren.

Ech kommen nach emol, an ech wäert warscheinlech an Zukunft dat och méi oft maachen op d'LISER-Etüd zréck, och dat ass schonn ugeschwat ginn, déi bestätegt, dass dëst Theemae ganz konkreet sinn an dass Diddeleng eng grouss, wuessend a sozial divers Stad ass mat ënnerschiddleche Realitéiten an de Quartieren. Wéi virdru scho gesot, heescht dat, dass och d'Klimapolitik do ëmmer quartiersbezunn a sozial gerecht geduecht muss ginn. Eng Klimapolitik, déi just um Pabeier gutt ausgesäit geet do net duer, se muss am Alldag vun de Leit ukommen a se muss och an de Quartieren ukommen. Et ginn dobäi positiv Signaler, déi een aus der Etüd kann erausliesen. Op deene wichtegen TICE-Linnen zum Beispill ass an eiser Stad, laut Etüd, méi wéi 3100 Montéeën den Dag gezielt ginn, och beim Offall, dat hate mer och presentéiert krut, ass en Taux de recyclage vu 60 % erreecht ginn an och de Reschtoffall pro Awunner, pardon, ass zréckgaangen.

Dat weist, dass d'Lokalpolitik wierke kann, wann d'Offer stëmmt, wann d'Reglementer stëmmen a wann d'Sensibiliséierung do zesummespillt. Gläichzäiteg weist d'Etüd och, dass et nach weideren Handlungsbedarf gëtt, och am Beräich vun der Mobilitéit, an och dat ass schonn ugeschwat ginn, am Beräich vun der Offallgestioun. Déi Ziler, déi mer elo formuléiert hu mussen duerno an der Ëmsetzung mat Donnéeën, Indicateuren a quartiersbezunnen Analyse begleet ginn. Dat mécht déi Politik méi präzis, méi gerecht a virun allem méi effikass. Och an der Mobilitéit, dat hat ech elo gesot, setzt d'Leitbild wichteg Akzenter bei der Reduzéierung vun der Verkéiersbelaaschtung, d'Sécherheet fir d'Foussgänger a Vëlosweeër, ëffentlechen Transport wëllen ausbauen an och d'Weiderféiere vum SUMP, wat do natierlech net nëmmen eng Klimafro ass, mee och eng Fro vu Gesondheet, Sécherheet a Liewensqualitéit am Alldag.
Fir eis ass dat Klimaleitbild dofir e richtegen a kohärente

Schrëtt. Et baut op deem op, wat d'Diddeleng schonn zanter ville Joren, an dat ass gesot ginn, mécht. An et setzt konkreet Zilmarkeren.

Gläichzäiteg ass kloer, an dat hat ech och scho gesot, mat engem Leitbild aleng geet et net duer, entscheedend ass och d'Ëmsetzung, dat heescht an de Budgeten, an de Bauprojeten, an der Energieplanung, an der Mobilitéit, an der Beschafung an an der Kommunikatioun un eis Biergerinnen a Bierger, déi do de Vecteur musse sinn, fir dass mer dat kënnen ëmsetzen. Dofir ënnerstëtze mer natierlech och, dass d'Ekipp vum Gréngen Haus soll verstäerkt ginn oder verstäerkt gëtt, well si sinn déi, déi dat no baussen droen an do eng exzellent Aarbecht maachen. Mir sinn am Klimaberäich, wéi gesot, um richtege Wee an ambitiéis, an dat säit Joerzéngten. An dee konsequente Wee musse mer weiderféieren, d'Ziler reegelméisseg iwwerpréiwen a weiderhin do nobesseren, wou d'Resultater nach net do sinn, wou mer se wëllen hunn. Dofir ënnerstëtze mer dat Klimaleitbild natierlech voll a ganz. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, ech wollt just eng kleng Reaktioun par rapport zu deem, wat elo grad gesot ginn ass zu dem Fuerpark. Also et ass absolut net esou, datt mir wëllen Autoen, déi elo scho fonctionéieren, ausstoussen. Ech hunn och gesot, mir schwätzen dat ëmmer erëm am Budget un. An am Budget ass et jo esou, datt mer déi nei Autoen, déi nei Acquisitiounen, déi mer wäerte maachen, déi sollen natierlech op elektresch ëmgeswitcht ginn. An et ass wierklech, ëm Gottes Wëllen, net ze soen, en Auto, deen elo scho fiert a gutt ass, datt dee soll ewechgehäit ginn. Also déi gro Energie ass do awer och e wichtege Facteur, fir de Bilan ze maachen. Merci.

LIS CLOOS, SERVICE ÉCOLOGIQUE: Okay, ech ginn dann emol op déi verschidde méi technesch Froen an. D'Madamm Kemp hat gefrot, wat fir eng Auswierkung et huet, wann ee lo gewëssen Ziler net géif erreechen. Do muss ech eng Kéier kuerz aushuelen, well mir si jo och engagéiert am Covenant of Mayors. An all déi Donnéeën, déi mer am EcoSpeed-Region rechnen, déi bezéie sech u sech haaptsächlech op de Covenant of Mayors, mee well et méi Sënn mécht. Also mir hunn einfach déi Ziler all an eist Leitbild eragesat, well mer jo an deenen zwee Programmer engagéiert sinn. An dat heescht, elo wéi d'Moossnam zum Beispill Wärmeverbrauch fir d'Stied, also fir d'Menagen, dat ass elo keen Indicateur-clé am Klimapakt, dat heescht, do gi mer am Klimapakt net bewäert. Dat ass elo einfach en Indicateur, dee mir fir eis a fir am Covenant of Mayors observéieren. Elo, wat aner Indicateure betrëfft, déi mer net erreeche géifen, do wier et elo gutt, wann den Thomas Ruennenburger hei wier, dat ass eise Klimaberoder, hien ass awer haut leider verhënnert, entschëllegt, well haut ass och Klimapakt-Dag, dat heescht, hien ass do.

Jo, ech weess, dass de positiven Trend bewäert gëtt. Also zum Beispill dëst Joer am Audit gëtt gekuckt, okay, wéi entwéckelt sech d'Gemeng? Ass de positiven Trend noweisbar? Gesi mer, dass d'Kurv erof oder erop geet? An dann ass den Auditeur meeschtens dann och domadder averstan déi Bewäertung ze ginn. Mee wéi genau déi Bewäertung elo ausgesäit, kann ech net beäntwerten.

Dann zu deem, wat d'Madamm Thoma gefrot hat zu de Menagë mam Wärmeverbrauch, firwat dass mer dat net am Klimateam scho presentéiert haten. Mir haten déi Donnéeën nach net zu deem Zäitpunkt. Et ass nämlech esou, den Ökozenter fleegt dee Programm, den EcoSpeed-Region, well do komme ganz vill Donnéeën och vun nationale Stellen, vum Statec, vun all méiglechen Administratiounen, déi do erafléissen. Si maachen eng sougenannte Startbilanz fir all d'Gemengen, opgrond vun engem nationale Modell, an da kann d'Gemeng, opgrond vun de lokale Gegeebenheeten, déi Bilanz upassen. An déi Donnéeën, mir hu se och just fir bis elo, bis 2023, d'Donnéeë vun 2024 an 2025 feelen nach, et ass ëmmer ganz schleppend, mee fir 2023 hate mer déi Donnéeën zu deem Moment nach net, déi sinn dunn agefloss a si berechent an ermëttelt ginn an och vun eiser Säit aus dann un Diddeleng ugepasst ginn, an dat sinn elo déi Donnéeën, déi mer elo haut konnte weisen.

De lokalen Austausch mat der Industrie, do hate mer effektiv, mir hu jo och Memberen aus der Industrie an eisem Klimateam, mir haten do een Austausch, dee gutt stattfonnt huet. Mir haten elo an der Lescht aner Prioritéiten, mee dat ass awer definitiv eppes, wat och op eiser Lëscht steet, wou mer wëlle weiderfueren, fir déi Aarbechtsgrupp am Klimateam rëm méi ze aktivéiere fir do méi en Austausch nees ze hunn. A jo, wéi vill Berodunge pro 1.000 Awunner ginn et hei zu Diddeleng? Ech hu lo do keng genau Zuel. Ech weess awer, déi Donnéeë ginn eis ëmmer am Kader vum, mir hunn den Info-Point STEP, mat de STEP-Gemengen, wou all déi Service Ecologiquë vertruede sinn a wou och ëmmer dann ee Vertrieder vun der Klima-Agence dobäi ass, déi eis dann de Rapport annuel virstellen.

An et ass esou, dass Diddeleng vun de STEP-Gemengen vir läit, déi meescht Berodunge pro 1000 Awunner huet, mee mir sinn nach net bei deenen 10, well dat ass en extrem ambitiéise Wäert. Mee, jo, ech soe lo léiwer keng Zuel, well ech weess se net auswenneg. Fir de Rescht soen ech Merci fir alleguerten, fir den Input. Do si ganz interessant Aussoen dobäi, déi mer sécher och ophuele wäerte fir eis weider Aarbechten. Ech kucke elo just nach eng Kéier, ob ech nach eppes vergiess hunn. Fir mech ass et okay. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Merci, Lis. Da géif ech d'Conclusiounen zéien. Fir d'éischt emol merci Iech alleguerte fir dee konstruktiven a seriöen Dialog, dee mer hei konnte féieren zum Thema Leitbild. Ech wëll just allgemeng op dat Leitbild nach eng Kéier agoen. Dat ass am Fong geholl e Sammelsurium vun Ziler, vu Wënsch, vu Wierklechkeet, vu Konkretes. A virun allem ass et en Zesummespill vu ville Partner. Mir als Gemeng kënnen dat Leitbild do, wéi mer et haut presentéiert hunn, selbstverständlech net aleng stemmen. Wéi gesot, dat ass e Zesummespill vu ganz ville Partner. An ech denken och, dass et en Zesummespill ass vum Budget. Ech huelen als Beispill dann direkt de Fuerpark eraus. Dat ass jo eng Saach vum Budget, also ënner anerem de Fuerpark. Dat ass eng Saach vu Budget. Do muss een, wéi gesot, bis 2030 dat mat där néideger Rou a Geloossenheet awer alles op sech duerkomme loossen. An Dir wësst jo, dass mir eis net irritéiere loossen a konsequent dee Wee weiderfueren, wou mer bis elo ageschloen hunn. An Dir wësst, dass Gold herno eraus-

komm ass. An ech sinn och ganz optimistesch, dass mer elo den 18. Juli, wann de Reaudit ass, dass mer do awer wäerte warscheinlech dat selwecht Metall erëm kréien, wéi mer haten.

Et ass och esou, an ech wëll nach eng Kéier drop kommen, op gëschter Owend, dat ass elo schonn e puermol ugeschwat ginn, déi Klimapakt-Assisen. Ech wëll ënnersträichen, dat hunn ech och gëscht gesot, dat ass keng Alibi-Veranstaltung. Effektiv, ech war och gëschter Owend do, dat war eng ganz flott Organisatioun. Do ware bal 30 Biergerinnen a Bierger present, déi hunn a véier, fënnef Workshoppen zu verschiddenen Theeme seriö a gutt matgeschafft. Ech muss soen, dat war wierklech beräicherend. An och do muss ech awer soen, ass net alles méiglech. Mee mer huelen alles zur Kenntnis. Do gëtt jo nach e Rapport vun deem Owend gemeet. A wat machbar ass, maache mer. A wat net machbar ass, musse mer och de Leit och sou kënne kloer soen, dass dat eeben aus deene Grënn XY eeben net machbar ass. Mee mer probéieren awer de Maximum ze maachen. A wéi gesot, mir wäerten an deenen nächste Joren eise Wee esou konsequent weidergoen, wéi mer en ageschloen hunn. An deem Sënn, merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci och, voilà, fir dem Lis Cloos seng Äntwerten an och déi vum René Manderscheid. An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwer ginn.

Wien ass da mam Klimapakt-Leitbild, sou wéi et hei virgestallt gouf, averstanen?
***Dat ass unanime.***

Da soen ech Iech och villmools Merci fir déi doten Zoustëmmung. Dat stäerkt eis dann och wieder fir un deem Leitbild esou weider kënnen ze schaffen an Iech och kënnen e reegelméissegen Update maachen an och dem Lis Cloos Merci fir seng Presenz haut hei am Gemengerot.

# 5. Enseignement musical

**Approbatioun vun der Schoulorganisatioun vum Enseignement musical fir d'Joer 2026/2027 – 1. Deliberatioun**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, merci. Ech fänken dann alt scho lues a lues un, well ech presentéieren Iech wéi all Joers dann déi provisoresch Schoulorganisatioun dëst Joer dann eebe fir d'Schouljoer 2026/2027, wéi se eeben de 24. Abrëll dëst Joer arrêtéiert gouf. A wann ech soe presentéieren, dann ass dat e bëssen héich gegraff, well och dat, soen ech all Joers, déi Chifferen ëmmer nëmmen eng Momentopnam sinn. Dat heescht, déi kënne fënnef Minutten, nodeem mer se eeben arrêtéiert hunn, wat dëst Joer de 24.4. war, schonn erëm ganz anescht sinn. A bis dann eeben d'Rentrée wäert sinn, do sinn d'Chifferen definitiv anerer an do wäerten eeben nach déi eng oder déi aner Schwankungen da sinn. Nichtsdestotrotz, mir sinn eebe gehalen, déi provisoresch Schoulorganisatioun all Joers hei ze stëmmen. An dofir betounen ech och all Kéiers, datt déi just provisoresch eeben ass.

Ech ka mech dann eeben och just op Chiffere baséieren, déi provisoresch sinn. An ech maachen dofir och ëmmer de Verglach net mat där leschter definitiver Schoulorganisatioun, mee mat där leschter provisorescher Schoulorganisatioun. An och dee Verglach maachen ech ëmmer ganz kuerz, well, wéi gesot, scho munches geännert huet a munches bis d'Rentrée eeben och nach wäert änneren.
D'Unzuel vu Minutes hebdomadaires, also déi wéchentlech Enseignementsdauer, déi estiméiere mer fir d'nächst Joer op 71.091 Minutten, dat si ronn 7 % méi wéi mer d'lescht Joer an där provisorescher Schoulorganisatioun eebe virgesinn haten. Vu datt et eeben hei haaptsächlech drëms geet, eng Enveloppe budgétaire fir dem Staat ebe seng Subsiden ze definéieren, ginn dës Chifferen och all Joers gewollt zimmlech héich ugesat. Mir mussen, wéi gesot, dat chiffréieren. Mir ginn dat dem Staat weider, fir datt déi eebe kënne fir den nächste Budget wësse wat se musse virgesinn. Dat ass net nëmme mir, dat heescht all d'Musekschoulen.

En aneren Aspekt ass bei eis an der Musekschoul och d'Weiderféiere vun der Division moyenne an deenen dräi Danzsparten. Generell erkläre sech eis Zuelen och awer natierlech duerch d'Attraktivitéit vun eiser regionaler Struktur. Dann awer och der gesamter demografescher Entwécklung an natierlech och duerch eng verbessert an och dynamesch Kommunikatioun, déi mer maachen. An domat eeben och d'Visibilitéit no bausse verstäerkt hunn, ënner anerem och duerch d'Campagnë vum Educatiounsministère am Kader och vun der Gratuitéit vum Enseignement musical.

Eraushiewe kann a soll een och eisen Departement Danse mat ronn 270 Schülerinnen a Schüler. Hei mierkt een, dass eeben eng grouss Demande do ass. Anerersäits mengen ech awer och, datt mer sollen de Projet Carousel eraushiewen, eng Offer fir Enfants à besoins spécifiques, deen elo a seng sechst Saison scho kënnt. De Modell, deen Der als provisoresch Organisatioun virleien hutt, ass och all Joers d'selwecht opgebaut, e baséiert eeben op deenen Donnéeën, déi mer um Portail informatique, deen de Staat eis eebe virgëtt, deen heescht Edumus, mussen androen. Et ass och wéi ëmmer keng exakt Wëssenschaft, dat kann et och zu dësem Zäitpunkt, wéi gesot, nach net sinn. Well wa mer elo scho wéissten, wéi et bei der Rentrée wär, da kéinte mer jo eigentlech direkt déi definitiv Schoulorganisatioun stëmmen.

Voilà, dat gesot, mengen ech, géif ech Iech bieden, déi provisoresch Schoulorganisatioun dann och matzedroen, déi mer de 27. Abrëll dann och der Iwwerwaachungskommissioun vun der Musekschoul virgestallt hunn, diskutéiert hunn. An ech menge mir kënnen alleguerten heibanne ganz houfreg sinn, eng gutt organiséiert, eng gutt funktionéierend Musekschoul ze hunn, déi och vun eise Partnergemengen appreciéiert gëtt. An ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir net nëmmen de Schülerinnen a Schüler, mee och all eisen Enseignanten an der Direktioun an dem Sekretariat e grousse Merci ze soen, well se ginn och dobaussen appreciéiert. Merci.



MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Jo, also dass d'Musekschoul e wichtege Member vun eiser Stad Diddeleng ass oder e wichtege Facteur ass, dat ass ganz kloer. Natierlech gëtt een heiansdo Opfer vu sengem eegene Succès, vu senge gudde Programmen, vu sengem gudden Oflaf, vu senge gentile Proffen. Virun allem den Danzdepartement ass virdrun erwäänt ginn, deen explodéiert ass. Ech sinn awer och ganz frou och nach eng Kéier ze ënnersträichen, wéi flott dat ass, dass mer an d'Nopeschgemenge ginn. Ech héieren och do ganz vill Echoe vun den Elteren. Wat fir déi och eng immens Erliichterung ass, dass se net ëmmer musse bis an Diddeleng erakomme mat hire Kanner, mee dass d'Kanner sur place eng Offer hunn, déi de Kanner d'Musek awer méi no bréngt an allen Niveauen. Dat begréisse mer ganz staark.

Ech wollt just op eng Saach nach zréckkommen. Dat war d'lescht Joer gesot ginn, dass eeben, well mer esou vill Succès jo hu beim Danzdepartement, do hat de Bob gesot gehat, e géif eventuell kucke fir nach Stonnen och nees an den Hartmann outzesourcen. Do ass just meng Fro: Wéi geet dat? Well ech war elo eng Kéier bei enger Prouf, virun deene groussen Optrëtter elo, hat ech d'Chance meng Enkelin dohinner ze bréngen an den Danzdepartement. Also dat ass e Gewimmel do gewiescht vun Elteren a vu Kanner. Gott sei Dank war schéi Wieder. Mee ech mengen do platzt Der aus allen Néit. An ech mengen, wéi wëllt Der dat geréieren? Well ech huelen un, de Succès gëtt net manner déi nächst Joren.

A wéi gesot, nach eng Kéier och Felicitatiounen un alleguerten d'Partner, déi an dëser Musekschoul aktiv sinn, vun der Direktioun iwwert d'Enseignanten an och d'Elteren. Dat muss een och soen, dat ass och e groussen Opwand fir déi an och fir d'Kanner, déi do derbäibleiwen. Ech mengen dat ass jo och ganz wichteg ze soen, dass der ganz vill do sinn. Mir haten d'lescht Joer riets nach iwwert déi Abandonen, déi sech awer ganz limitéiert halen.

Ech mengen, vläicht kanns De och nach do eng Kéier e kuerz Wuert doriwwer soen. D'lescht Joer has De gesot, dat waren der just ongeféier 20, déi opgehalen hunn. Well mer jo e bëssen d'Angscht hate mat der Gratuitéit, dass d'Leit dat géifen dann esou huelen, oh, wéi eng Offer, mer ginn oder mer ginn net. Mee ech mengen do ass schonn e gewëssene Seriö dohannert. Also nach eng Kéier och vun eiser Säit Felicitatiounen. An da si mer gespaant op déi definitiv Propos, déi mer da wäerte stëmmen. Mee op jidde Fall dat hei ass jo scho mol eng gutt Avance souzesoe, wou Dir och kënnt mat schaffen. A wou Der leider musst relativ fréi am Joer och schonn ofginn, wat eng aner Diskussioun ass. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. Wéi sou oft, ech fänke mat enger ganz klenger Kritik un. Virun zéng Deeg war d'Kommissioun, wou et ëm d'Organisatioun gaangen ass, a wann ech mech net iere krute mer nach ëmmer kee Rapport vun där Kommissioun. Ech weess total, dass heiansdo d'Leit einfach vill Aarbecht hunn. Mee wa mer eng Deliberatioun huelen iwwert d'Organisatioun, da wollt ech froen, ob mer vläicht kéinte kucken, dass dat an Zukunft e bëssen awer fonctionéiert, soss musse mer am Fong d'Kommissioun net maachen. Da kommen ech awer op all déi positiv Punkten. Zum engen hu mer eis immens gefreet, dass elo endlech den Inneministère, dat Personal do ëmgeswitcht hunn op Employéen. Dat huet 18 Méint laang gedauert. Jo, ech verknäife mer elo do all Remark. Mee mir sinn da frou, dass dat endlech funktionéiert huet. Dann ass anscheinend gesot ginn, dass mer elo ëm déi 7 % wäerte wuessen, dat ass natierlech alles provisoresch, par rapport zum leschte Joer. An do ass an der Kommissioun gesot gi mir wären e bëssen un der Limitt, wat d'Säll ugeet. Dat ass elo näischt Neies. D'Madamm Kayser ass elo schonn op den Danzdepartement agaangen. Mee et ass jo net just dat. Mee et ass, mengen ech, och an eise Raimlechkeete vun der Musekschoul, wou mer e bëssen un der Limitt sinn.

Ass dat sou? Komme mer do net esou lues a lues e bëssen un d'Limitten? A mir hunn eis gefrot, ob dat net vläicht och zousätzlech Contraintë fir d'Personal matbréngt? Well ech mengen déi meescht Leit, déi Coursë ginn an der Musekschoul, déi si jo och niewelaanscht iergendwéi fräischaffend a sinn nach anescht iergendwéi engagéiert. A mir hunn eis gefrot, wann d'Säll ëmmer méi kleng ginn, ob dat dann och Contraintë mat sech bréngt, fir iwwerhaapt nach Stonnepläng zesummenzestellen? Oder ob dat awer kee Problem ass a wéi mer do an Zukunft wëlle virugoen. Ech mengen et ass ganz kloer, dat ass hei scho gesot ginn, mir hätte gären, dass esou vill wéi méiglech Kanner oder jiddereen Accès huet, deen dee wëll eng musikalesch Ausbildung kréien, dee soll och déi Méiglechkeet hunn, virun allem eis Kanner. Dat stelle mir guer net a Fro. Mir hunn eis eebe gefrot, ob een dann ëmmer nach nei Offere muss ubidden, och wann ech perséinlech awer elo scho bal interesséiert wär fir Harf ze léieren, muss ech soen, dat kléngt dann awer interessant. Mee voilà, et ass einfach d'Fro, okay, wéi gi mer an der Zukunft weider, wa mer wëssen, dass mer awer e bësse limitéiert sinn?

An a punkto Harf, do ass eis eng Fro opkomm, déi hu mer eis am Fong nach ni gestallt. Mee déi wollt ech dann elo stellen. Wa mer elo Harf ubidden, musse mer warscheinlech och wéinstens eng Harf kafen. An do hu mer eis gefrot, wéi ass dat eigentlech mat Instrumenter, déi d'Musekschoul muss kafen? Ech hunn e bëssen am Budget gekuckt. Ass dat alles ordinäre Budget? Dat heescht, dat geet och ni, wa mer e Piano kafen oder esou, dat geet ni duerch de Gemengerot? Dat gëtt alles vum ordinäre Budget gehandhaabt? Dat wollt ech just eng Kéier froen, well mer, voilà, eis déi Fro virdrun nach ni gestallt hunn. Fir de Rescht freeë mer eis an zwou Wochen op den «I feel like dancing». Deen ass ëmmer ganz flott. A mir stëmmen déi éischt De-

liberatioun, wat jo eigentlech keng provisoresch ass, mee déi éischt Deliberatioun selbstverständlech mat. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Als Éischt wëll ech och dem Bob a senger Ekipp Merci soen, wéi och alleguerten den Enseignanten, fir hiert Engagement an eiser regionaler Musekschoul. Wéi d'Madamm Dall'Agnol et scho gesot huet, ass dat eng éischt Deliberatioun an et handelt sech ëm Estimatiounen. Mir wëssen, dass dës Zuele sech awer bei där nächster Deliberatioun nach wäerten änneren. An awer kënne mer aus den Dokumenter erausliesen, datt mer fir d'nächst Joer, wéi och scho gesot ginn ass, op 71000 Minutte kommen, wat eng Erhéijung vun awer 7 % ausmécht. Fir eis ass dat e kloert Zeechen, dass mir eng attraktiv Musekschoul hunn an datt d'Demande an eiser Regioun weider klëmmt. Besonnesch positiv gesi mir awer och d'Entwécklung am Beräich vum Danzen, wou, wéi och schonn ugeklongen ass, mat 270 Schüler eng aussergewéinlech héich Demande besteet.

An hei hunn ech mer och d'Fro gestallt, wéi d'Madamm Kayser, iwwert deen Outsourcing an déi Reunioun, déi jo scho mam Centre sportif René Hartmann d'lescht Joer sinn, wou mer do dann dee Moment dru wieren? Fir eis als LSAP ass et essenziell, datt och Kanner mat spezielle Besoinen eng Plaz an eiser Musekschoul fannen. Dëst ass net nëmmen eng Offer, mee e staarkt soziaalt Zeechen, dat mir als LSAP nëmme kënne begréissen an och weider wäerten ënnerstëtzen. D'Chancëgläichheet ass fir eis och e wichtegt Theema, dofir d'Decisioun vum Ministère vun de Gratiscoursen ass dee richtege Wee. Mir stinn hannert enger Musekschoul, déi gutt organiséiert ass, déi gutt fonctionéiert an déi vun eise Partnergemengen appreciéiert gëtt. A virun allem sti mir hannert engem Enseignement musical, dee fir all Kand accessibel ass. Dofir wäerte mir sécherlech dës éischt Deliberatioun och matstëmmen. Ech soe Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci villmools fir d'Wuert, wierklech ganz kuerz. Mir wëllen Iech op dëser Plaz och natierlech Merci soe fir déi ganz Aarbecht, déi Der leescht, fir de ganze Service, deen ugebuede gëtt. Ech widderhuelen dat all sechs Méint gefillt. Mee et ass immens wichteg, datt mer esou eppes Regionales hunn. En plus ass et zu Diddeleng, well kulturell gesinn ass et eng Integratioun a mat der Gratuitéit ass dat wierklech eng sozial Gerechtegkeet an deem Sënn. Ech muss soen, mir sinn an der Museksstuff an et ass immens interessant, muss ech elo eng kleng Anekdot zielen, vu mir selwer. Ech si jo elo net hei zu Lëtzebuerg gebuer, an dat heescht, mir léieren do mat der Joffer Catherine immens flott Lëtzebuerger Lidder, dat heescht, mäi Klengen huet awer elo, also den Knowhow vun de Lëtzebuerger Lidder. Dat ass vläicht, wéi soll ech soen, eng ganz privat Erfarung, déi ech maachen, mee jo, elo kennt e sech do aus, an ech schwätzen ëmmer erëm vun Integratioun vu verschidde Kulturen.

An dat anert ass, ech mierke ganz vill Kanner an der Museksstuff déi breakdancen do um Buedem, an dat wier vläicht en Incentive, datt mer vläicht sollen e Cours am Breakdance och maachen, obwuel mer net genuch Plaz hunn. Ech krut gesot, et géif Hip-Hop ginn, mee voilà, Breakdance wier vläicht eng nächst Stuf. An, jo, vläicht net eng kleng Kritik, mee et sinn awer, trotzdeem mengen ech ze wëssen, datt kleng Männercher do sech umelle fir de Cours an net jiddereen eng Plaz kritt. Ech verstinn, et ass och e Plazmangel, mee et ass awer vläicht eng Kéier ënnert d'Lupp ze huele wéi een dat ka maachen, datt wierklech och all Kand sécherlech eng Plaz kritt. Ech schwätze lo wierklech fir déi ganz Kleng, déi vu quasi 1 bis 4 , mengen ech, ass dat fir d'Museksstuff. Voilà. Merci villmools. Mee wierklech merci fir déi Aarbecht, déi Der maacht. A mir ënnerstëtzen Iech voll a ganz.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, merci. Also ech fänken direkt bei der Madamm Ahmedova un. Dir gesitt, wa mer vun Hip-Hop bis zur Harf hunn, da si mer breetgefächert an de Bob kann eis da soen, ob en ee fënnt, fir Breakdance ze halen, wann net déi Fräiwëlleg vir, hei den Här Gangler mellt sech. Vläicht hu mer da schonn e Proff fonnt, mir mussen eis just nach mat der Remuneratioun eens ginn. Mee Geck an den Eck. D'Madamm Thoma ass eng Kéier op de Budget agaangen. Bon, wéi gesot, do gëtt jo keen Devis gestëmmt. Dofir geet dat u sech net duerch de Gemengerot. Et ass eng Acquisitioun. Wann elo eppes ganz Extraes ass am Budget vun der Musekschoul, da betounen ech dat och ëmmer a menger Budgetsried, an et gëtt natierlech och an der Kommissioun geschwat, wéi genau si elo sech de Budget opstellen, wat si wéini musse kafen, wéi si dat gesinn. Dat mengen ech loossen ech de Bob awer da selwer erklären.

An dann, jo, zum Rapport vun der Musekschoul. Also d'Musekschoulskommissioun war owes de 27. Abrëll, duerno war nach e verlängerte Weekend. An Dir musst och wëssen, datt eis Direktioun d'Sekretariat vun där Musekschoulskommissioun assuréiert, niewent hirer eigentlecher Tâche, wou se momentan amgaange sinn, eng Porte ouverte an eeben och déi hei Deliberatioun, an d'Rentrée virzebereeden. Ech kann nëmme soen, all Respekt, datt se dat och nach maachen, ëmmer eng ganz flott Presentatioun hunn. Jo, et wär gutt gewiescht, wann de Rapport do gewiescht wär. Mir entschëllegen eis, dass dat net de Fall ass. Mee, wéi gesot, also déi Fräiwëlleg vir, och fir e Sekretär fir eng Kommissioun ze fannen. Do wësst Der, datt se sech net grad räissen, virun allem net méi, zënter deem dat och net méi däerf remuneréiert ginn, wat mir net decidéiert hunn. Dofir soen ech eigentlech en décke Merci, datt se, nieft all deenen aner Tâchen, dat doten nach kënnen assuréieren. A wéi gesot, se kënne sech sécherlech nach verbesseren. Mee, wéi gesot, si maachen alles, fir datt jiddereen d'Informatioune matzäiten huet. En plus huet och all Partei säi, seng Vertriederinnen a Vertrieder an där Musekschoulskommissioun. An ech ginn och all Kéiers a menger Einleitung zu den Deliberatiounen, sief et där provisorescher oder där definitiver alles dat zréck, genau dat, wat och an der Iwwerwaachungskommissioun gesot gouf. Voilà. Merci. An da mengen ech kann de Bob nach e puer Wuert soen zu deenen anere Froen.

BOB MORHARD, DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSCHOUL: Villmools Merci. Ech géif nach zu e puer Réckmeldunge kommen. Effektiv, hunn ons Kolleege vum Service des Sports ons am Hartmann nach e ganz klenge

Sputt fonnt, wou mer kënnen d'nächst Joer effektiv zwou Klassen, do wou mer wierklech Plaz gebraucht hunn, kënne mer do halen. Dat ass awer och eng fragil Léisung. Fir d'Zukunft musse mer eis wierklech eng Kéier d'Fro stellen, wéi mer weiderkommen. Et ass esou, dass mer och Coursen, sou klassesch Niewecoursen vum Departement de danse, sief et Information musicale pour danseurs oder Kinesiologie, wou een net forcément en Danzsall brauch, dass mer déi erëm zréck an d'Haaptgebai d'nächst Joer organiséiert hunn, sou dass mer e bësse Sputt gewonnen hunn. Dat ass dat eent Argument.

Dat zweet Argument ass, mir hunn am Fong de Cursus elo eng Kéier duerch. Et ass esou, dass elo keng nei Klassen, keng nei Niveaue méi bäikommen, ausser mer ënne méi Drock hätte vun der Schülerzuel. Mee et ass esou, dass keng nei Niveauen uewe bäikommen. Dat heescht, dass am Fong just nach d'Klasse méi gefëllt ginn an net méi Klasse gebraucht ginn. Zumindest emol fir den ieweschte Volet. D'Abandonen hale sech a Grenzen, ech kenne keng genau Zuelen, mee prozentual leie mer ënnert dem nationalen Duerchschnëtt, et sinn der awer méi wéi 20, mee et ass awer, mengen ech, par rapport zu anere Schoule ganz okay. Da géif ech mech gär entschëllege fir de Rapport, deen nach net do ass. Den Här Feld, deen d'lescht Woch am Krankeschäi war, huet mer elo grad confirméiert de Sekretär, dass dat haut de Moien nach erausgeet. Am Numm vun der Schoul entschëllegen ech mech dofir.

Wat d'Plaz ubelaangt, effektiv, Opderschmelz, d'Musekschoul ass fir plus minus 800 Schüler konzipéiert ginn. Mir sinn 2007 viru bal 20 Joer geplënnert. Déi ganz Planunge sinn, wann ech den Adrien richteg verstanen hunn, 10 Joer virdrun ugaangen. Dat heescht virun 30 Joer ass dee leschte grousse Plang fir d'Musekschoul zu Diddeleng entaméiert ginn. 2007 war den Trend, all d'Coursen erëm ze zentraliséieren. D'Madamm Kayser huet gesot, kleng Patienten oder Eltere vu Patiente soen Iech, si wäre frou, dass mer present wären zu Beetebuerg, zu Réiser, zu Keel an zu Weiler. Mir probéiere genau dat ze maachen. Dat heescht, amplaz dass mer probéieren ëmmer alles bei ons ze hunn, dass mer wierklech do Coursen esou wäit wéi méiglech ubidden, wou d'Kanner wunnen, wou d'Kanner kënnen zu Fouss goen, wou d'Kanner kënne vun enger lokaler Maison relais bruecht ginn. Dat heescht, mir hunn do Sputt geschaaft, dass mer d'Kanner do betreien, wou se sinn. Also déi aner Gemengen hunn deelweis net esou flott Infrastruktur wéi mir. Mir hunn zu Réiser e fonkelneit Gebai, zu Beetebuerg si mer an där neier Schoul um Bëchel, wou mer awer a Cohabitatioun sinn, wat net ëmmer einfach ass. Bon, dat dozou.

Wat d'Personal ubelaangt, d'Fro vun der Madamm Thoma, do muss ee soen, dass de Gros vun de Leit bei ons 100 % engagéiert sinn. Ech géif mengen 80 % vun de Leit hunn e volle Kontrakt bei ons, an dann dass déi Aktivitéiten niewebäi dann éischter accessoire sinn. D'Enseignante maachen hir Stonneplàng selwer, dat heescht, si kréien e Sall zur Verfügung gestallt, mee hir Horairë maache se selwer, ausser bei de Gruppecoursen, dat klappt awer zimmlech gutt.
Dann, wat de Budget de fonctionnement ubelaangt, hu mer effektiv en ordinäre Budget, dee mer vun der Gemeng zur Verfügung gestallt kréien, dee mer da prioriséieren, wéi gesot, wa mer eng Harf kafen, da kafe mer dat Joer kee Piano. Wa mer e Piano kafen, kafe mer dat Joer, keng Anung, kee Marimba. Dat leeft awer schonn, mengen ech, esou laang ech d'Schoul kennen esou, dat funktionéiert och gutt. Wann Der Iech erënnert, hate mer virun zéng Joer eng Kéier de ganze Pianospark erneiert, dat war awer duerch de Gemengerot gelaf, iwwert e Leasing, dat war fir eng Kéier d'Situatioun ze berengegen. Entre-temps hu mer e Plan pluriannuel wou mer all Joers déi Instrumenter erneieren, déi am eelste sinn, dat fonctionéiert am Prinzip ganz gutt.

Da Merci fir déi léif Wierder zu der Museksstuff an dem Museksgaart, dat ass effektiv e Lieu d'intégration, wou mer net nëmme lëtzebuerger Lidder léieren, mee och déi aner Richtung, léiere mer italieenesch Lidder, mir léiere spuenesch Lidder, mir léiere portugisesch Lidder, mir léieren afrikanesch Lidder. A Lëtzebuerg gëtt eis wierklech e flotte Laboratoire fir all Kanner zesummenzebréngen. Do hu mer effektiv eng Offer, wou et haaptsächlech um Dag meeschtens scheitert. Dat heescht, wann d'Elteren net deen Dag disponibel sinn, moies, wou dee Cours ugebueden ass fir déi Altersstuf, dann hu mer just eng Offer. Mee fir de Recht sinn awer Plazen do.

Dann Hip-Hop a Breakdance, dat ass sécher d'Zukunft. Mir hunn awer en nationale Curriculum un dee mer gebonne sinn a wann deen eng Kéier ännert, da sinn ech den Éischten, deen ënnerschreift. Da géif ech nach ofschléissen, effektiv, et ass gesot ginn, den 20. an den 21. Mee ass «I feel like dancing». Et ass bal ausverkaaft, ech mengen Dir hutt jo eng Invitatioun krut. Do si mer mat zwee Showen, wou 400 Leit laanschtkommen oder kucke kommen, éischter. Dir sidd méi wéi wëllkomm. An dann hunn ech awer nach eng aner grouss Nouvelle, dëse Mëttwoch war d'Pressekonferenz vun der Philharmonie. An do hunn ech déi grouss Éier Iech matzedeelen, dass ons Kandidatur zréckbehale gouf fir den 30. Mee 2027 am Kader vum Fräiraum, deen entre-temps Heemspill heescht, kréie mer vun der Philharmonie gratis de groussen Auditoire, plus d'ganz Technik, plus déi ganz Recetten zur Verfügung gestallt, fir e Spektakel vun der Diddelenger Museksschoul ze maachen. Mir plangen dat intensiv an ech géif mech freeën et nach eng Kéier an Zukunft virzestellen. Villmools merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: De Supporterclub wäert da present sinn. Voilà, villmools merci och fir déi doten Erklärungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

Wien ass hei mat der éischter Deliberatioun, der Schoulorganisatioun vun der Musekschoul averstanen?
***Dat ass unanime.***

Ech soen ech Iech villmools Merci. An och dem Bob Morhard Merci fir seng Presenz an ech géif Iech elo proposéieren, dass mer eng kleng Paus maache vu fënnef Minutten, e bësse lëften an da kënne mer weiderfueren. Merci.



# 6. Finanzen

**6.1. Approbatioun vun der Konventioun fir d'Mise à disposition vum Gemengegebai « Déierenasile Diddeleng » un d'Société pour la Protection des Animaux Dudelange a.s.b.l. (SPAD)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, ech géif proposéieren, dass mer weiderfueren no dëser klenger Paus. Den nächste Punkt ass d'Konventioun, déi mer hei virleien hunn, déi de Gemengerot virleien huet, d'Mise à Dispositioun vum regionalen Déierenasyl un de SPAD, un d'ASBL, déi hei vertrueden ass duerch hire President den Här Weber an d'Madamm Decker. Ech begréissen awer och an eiser Ronn den Här Setoca, den zoustännege Mataarbechter, deen och hei de Projet iwwerholl huet, nodeems jo dann den Här Peiffer, dee virdrun de Projet hat an der Pensioun ass. Ëm wat geet et hei? Et geet ëm eng Convention de mise à disposition vun engem Gebai, wou d'Gemeng jo deementspriechend Proprietär ass. E Gebai, d'regionaalt Déierenasyl an der Le'h, wou am Fong am Juni dëst Joer normalerweis d'Aarbechte fäerdeg ginn an dann d'Demolitioun vun deem ale Gebai gemaach gëtt, soudass een am spéiden Hierscht och do déi néideg Aweiung maache kann.

Awer fir dat heiten, fir dat kënnen ze maachen, musse mer hei awer de Kader reegele vun där Mise à disposition un de SPAD. An dofir hu mer och dat heiten am Virfeld mam SPAD beschwat. Dat heite sinn am Fong 1.025 m$^2$. Dat ass d'Surface nette déi mer hinnen zur Verfügung stellen an deem Neibau, dat à titre gratuit. An am Fong ass dat heiten e bëssen de Kader vun der Konventioun, wou mir als Proprietär a si als eigentleche „Locataire" optrieden, wou effektiv dann och jiddereen eng ganz Rei Rechter an och Flichten huet. D'Durée vun der Konventioun déi ass op fënnef Joer, leeft dann 31.Mee 2031 of. Natierlech kënne mer da verlängeren ëm dräi Joer. A wann effektiv déi dräi Joer ofgelaf sinn, da kann een et nach eng Kéier ëm dräi Joer verlängeren. Ausser, wéi gesot, et géif déi eng oder déi aner Partei eng Resiliatioun maachen an eng Denonciatioun par écrit. Wéi gesot, mir kënnen natierlech och, sou wéi dat klassesch ass, d'Konventioun resiliéieren. Dofir musse mer natierlech och eng Rei, wéi gesot, Formalie respektéieren. Mir mussen eng Mise en demeure maachen. Voilà, och dat fënnt een och deementspriechend hei erëm.

Dann ass natierlech och: Wien hält wat en charge? De SPAD muss natierlech op seng eege Käschten alles wat den Alldag ugeet vun der Gestioun vum Déierenasyl en charge huelen, sief dat Gestioun an Entretien vum Badge, Contrôle d'accès, alles wat d'Consommabele sinn, alles wat si am Fong am Alldag brauchen, fir dass d'Déierenasyl fonctionéiert. Ob dat elo fir si ass als Benevole respektiv awer och fir d'Déieren, alles wat Preventioun och ass, alles wat Desinfektioun ass am Alldag eeben duerch d'Aarbecht, déi do effektiv och stattfënnt, d'informatescht Equipement, alles wat den Sanitaire ugeet, alles wat de Mobilier, d'Menuiserie, ech mengen alles dat musse si eebe propper halen, den Entretien courant an d'Reparatiounen. Déi Fraisen, déi doduerch entstinn, wou si effektiv dann duerch den Notzungsgrad, alles Poubelle, Tri-déchets, Espace vertsen, Nettoyage vun den Aborden, och dat musse si maachen an effektiv och eng Assurance och eis hannerleeën.

Naja, si ginn eis natierlech och d'Méiglechkeet, wa Saache musse reparéiert ginn, wou mir als Proprietär effektiv dann optrieden, dass mer dat kënnen och maachen. A mir maachen natierlech och de mensuelle Suivi vun der Consommatioun, och eng ganz Rei trimestriell respektiv semestriell Contrôlë vum Detecteur de fumée, vum Désenfumage, vum Alarm. Voilà, ech mengen dat si Saachen, déi effektiv eis Responsabilitéit och deementspriechend sinn. Mir kënnen natierlech och, nodeems et ofgeschwat gouf, ëmmer eng Visite des lieux och deementspriechend maachen. Mir mussen natierlech och do Bescheed soen, op alle Fall hu mer festgehalen, dass mer eng d'Joer sécherlech maachen. Mee et ass net ausgeschloss, dass een der méi och mécht. Dat wäerte mer dann de commun accord da festhalen.

Si mussen natierlech, wéi ech jo gesot hunn, eng Assurance ofschléissen, wat natierlech kloer ass, an eis déi dann och deementspriechend ofginn. A wéi gesot, alles wat dann Deneigement, Salage ass vun den Espacen och ronderëm, dat huele si och deementspriechend en charge. Dat sinn am Fong hei déi praktesch Modalitéiten, déi mer hei festhalen, wat den Entretien och deementspriechend ugeet. Also am Fong sou dee klassesche Proprietär-Locataire-Prinzip, deen hei festgehale gëtt, fir dass dat doten am Alldag funktionéiere kann. An et ass am Fong jo dann eeben néideg, well, wéi ech gesot hunn, jo normalerweis dann elo am Laf vun dësem Mount de Chantier fäerdeg gëtt, respektiv am Juni si plënnere kënnen, respektiv dass jo dann am Juli dat aalt Gebai kann ofgerappt ginn. Soudass dann hei de SPAD vollstens funktiounsfäeg ass an hei dat heite kann iwwerhuelen, nodeems hei dann de Gemengerot dës Konventioun guttgeheescht huet. Voilà, dat sinn d'Explikatiounen zu dëser Konventioun. A voilà, elo ass d'Diskussioun op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. En Déierenasyl, dat ass am Fong e Gebai, wat Déieren en charge hëlt, déi kee wëll. Dat ass e wichtegen Acteur fir den Déiereschutz. Dat ass och esou festgehalen. Mir sinn och e regionaalt Déierenasyl. Dat ass eng wichteg Aufgab, déi mer hunn. Wat gutt ass, ass dass dat Gebai, wat wierklech an engem net méi ganz korrekten Zoustand war fir d'Mataarbechter an och fir d'Déieren, dass mer dat ëmgebaut hunn. Gutt ass, dass et nohalteg isoléiert gëtt, et ass eng Wärmepompel dran, Photovoltaik, d'Konditioune fir mat den Déieren ze schaffen, si verbessert, d'Konditioune fir do ze schaffe fir d'Personal si verbessert, besser Quarantaineraim fir d'Kazen zum Beispill war eng Fuerderung, där mer

nogaange sinn. An dat ass dann och okay esou. Wat natierlech net okay ass, an eisen Aen, ech kommen awer nach eng Kéier drop zréck, dat ass de finanzielle Volet vun där ganzer Geschicht. Ech ginn nach eng Kéier kuerz drop, well mer sinn nach net fäerdeg mat deem Impakt, finanziellen Impakt, deen dat hei op eis Budget huet. An ech mengen et ass och d'Aufgab vun der Oppositioun och op déi Saachen emol hinzeweisen an nach eng Kéier drop hinzeweisen.

Initial gouf 2021 e Budget vu 5,9 Millioune gestëmmt. An domadder war et awer net gedoen. En en cours de route huet ee verschidde Modifikatioune misste maachen. Et war net nëmmen de Bauindex, dee méi héich ginn ass. Mee et waren awer och Saachen, wou vill ze spéit konnt ugefaange ginn de Chantier ze plangen an d'Pläng auszeschaffen. Dat huet eng aner Ursaach. Do si mir als Gemeng och e bësselche mat Schold. Ech kommen net méi op déi ganz Diskussioun zréck. Mee op jidde Fall hu mer awer nach eng Kéier missen 2,8 Milliounen nostëmmen. An dat heescht, dee Projet kascht elo insgesamt 8,8 Milliounen. Dat ass eng Hausse vu 47 % méi wéi initial virgesi war. An an engem Artikel am Tageblatt ass zu Recht och erwäänt ginn, dass et net nëmmen dat war, wat d'Gemeng huet misse bezuelen, mee och nach d'Aarbechten an der Le‘h, wat sécher och deenen anere Gebailechkeeten an der Le‘h zegutt kënnt. Do sinn, den Här Buergermeeschter hat dat och am Artikel am Tageblatt d'lescht Woch nach eng Kéier gesot, do sinn och 2,7 Millioune vun der Gemeng investéiert ginn.

Ob dee Präis ka gehal ginn, dat krute mer bis elo nach net matgedeelt. Do si mer gespaant wa mer do an enger Sitzung eng Kéier eis zesummesetzen, wou eis Präisevolutioun vun eise scho gestëmmte Projeten drun ass. An et ass domadder nach net fäerdeg. Well dat ass och eppes, wat een awer och nach muss erwänen. Et ass elo gesot ginn, et gëtt geplënnert, an da gëtt dat aalt Gebai ofgerappt. Dat muss entsuergt ginn. Dat gëtt terrasséiert. Do kënnt e Parking. Do komme Stellplazen hin. Do kënnt en neie Gemeinschaftsberäich inklusiv eng iwwerdaachten Trainingsfläch. Déi sinn an deem Budget hei nach net mat dran. Dat heescht, mir wëssen nach guer net, wéi eng Zomm dat da wäert kaschten, quitte dass d'Demolitioun misst am Fong mat dra sinn, well, dat krute mer jo och esou presentéiert, Demolition, une nouvelle construction. Mee de Parking, dat war och gesot gi vun den Architekten an och dee Gemeinschaftsberäich an déi iwwerdaachten Trainingsfläche, dat ass an deem an där dach impressionanter Zomm vun 8,8 Milliounen, nach net mat dran. An do si mer gespaant wéi et weidergeet.

A mir hunn dee Projet vum Ëmbau net matgestëmmt. Aus éischtens emol Intransparenz, well mer net kloer genuch informéiert gi sinn, wou d'Aarbechten dru sinn, a well et einfach demesuréiert deier ass. Ech kommen elo zur Konventioun. Dass mir dem SPAD dat zur Verfügung stellen, ech mengen dat ass ganz an der Rei. Och gratis zur Verfügung stellen, ech mengen dat muss een nach eng Kéier och erwänen. An der Konventioun, wat eis e bësselchen irritéiert huet am Préambule, do steet- prendra en charge et hébergera les chiens. Wat ass da mat de Kazen? Sinn déi vergiess ginn an deem Saz? Oder maache mer elo nëmmen e Muppenasyl? Dat huet eis e bëssen irritéiert, well et war awer ëmmer gesot ginn, et kéime 60 Muppen dran an awer och 100 Kazen. A mir hu jo och déi Quarantänstatioun fir d'Kazen extra do mat agebaut. Dann, wat mech och irritéiert huet, wéi ech deen Artikel am Tageblatt gelies hunn, do sinn nëmme bis elo 10 Hënn a 40 Kaze momentan do. An elo gi mer op 60 Muppen an 100 Kazen eriwwer. Firwat betounen ech dat? Ma jo, well momentan de SPAD bei senge Leit, do stoung och am Tageblatt, 13 festugestallt Mataarbechter, 30 Benevollen, déi dat geréieren. Den Här Manderscheid hat eis och d'Explikatioun am Dezember, wéi mer driwwer rieds haten, gesot, dass véier Leit am CDI wären, dräi Leit en TUC an een CAE.

A wéi gesot, wat mech dann irritéiert, de Punkt, Artikel 6, 6 .1- la SPAD s'engage à assurer à ses frais exclusifs une permanence ininterrompue, 24 heures sur 24, 7 jours sur 7. Cette permanence a pour finalité d'assurer la surveillance effective des lieux, mise à disposition- an esou weider, an esou weider. Wéi wëllen déi dat mat deene puer Männercher do geréieren? Dat ass eng Fro. An do huet een dann e bëssen d'Impressioun, dass iergendwann eng Kéier dee SPAD, deen, laut Artikel am Tageblatt, nëmme vu Subsiden a vu vläicht Ierfschaften an Done lieft, dat net méi packt. Well dat ass eppes, eng Permanence, 24 Stonnen op 24, 7 Deeg op 7, mat 13 Männercher. Also bon courage. Dat weess ech net wéi se dat solle geréieren. An do ass meng Fro direkt: Wat ass soss nach ugeduecht an Zukunft? Si mir als Gemeng herno deen, deen dat dote wäert geréieren? Well wann een dat esou e bësse kuckt, se liewe vun de Subsiden, se liewe vun den Donen. Komme mir do als Gemeng herno dann och, also wéi soll ech soen, gi mir herno responsabiliséiert? Dat heescht, wéi ass d'Zesummenaarbecht an Zukunft, souwuel finanziell, logistesch, administrativ, mam SPAD, bezéiungsweis ass et esou, dass mir herno dat Gebai musse bespillen, och personell? Finanziell maache mer et jo souwisou schonn.

An da kommen ech nach eng Kéier op déi Propos, déi mir gemaach haten, deemools als Alternativ, dass mer eebe scho vun Ufank un dat dote sollten an Eegeregie féieren an net nëmmen en Déierenasyl dra maachen, mee och eng Déierepensioun. An do hätte mer Aarbechtsplaze geschaf, mir hätten eise CIGL kënnen dra schaffe loossen. A mir hätten och eng preventiv Aarbecht gemaach, dass mer eng Déierepensioun derbäi gehat hätten, wou déi Diddelenger Leit zum Beispill hir Hënn hätten hi kënne ginn an de Vakanzen oder hir Kazen och. Et wär och eng Preventioun gewiescht, well mer wësse vill Déieren, déi am Déierenasyl landen, dat sinn der, déi einfach delaisséiert ginn, well d'Leit net méi eens ginn. An do hätt ee warscheinlech kënnen eng gutt Preventiounsaarbecht maachen. Mee bon, Parenthèse do zou.

Mee eng konkreet Fro ass: Wéi gesäit d'Zukunft aus? Finanziell, logistesch, administrativ? An et däerf och vläicht gefrot ginn: Vu weem ginn déi Leit da bezuelt momentan? Wann, laut Artikel awer just do steet, dass se Done kréien an heiansdo vläicht eng Ierfschaft kréien. Dat ass jo dat, heiansdo vläicht, dat ass jo och, déi Hoffnung stirbt zuletzt. Voilà. Da kommen ech nach zu nach e puer Detailer an der Konventioun. Op der Säit 4, uewen zweeten Abschnitt, dat ass och nach am Artikel 6- le personnel affecté à cette mis-

sion devra être qualifié, formé aux consignes de sécurité et aux procédures d'urgence et disposer des habilitations nécessaires pour l'exploitation des équipements concernés. Ech huele jo un, équipements concernés, dat ass net nëmmen d'Schliissanlag oder esou, mee dat ass jo awer och, déi musse jo och qualifizéiert si fir mat deenen Déieren ëmzegoen. Dann ass meng Fro, wien iwwerpréift dat? Wéi eng Qualitéite mussen déi Leit dann och hunn? Oder sinn dat Leit, déi mir zur Verfügung stellen, déi eng Habilitatioun hu fir l'exploitation des équipements concernés? Ass dat just geduecht, esou eng Aart Surveillance technique oder? Dat ass net ganz kloer.

Dann Artikel 7, do steet dann d'Chargen, d'Aufgabe vum SPAD. Do steet och zum Beispill dran, wat mech e bëssen erstaunt huet- Achat, gestion et entretien des systèmes de badges et de contrôle d'accès. Ass dat net am Präis mat dra gewiescht? Et war mir, wéi wa mer awer och do e Schliisssystem och schonn an eisem Budget gehat hätten. Oder wat musse si elo do nach extra kafen? Dann, an och mat der Surveillance steet jo och dran, si missten den Terrain och gutt surveilléieren. Meng Fro, mir hunn och am Budget gehat e Posten, wou hei e bëssen Diskussioun waren, 9800 Euro vun enger Kamera, déi gouf kaaft fir am Zäitraffer de Bau ze suivéieren. Bleift déi Kamera do bestoen? Kënne se déi zum Beispill benotzen och fir als Surveillance? Well du däerfs jo eng Kamera op dengem eegenen Terrain hunn. Dann eng Fro, déi mengen ech awer e bësse pertinent ass: Entretien, also dat steet elo bei der Aarbecht vum SPAD, Entretien des équipements informatiques. Wien huet déi, oder wie keeft déi Equipements informatiques? Si mir dat? Stelle mir dat zur Verfügung? Well herno kënnt jo och do stoe bei der Aufgab vun der Gemeng. Entretien annuel de l'interphone, de la sonorisation et des systèmes de visioconférence. Ech huele jo un, dass dat jo och beim Equipement informatique derbäi ass. Och do nach eng Kéier d'Fro, stelle mir dat och zur Verfügung, déi Equipementer? A wat kascht dat eis?

Dann Gestion des contrats de maintenance avec les prestataires externes. Do ass och d'Fro, wie soll dat sinn? Ech si lo nach eng Kéier bei deenen Aufgabe vum SPAD. Si mussen eng Gestion des contrats de maintenance avec les prestataires externes sinn. Ass dat zum Beispill eng extern Botzfirma? Oder mécht dat eis Gemeng? Oder wéi ass et mat der Surveillance? Well se schreiwe jo och do, si misste 24 Stonnen op 24 deen Areal surveilléieren. Kënnt do eng Surveillance-Firma? A voilà. Dat sinn e puer esou Froen, déi nach e bëssen onkloer waren. Dann Aufgab vun der Gemeng. Also wat d'Gemeng alles, däerf kontrolléiere goen, dat ass alles gutt. An da steet awer och do- Suivi annuel des taxes et redevances poubelle. D'Fro ass elo, wie bezilt déi Taxen? Ech huele jo un, dass et ass wéi bei anere Veräiner och, wou mer eppes zur Verfügung stellen, dass mir als Gemeng d'Taxen iwwerhuelen. An dofir ass dann déi Fro, Suivi annuel des taxes et redevances, wat dat elo genau sollt heeschen. Voilà. An dann ass och nach eng Fro, Artikel 9. Do steet dann och- un rapport de visite établi en double exemplaire par la commune. Et wär och flott vläicht, wann de Gemengerot déi dann och zur Verfügung géif kréien. Dat ass jo och interessant och vläicht e Rapport vun där ASBL ze kréien. Déi muss jo all jo och en Rapport d'activité maachen. Dat wär och vläicht net, oder géif ech menge souguer, dass dat wichteg wär, dass mer och gesinn, wéi ass den Turnover vun den Déieren. A voilà.

An dann zum Plënneren, wollt ech awer och nach soen. Dat ass, den Här Buergermeeschter huet soen, si kréien elo de Schlëssel 1. Juni. An den 1. Juli ass Eröffnung. Mee dass dat net esou evident ass, dat ware mer och eréischt kloer ginn am Fong, wéi ech deen Artikel do gelies hu mam Här Ierpeldeng, deen de Responsabel ass vun den Déiereflee-ger, wou dee gesot huet, dass dat och fir d'Déieren een immense Stress ass, fir se ze plënneren. Bon, si hu lo entre guillemets just zéng Hënn a véierzeg Kazen. A si hunn och gesot, do bräichten se Zäit. Ass gewosst a wéi engem Zäitraum? Dir hutt elo gesot, den 1. Juli musse se raus sinn. Ass dat machbar? Sinn déi Déieren dann, geet dat esou reibungslos? Well aus dem Här Ierpeldeng senge Wierder géif ech éischter mengen, dass een dat wierklech vill méi lues misst maachen, ob dat sou innerhalb vu véier Wochen sou rackzack geet, dat woen ech ze bezweifelen. Also hu si eng Obligatioun den 1. Juli erauszesinn? Dat war am Fong déi konkreet Fro.

Bon, bref. Also mir stëmmen déi Konventioun hei mat, well d'Konventioun u sech eng wichteg Saach ass, mee mir sinn awer ganz veillant a mir sinn och ganz kritesch wat d'Zukunft ass vun där Collaboratioun mam SPAD, déi sécher eng wäertvoll Aarbecht maachen, mee déi awer, wat elo déi 24 Stonnen op 24 Gestioun vun deem Site an och vun deem Déierenasyl mat deene puer Männercher, déi se hunn, net machbar wär. Mir hätten eng aner Propos gehat wéi een hätt kënnen dat Gebai affektéieren. Vläicht och mat engem Déierenasyl derbäi, mee awer net nëmmen. An da wäre mir als Gemeng och méi mat dran an hätten och kënnen eist Personal dohinnersetzen, Aarbechtsplaze schafen, wéi gesot. An do ass meng Fro kloer an däitlech. Ass dat ugeduecht? Oder ass dat scho versprach ginn? Oder ass dat just der CSV hir Ängschten, déi dann, déi an där Diskussioun dann hei ënnerstrach ginn? Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Maja, ech maachen et méi kuerz. Sou wéi mir de Bau vum Déierenasyl matgestëmmt hunn, si mir och frou, dës Konventioun elo kënne matzestëmmen, woumat mer de Leit am Déierenasyl, also déi do schaffen a virun allem och den Déieren dann awer besser Raimlechkeete kënnen zur Verfügung stellen, wat wierklech zu engem definitiven Upgrade wäert vun hirer Situatioun suergen. Mir hätten zwou Froen allerdéngs gehat, wou mer dat Dokument hei gekuckt hunn. An zwar ass déi eng, an déi konnt elo scho gestallt ginn, wéi et mat de finanzielle Mëttele vun der Exploitatioun steet? Mir war och opgefall, déi Donen an déi Ierfschaften, déi do dra stinn, an do war eeben einfach d'Fro, well et elo méi grouss gëtt a well eeben och jo, méi schlecht finanziell Joren awer sech deelweis och schonn ofgezeechent hunn an der Lescht, wou vläicht och manner Done bei Associatiounen ukommen. Einfach, wat ass do de Plang B, fir einfach ze garantéieren, dass et herno deenen 160 Déieren, déi herno wäerten do wunnen, dass et deenen awer ofgesé-chert gutt wäert goen? Dat ass déi éischt Fro.

Déi zweet Fro ass eng Detailfro, déi mer awer an d'A gesprongen ass, dat ass d'Societéit ass jo responsabel fir den Déneigement an de Salage vun den Zones privatives. Elo ass et esou, dass ech mech, Dir wësst dat, ech hat mech am Wanter eng Kéier ganz am Detail mat Streeën an Entäise vun eenzelne Weeër auserneegesat an et ass gewosst, dass einfach e Salz net gutt fir Déierepatten ass. Souwuel d'Hënn, déi do driwwer solle lafen, wéi och d'Kazen, well déi lafe jo warscheinlech net fräi dobaussen. Da wollt ech einfach froen, firwat dat esou explizitt hei vum Salzen drasteet? Et wäert jo awer an der Praxis bestëmmt op méi naturno Méiglechkeete kënne gesat ginn, einfach aus Respekt virun den Déieren, déi och emol aus dem Asyl kënnen eraustrëppele goen. Voilà. Et gëtt warscheinlech och bestëmmt scho sou gemaach. Dofir hunn ech mech dann och gefrot, firwat dass dat esou dann drasteet. Voilà. Dat waren eis Froen. Op jidde Fall stëmme mer dat heite mat an ech soe Merci elo scho fir d'Äntwerten.

MARTINE LOULLINGEN (LSAP): Villmools merci fir d'Wuert, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot. Fir mech perséinlech schwätze mir iwwer vill méi wéi nëmmen eng Konventioun oder e Gebai. Mir schwätzen iwwer Verantwortung, Verantwortung vis-à-vis vun Déieren. Mee och Verantwortung vis-à-vis vun eiser Gesellschaft. Mat dëser Konventioun, der Mise à disposition, schafe mir zesumme mam SPAD e klore Kader fir dat neit Déierenasyl hei zu Diddeleng. Eng modern Infrastruktur, déi et erméiglecht Déiere professionell, sécher a mat Respekt opzehuelen an ze versuergen. Als LSAP droe mir dës Konventioun mat voller Iwwerzeegung, well Déiereschutz ass keng Niewesaach. D'Aart a Weis, wéi eng Gesellschaft mat Déieren ëmgeet, seet vill iwwert hir Wäerter aus. An et ass mir och wichteg ze soen, en Déierenasyl ass vill méi wéi just eng Infrastruktur. Et ass eng Plaz, wou Déieren ënnerbruecht, versuergt a betreit ginn. Eng Plaz, déi Sécherheet, Fleeg a professionell Betreiung garantéiert. An ech menge mir mussen eis och éierlech soen, jo, dat aktuellt Déierenasyl huet iwwer Joerzéngte wäertvoll Aarbecht geleescht, mee d'Infrastruktur kënnt an ass haut definitiv un hire Grenzen ukomm. Gott sei Dank ass dat och anere Parteien opgefall.

Am Artikel Umzug für Mensch und Tier am Tageblatt gouf dat ganz däitlech beschriwwen. Improviséiert Erweiderungen, ze kleng Raimlechkeeten, al Installatiounen an Aarbechtskonditiounen, déi mat der Zäit ëmmer méi schwéier gi sinn. Dëse Projet ass dofir keng Fro vu Confort, et ass eng Fro vu Verantwortung. Well wa mir iwwer Déiereschutz schwätzen, da schwätze mir net nëmme vun Déieren, mir schwätzen och vun de Mënschen, déi sech all Dag ëm si këmmeren. D'Personal an d'Benevolle leeschten eng immens wäertvoll Aarbecht. Si verdéngen dofir och modern, sécher a mënschlech Aarbechtskonditiounen. An dat neit Déierenasyl wäert konkreet Verbesserunge bréngen. Méi Plaz, besser Hygiène, getrennte Beräicher, besser Quarantänméiglechkeeten, manner Stress fir d'Déieren an eng méi professionell Betreiung. Dat neit Asyl ass also net einfach méi grouss. Et gëtt virun allem besser fir Déieren a fir Mënschen. An et ass och positiv ze gesinn, datt bei dësem Projet op Nohaltegkeet gesat gouf. D'Gebai gëtt nohalteg isoléiert a mat Wärmepompelen a Photovoltaikanlagen ekipéiert. Dat weist, datt mir hei net nëmmen an eng modern Infrastruktur investéieren, mee och an eng nohalteg Zukunft a wat och eise Käschten zegutt wäert kommen.

Gläichzäiteg wëll ech dann och deen enorme Wäert vun de villen Associatioun ervirhiewen, déi sech am Beräich vum Déiereschutz engagéieren. Ech perséinlech hat dës Woch eng ganz besonnesch Erfarung, déi mech nach eemol staark an der Iwwerzeegung bestäerkt huet. Mir haten am Lycée Guillaume Kroll e Besuch vum Cathy Laroche vun der ASBL Déieren an Nout. Si huet eise Schülerinnen a Schüler vun der Action sociale en Abléck an hir wäertvoll Aarbecht ginn. A wat mir do héieren hunn, huet eis wierklech beréiert an deelweis och erschüttert. Geschichte vun Déieren, déi vill hu missen duerchstoen. Mee och Geschichte vun Hoffnung, vu Léift a vun enger zweeter Chance. An dat huet nach eemol gewise wéi vill Engagement, Zäit an Häerzblutt et brauch, fir sech fir Déieren anzesetzen. Och dat neit Déierenasyl bitt déi professionell Infrastruktur an déi deeglech Betreiung, déi et brauch. An ech menge genee dowéinst ass et esou wichteg, datt mir als Gemeng eis Verantwortung iwwerhuelen an déi néideg Strukture schafen. Dës Konventioun schaaft Kloerheet. Si definéiert Responsabilitéiten. Si garantéiert, datt d'Gebai professionell geréiert gëtt. A si gëtt dem SPAD déi néideg Stabilitéit fir an Zukunft ze schaffen. Komm mir ginn hinnen elo mol déi Chance.

Am Artikel gouf e Saz gesot, deen ech ganz staark fonnt hunn. Helfen heißt auch zu wissen, wo die Grenze ist. An ech mengen do läit eppes ganz Wichteges dran. Déiereschutz eleng mat guddem Wëlle geet net duer. Et brauch och professionell Strukturen, adequat Infrastrukturen an eng nohalteg Organisatioun. Genee dat schafe mir haut mat dësem Projet. Natierlech ass esou e Projet ëmmer och mat Verantwortung a Käschte verbonnen. D'Verantwortung huet dann och säi Präis. Och wann dat enger Oppositiounspartei nach ëmmer ganz batter opstéisst. Mee ech mengen et ass eng Investitioun, déi richteg ass. Eng Investitioun an Déiereschutz, an Zesummenhalt an an eng mënschlech Gesellschaft. Vill Déiere sinn op eis Hëllef ugewisen. Si hu leider keng aner Méiglechkeet a keng Stëmm. An haut hu mir hei am Gemengerot d'Méiglechkeet, net nëmmen iwwer Déiereschutz ze schwätzen, mee konkreet eppes dofir ze maachen. Ech soen dem SPAD, all de Benevollen an allen Déiereschutzorganisatioune Merci fir hir enorm Aarbecht. An ech soen natierlech och all de Servicer an alle Bedeelegte Merci, déi dëse Projet mat vill Engagement matdroen a matgedroen hunn. An ech kann dann och jidderee schonns heibanne vläicht eventuell motivéieren, emol e klengen Don ze maachen a mam gudde Beispill virzegoen. Merci villmools.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. Ech maachen dann och eng ganz kuerz Stellungnam just. Dir wësst, dass mir als déi Lénk eis enthalen hu beim Devis an och beim Devis rectifié zum Déierenasyl, dat well mer Suergen hate punkto Transparenz a well mer verschidde Präisser net esou ganz konnten novollzéien. Dat heescht awer elo net, dass mer déi Konventioun hei net matstëmmen, well ech mengen, dass et wichteg ass, d'Saachen och am Kontext ze kucken an och kënnen dat eent vun deem aneren ze trennen. Wa mir mat engem Devis mat Käschten net averstane sinn, dann heescht dat net, dass mir géint

den Déierenasyl sinn, sou wéi dat d'LSAP deemools duergestallt huet op Social Media. Ech mengen, dass mer och do mussen am géigesäitege Respekt iwwerleeën, wéi mer mateneen ëmginn an do korrekt bleiwen a mir kënne ganz wuel en Devis net matstëmmen a selbstverständlech awer déi Aarbecht vun deene Leit, déi wierklech gréisstendeels benevole Aarbecht maachen.

A wéi mer hei gesinn an der Konventioun, dat ass wierklech eng grouss Responsabilitéit. Déi Konventioun hei, déi geet elo ëm d'Gebai, ëm den Entretien vum Gebai. Mee déi Leit musse jo souwisou, mengen ech, awer och gréisstendeels do sinn, einfach, fir dass zu all Moment een do ass, deen op d'Déieren oppasst, wann eppes ass. Ech mengen dowéinst muss souwisou déi Permanence gréisstendeels ofgeséchert sinn. Dowéinst, wéi gesot, ech mengen et muss een d'Saachen trenne kënnen. An do géif ech dann eng Kéier en Opruff maachen u jiddereen, och déi vis-à-vis vu mer sëtzen, mir ënnerstëtzen dat heiten. Mir hu fonnt, dass déi Konventioun ganz wäit an den Detail gaangen ass. Also do steet, also et steet just net dra, wien d'Poubellen eraussstellt, mee et steet dra, wien den Toilettëpabeier bezilt.

Mir hunn awer eis ee Moment gefrot, wien d'Chargen iwwerhëlt. Ech mengen elo verstanen ze hunn, dass mat Suivi och gemengt ass, also d'Gemeng garantéiert de Suivi vun den Taxen a vun de Chargen. An dat heescht, dass mer se och bezuelen. Déi Formuléierung hu mer net ganz kloer fonnt. Mee voilà, ech wollt dat eng Kéier gesot hunn hei. A selbstverständlech wäerte mir déi Konventioun hei och matstëmmen. A mir soen dann och e grousse Merci un déi vill Benevollen, well ech ka mer virstellen, dass do ganz vill Aarbecht dra geet. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir halen eis och ganz kuerz. A mat deem, wat d'Madamm Loullingen virdru gesot huet, do ass näischt méi bäizefügen. A mir begréissen natierlech och d'Konventioun mam regionalen Déierenasyl a si frou, datt méi Plaz fir d'Déiere geschaf gëtt, well mir eis natierlech och fir den Déiereschutz engagéieren. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, ech begréissen dann och, dass eist Déierenasyl e bësse méi Plaz huet fir eis Muppen a Kazen. An natierlech, dass eist Personal och elo do besser sëtze kann. Fir op den Devis kuerz zréckzekommen. Ech menge mir waren eis alleguerten eens, dass mer ëmmer frou sinn, wann eppes méi bëlleg ass. An am léifsten hätte mer et jo och gehat, wann alles gratis gewiescht wär. Dat ass nun emol net de Fall. Ech mengen et war jo ganz kloer geschwat ginn am Gemengerot, wat dann och d'Grënn waren, firwat et méi deier ginn ass. An ech mengen dat war jo och herno verständlech fir jiddereen.

Nichtsdestotrotz freeën ech mech elo scho fir da bei der Eréffnung eng Kéier kënne kucken ze goen, wéi eis Déiercher dann do ënnerbruecht gi sinn. An ech mengen d'Méiglechkeet besteet jo nach ëmmer och, dass, wann een eng Kéier an d'Le'h spadséiere geet, ee beim Déierenasyl ka laanscht goe fir e Mupp kuerz auszeléinen, an deem e bësse méi e grousse Rondgang ze erméiglechen, wat ech dann och hoffen, dass emol heiansdo deen een oder aneren hei aus dem Gemengerot dat mécht. An ech schléisse mech dann do och do mat un. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech wollt just dat nach ënnersträichen, och wat d'Madamm Thoma gesot huet, och d'CSV, wéi gesot, mir sinn net géint den Déiereschutz, awer mir si géint Suen, déi investéiert ginn an déi explodéieren. An et war och genau déi selwecht Iwwerleeung wéi déi Lénk, firwat mir de Bau net votéiert hunn. Dat huet glat a guer näischt ze dinn, mam Déiereschutz.
A mir stëmmen och dës Konventioun mat, well mer eeben och fannen, dass gesond Aarbechtskonditioune fir déi Leit, déi do schaffen an och fir d'Déiere sollen e korrekte Konventiounskader kréien. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Bon, ech muss der Madamm Thoma och Recht ginn, dass den Devis dat eent ass an d'Konventioun dat anert. An dofir fannen ech et perséinlech och net gutt, wann d'Madamm Kayser dann hei erëm d'Theema opwerft vum Bau, vun de Baukäschten a vun deem Theema. Dat ass jo dann och en anert Theema, dass een dann hei soll just iwwert d'Konventioun schwätzen an net dat anert Theema erëm op. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci fir déi verschidde Stellungnamen. Ech wollt effektiv do enchaînéieren, fir e bëssen hei e puer Punkten ze soen. An den Här Setoca wäert mengen ech och op eng ganz Rei technesch Punkten agoen. Ech wäert just ee Punkt hei soen, also um ordre du jour stoung « Approbation de la Convention ». Ech wousst net, dass mer nach eng Kéier géifen hei iwwert d'Devise schwätzen. An déi meescht vun den Intervenanten hu sech dru gehalen. D'CSV huet just nach de justesse d'Kéier kritt an am Fong dräi Véierel iwwert den Devis geschwat an ee Véierel iwwert d'Mise à disposition geschwat. A bei der Madamm Thoma war et, wéi gesot, ee Véierel iwwert den Devis an dräi Véierel iwwert d'Mise à disposition. Also, wéi gesot, Approbation de la Convention de mise à disposition de l'immeuble communal denommé « Déierenasile Diddeleng ». Dat war de Punkt à l'ordre du jour a soss näischt aneschters, soss kënne mer hei iwwert dat schéint Wieder och nach schwätzen oder iwwert aner Saachen. Mir fanne bei all Projet ëmmer e Lien zu iergendengem anere Projet, da kënne mer dat opmaachen an ëmmer open-end schwätzen. Ech wëll dat hei nach eng Kéier ganz kloer preziséieren. Dir hat e Moment, wou Der konnt zum Devis schwätzen. An ech wäert herno nach eng Kéier awer op deen een oder anere Punkt politescher Natur zréckkommen. Mee virun allem ginn ech awer elo mol dem Här Setoca d'Wuert. Et ware jo eng Rei technesch Froen, déi Der gestallt hätt. An hie kann dorobber deementspriechend agoen. Merci.

PAULINO SETOCA, TRAVAUX NEUFS – BÂTIMENTS COMMUNAUX : Moien, als éischt. Et war geschwat gi wéinst der Plënneraktioun vun den Déieren an u sech den Déierenasyl am neie Gebai, ob dat mat der Dauerzäit eebe gutt ass. Dat war elo eppes, wat mir mat den Déierenasyl ofgestëmmt hunn. Mir hunn u sech am Ufank zwou Woche gerechent. Herno hu mer mat hinne gekuckt an zwou Wochen ass net

vill. Dofir si mer bei véier Woche gaangen. A wéi gesot, mir sinn elo bei véier Wochen. Natierlech, wann en Imprevu do ass, musse mer da flexibel sinn. Mee a mengen Aen, a bei hinnen och, véier Woche geet largement duer fir déi ganze Plënneraktioun ze maachen. An ech menge si fänken dann un als éischt mat Material, well si kafe bal alles nei wat d'Miwwelen ugeet, an dann am Enn kommen dann déi Déieren do eran. D'Rapport de visite, jo, et geet eemol am Joer dann eng Visite d'état des lieux gemaach. Et gëtt schonn elo eng, virun datt si erakommen, den État des lieux, an dann all Joer maache mer eng Visitt fir den Zoustand vum Gebai ze kucken, fir och wat d'Entretien ugeet ze préiwen, an da gëtt dann e Bericht opgestallt. Wat hunn ech nach hei?

Permanence. Mir hunn u sech am Gebai selwer verschidde Plazen, déi iwwerwaacht si mat Kameraen. Dat bedeit eebe si kënnen doheem zougräifen a kucken, ob alles an der Rei ass. Ob dat bei hinnen intern gemaach gëtt oder extern, dat musse si dann decidéieren. Mee d'Méiglechkeet ass do. Wat BMZ ugeet, jo, u sech, wann d'Feier ugeet, da kann och per SMS dann eng Notifikatioun geschéckt ginn. U sech, Permanence bedeit net, datt Leit eebe 24 Stonnen, 7 Deeg op 7 do sinn. Et muss jo awer garantéiert ginn, datt d'Gebai iwwerwaacht ass. An dofir si Saache gesat ginn, fir datt d'Leit och mat dem Zréckstand Zougrëff hunn an esou Saachen.

Alles, wat d'Informatik ugeet, d'Equipementer an esou, et ass net virgesinn. Si iwwerhuelen deen Deel do och. Si hunn och schonn hiren eegene Computer an esou. Mir hunn eeben am Kader vum Projet e Rack informatique virgesinn. Déi stinn do, mat kengem Server, mat näischt, nëmme mat de Verbindungen a verschiddene Multiprisen, déi a verschidde Räim sinn. Mee alles wat d'Informatik ugeet, dat läit bei hinnen och. Well mir wëssen net, wéi si fonctionéieren, wéi si strukturéiert sinn. Dofir hu mer och näischt gemaach. An dat steet och bei hinnen. War nach do eng Fro? D'Badgen, mir maache Salto, mir setzen dat fir den Accès, mee alles wat de Contrôle d'accès ugeet, d'Programmatioun, dat läit bei hinnen och, den Alldag Entretien, zum Beispill d'Batterie wiessele vun de Schlässer an esou, vum Beschlag, dat ass bei hinne virgesinn. Do hunn ech alles geäntwert, oder?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Okay, villmools merci, fir déi doten technesch Äntwerten. Dat erméiglecht mir op aner Punkten anzegoen. Ech kommen nach e Kéier kuerz awer op den Devis zréck, dee mer d'leschte Kéier am Gemengerot haten, do sinn ech ganz bei den Ausféierunge vum Här Meyer. Mir hunn hei am Gemengerot ganz kloer d'Grënn en toute transparence hei gesot, zesumme mam Architektebüro firwat ass de Projet méi deier ginn ass. Wa mer dat net gemaach hätten, dann hätt ee kéinte soen, dass mer intransparent gewiescht wäre sou wéi d'CSV dat hei monéiert. Also ech sinn do méi no bei den Ausféierunge vum Här Meyer wéi bei deene vun der Madamm Kayser. Well soss hätte mer effektiv deen doten Exercice hei en long et large am Gemengerot net gemaach. An dofir si mer jo och ganz kloer an de Gemengerot komm. Dofir mengen ech déi Aschätzung vun der CSV kann ech hei absolutt net deelen. Dann, d'CSV baséiert sech op en Zeitungsartikel, wou eng Unzuel vun Déiere genannt gëtt, déi de Moment am Déierenasyl sëtzt a stellt dann hei d'Fro, ob dann den Neibau, déi Vergréisserung, justifiéiert ass. Ech wëll just soen, dass am Fong, dat wat am Artikel steet, dat ass eng Bestandsopnam. Et gouf jo och scho Situatiounen, wou awer d'Déierenasyl aus sengen Néiten och deementspriechend geplatzt ass. An dofir, mengen ech, war dat jo och d'Argument, dass méi déi Situatioun wéi déi ëmgedréit Situatioun, dass méi Plaz ass. Et ass éischter net genuch Plaz. An dofir hu mer jo och den Neibau hei och deementspriechend gemaach.

Par rapport zum Préambule. Bon, Dir hutt do gesot: Si Kaze vergiess ginn? Bon, da maacht Dir eng ganz aner Lektür, wéi ech se maache vun deem Préambule. Well hei steet, dass d'Déierenasyl - les chiens saisis - les chiens saisis en exécution de la loi modifiée relative aux chiens servira de fourrière à la commune en application de l'article 24 de la loi citée. Les chiens saisis - dat heescht, mir sinn hei och am Kader vum Hondsgesetz, vun Hënn déi saiséiert ginn, och am Kader vun engem judiciairë Kader. Dofir muss een de Saz ganz liesen an och ganz soen, an a mécht e Lien par rapport zum Hondsgesetz, on trace les chiens saisis. Also si mer hei an der judiciairer Prozedur, effektiv, mat deenen Artikelen och virdrun. Dat heescht, och do kann, wann zum Beispill eng Interventioun ass vun der Police judiciaire, da kënnen natierlech och Hënn déi saiséiert ginn aus verschiddene Grënn och dohinner deementspriechend kommen. Dat ass am Fong dat, wat den Artikel hei ausseet. A wéi gesot, et ass net, dass elo hei d'Kaze vergiess goufen. Voilà, dofir wollt ech dat awer hei nach preziséieren.

Wéi geet et finanziell weider? Bon, mir hunn hei keng Kugel, wou mer dra gesinn, wéi et finanziell weidergeet mam SPAD. Déi aktuell Situatioun ass déi, wou se ëmmer hat. Si sinn un Donen ugewisen, wéi vill Associatiounen un Donen ugewise sinn. Dat selwecht ass bei Natur an Ëmwelt, déi Fleegestatioun fir Wëlldéieren exploitéieren. Do ass et net aneschters wéi hei beim Déierenasyl. An natierlech kann een hoffen, dass Artikelen, wéi effektiv d'lescht Woch an der Press waren, awer och, mengen ech, den Neibau oder d'Diskussioun, déi mer och hei féieren, wou effektiv de SPAD sech och kann opstelle fir effektiv dat neit regionaalt Déierenasyl ze geréieren. Dass dat natierlech och en Incitatif ka si fir zousätzlech Donen och deementspriechend ze kréien.

Op alle Fall ass et net virgesinn, dass d'Gemeng hei Personal zur Verfügung stellt fir deementspriechend hinnen am Alldag ze hëllefen. Dat maache mer d'ailleurs och net bei der Fleegestatioun fir Wëlldéieren. Do ass et, mengen ech, d'ASBL selwer, déi eng Responsabilitéit huet, fir am Alldag dat ze maachen. Souwéi se et d'ailleurs och elo mécht. Also am Fong ass et eent zu eent plus ou moins, wéi se et elo geréiert. An ech wollt och soen, verschidde Proposen, déi hei gehale goufen, am Fong, sou wéi mer hei d'Konventioun opgestallt hunn, ass am Fong an enker Ofstëmmung, an enger enker Diskussioun mam SPAD selwer esou opgestallt ginn. Dat heescht, et ass hei am Fong näischt, wat fir si contraire ass zu deem, wat se bis elo maachen. A wéi gesot, si wëllen dat och esou. An dat waren och am Fong Diskussiounen, déi mer mat hinnen deementspriechend

haten. Dat gëllt natierlech och fir déi méi spezifesch Froen, an dat steet jo och an der Dispositioun, wat d'informatescht Material ugeet. Dat war eng Fro vun der Madamm Kayser. Le SPAD est tenu d'organiser et d'effectuer à ses frais et dépens l'entretien des équipements informatiques. Dat heescht, si mussen dat, wéi gesot, an deem Sënn, en charge och alles huelen.

Ech weess, dass ëmmer de Geescht vun der Déierepensioun hei am Raum ass. Ech mengen, dass et net de Rôle ass vun der Gemeng eng Déierepensioun, déi awer à but lucratif ass, dat deementspriechend hei ze pushen. Esou si vläicht d'Iwwerleeunge vun der CSV éischter beim Lucre eng aner wéi déi effektiv vun anere Leit, déi hei am Gemengerot sinn. Eng Déierepensioun ass e But lucratif. Dat heiten ass e Kader vu Benevolat, dee stattfënnt mat enger ganz kloer anerer Missioun. D'Taxen effektiv, déi iwwerhuele mir als Gemeng, sou wéi dat och de Moment, wéi gesot, war.

Et ass geschwat ginn iwwert de Rapport d'activité. Et ass hei jo eng ASBL, déi dat heite geréiert. An all ASBL no dem ASBLs-Gesetz muss eng Generalversammlung maachen, muss do hiren Aktivitéitsrapport maachen, muss effektiv e Finanzrapport maachen en fonctioun vun der finanzieller Situatioun och nach dat vläicht vun enger Fiduciaire iwwerpréiwe loossen. Ech mengen, dass dat jo dann och Kader genuch ass am Kader vum neien ASBLs-Gesetz, fir och déi néideg Rigueur do ze hu par rapport zu de finanzielle Mëttelen, déi se kréien a wéi se och deementspriechend mat hinnen ëmginn. Wéi gesot, par rapport zu de Zones privatives mam Desalage, ech mengen, dass dat net aneschters ass, wéi dat och elo gehandhaabt gëtt mam néidege Soin och zum Déierewuel. Dat waren einfach déi puer nach e bësse méi iwwergeuerdent Äntwerten, déi ech hei nach wollt ginn. An d'Madamm Kayser wollt nach eng Fro stellen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci. Ech wollt nach eppes richtegstellen. Ech hunn ni gesot gehat, dass dat Gebai ze grouss wär, dass mer dat net solle maachen. Mee am Artikel stoung, dass se momentan 10 Hënn, 40 Kazen hunn. Natierlech ass dat eng Momentopnam. Meng Fro war just, packen déi 13 Leit déi 60 Hënn an 100 Kazen, déi sollten dohinner kommen? Dat war meng Fro. A wéi gesot, virun allem war och nach eng Fro, déi net beäntwert ginn ass. Wie bezuelt da momentan déi Paie vun deene Leit? Well wa mer soen, se sinn a schlechten Dicher an hei an do, maachen ech mer e bësse Suergen, wien, oder hunn déi eng Konventioun mat, ech weess net, mat engem Ministère oder esou? Wéi leeft dat? Dat wär vläicht interessant, dat nach ze setzen. An da wollt ech awer och nach kuerz soen, zu der Déierepensioun. Dir sot, dat ass e But lucratif. Bon, ech menge mir kéinte jo do als Gemeng zum Beispill Vorreiter ginn an et anescht geréieren, zum Beispill et ginn och Crèchen à But lucratif an et gi Crèchen op kommunaler Ebene, déi anescht schaffen. Et wär en Incentive.
Just saying. Also dat muss, dat geet net drëm, dass mir do eppes Privates dohinner stellen, mee dat kéint een anescht maachen. Just als Iddi. Mee dat mat de Paien interesséiert mech awer nach. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Ech wëll net frech wierken, awer ech hat schonn am Dezember Iech erklärt, wéi d'ASBL fonctionéiert a wéi se finanzéiert gëtt. Effektiv iwwert de Ministère hu se eng Konventioun, wou si déi véier CDIen, déi gi vun deenen, vum Ministère komplett bezuelt. An d'TUCen, dat wësst Der jo, dat ass de Kader vum Revis, do gi se och dann eeben iwwert den FNS bezuelt. An all déi aner Benevollen, déi schaffen, wéi gesot, benevole. Et ass och esou, an ech wëll dat nach ergänzen, dat d'Déierenasyl huet scho virun zwanzeg Joer aus allen Néit geplatzt. Do war dach de Romain Misteri, seng Fra war do aktiv, do huet et scho virun zwanzeg Joer aus allen Néit geplatzt. Dat hei ass déi logesch Konsequenz. Et huet eebe just e bësse méi laang gedauert. Mir hätte scho missen, ech soen elo mol, 2010, 2015 dee Bau schonn elo hunn. Duerfir, dee Bau hei ass ganz sécher net ze kleng. Ech géif souguer behaapten, wann dat elo ugeet, da si mer geschwënn erëm bei enger Annexe. Mee dat ass Zukunftsmusek.

An dat Zweet, wat ech dann nach wëll bemierken, d'Gemeng Diddeleng ass och an deem Conseil d'administration vertrueden, mir hunn do eng Plaz, déi bekleeden ech do, dat heescht, wann do iergendeng Kéier eppes sollt, net méi sou klappen oder finanziell Engpäss sinn oder wat ëmmer, dann ass d'Gemeng déi éischt, déi dat gewuer gëtt, eeben duerch d'Memberschaft am CA, a bis elo ass dat net en vue. Mee natierlech et huet een, wéi de Buergermeeschter seet, keng Glaskugel. D'Spenden, do weess een ni, wou lande mer, wou komme mer hin, awer d'Ënnerstëtzung vum Ministère ass ëmmer garantéiert an och de Gemengen hire Support ass och ëmmer garantéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, villmools Merci nach eng Kéier fir déi dote Prezisiounen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dëser Convention de mise à disposition averstanen? ***Dat ass unanime.***
Da soe mer Iech villmools Merci. An och dem Här Setoca Merci fir seng Presenz.

**6.2 Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun de intelligenten Erdgascompteuren, Kategorie 3 – Gros Consommateurs**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat sinn eis Compteurs intelligents. Dir hutt do en Devis virleie vu 70.000 Euro, Kategorie 3, fir déi Gros Consommateurs. Do musse mer hei am Fong dräi, wéi gesot, ersetzen. Wéi gesot, do ass en Devis vu 70.000 Euro, dee gouf och budgetiséiert. An dat concernéiert virun allem den CNA. Mir hunn en elo budgetiséiert fir dëst Joer, dat sinn der fir déi grouss Consommateuren, fir déi ganz déck Consommatioun industriell Compteuren am Fong. Hei ass jo dann och effektiv am Kader vun der Plattform Leneda an och am Kader vum Gesetz, wou jo dann direkt, nieft der klassescher manueller jo direkt muss kënnen ofgelies ginn. Dofir musse mer déi och hei ersetzen, well déi aktuell effektiv net méi gutt sinn. Dat heescht, déi ersetze mer.

A wéi gesot, et ass da virgesinn, dass mer 2027 nach wieder, aner Compteuren an der Kategorie C3 och deementspriechend ersetzen, fir dass mer dann och do déi ganz Lecture à distance maache kënnen.

Ass Gemengerot mat dësem Devis averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**6.3. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Entretiensaarbechten op de Feldweeër fir den Exercice 2026**

**6.4. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Erneierung vum Feldwee um Flouernumm „Im Wald"**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech géif Iech och do proposéieren, de 6.3 an de 6.4 zesummenzehuelen, well soss muss ech mech erëm hei widderhuelen, well eis Gemengeservicer hunn erëm eng Kéier mat der ASTA, d'ASTA, dat ass d'Administration des services techniques de l'agriculture, gekuckt fir zesummen d'Feldweeër ausserhalb vun Diddeleng fräschzemaachen oder ze botzen, well se eeben net méi an engem grad gudden Zoustand sinn. Wat heescht dat konkreet? Dat heescht, datt d'ASTA déi Aarbechte mécht an d'Stad Diddeleng bezilt se. An duerno kréie mer dann 30 % vum Stat zréck iwwert de Subsid. Awer eréischt natierlech nom Dekont vun den Aarbechten.

Den Punkt 6.3 um Ordre du jour, dat ass dann d'Botze vun de Grief laanscht verschidde Feldweeër, dat ass a Ponk zu Butschebuerg laanscht d'A13, Am Buedem hannert der Soibelkaul A13, Op Bëllchen zu Biereng bei der A13, Diddenuewen am Mierchen, Fräschegrëndchen am Bujel zwëschent der A13 an der CFL-Streck Richtung Diddenuewen, bei Määschhielchen, ech hoffen ech hunn dat elo richteg ausgeschwat, niewent der Le'h. De Wee Bei der Le'h, sou heescht deen, Penkenuecht hannert dem Päerdshaff Hoffmann um Tunnel, Am Wald am Wal bei der A13. Déi Weeër, déi sinn duerch Dreck a Bulli, sinn déi no an no verstoppt ginn. An da kann d'Reewaasser net méi richteg offléissen. Dat ass natierlech geféierlech, well déi Weeër da kënnen ënnerspullt ginn, respektiv och am Wanter féiert dat natierlech zu Glatäis, wann dat Waasser net méi kann offléissen. An natierlech, wat do sech méi ustaut wat d'Weeër no an no ëmmer a méi e schlechten Zoustand wäerte kommen. Wa mer do bis gebotzt hunn, da kann eeben dat Waasser normal oflafen. An da bleiwen d'Weeër an engem méi stabillen Zoustand. An dat ass dann och méi sécher fir d'Foussgänger an och d'Vëlosfuerer. Déi Aarbechte kaschten 80.000.- Euro TTC laut Devis. An nom Dekont vun den Aarbechte kréie mer dann dee Subsid, déi 30% vum Staat dann och zréck.

Den Punkt 6.4 op Ärem Ordre du jour, dat ass de Wee um Flouer „Im Wald", dee soll erneiert ginn. Dee Wee befënnt sech am Wal, déi aner Säit vun der Autobunn A3 Richtung Helleng. Dee Wee, deen ass voller Rëss an och voller Lächer. An no der Reparatur vun deene Lächer gëtt dann och de Belag erneiert an zousätzlech ginn och d'Borde verstäerkt, soudatt de Wee erëm eng gutt Zäitche wäert halen. D'Aarbechte kaschte ronn 117.000.- Euro TTC laut Devis, deen Der mat Erklärunge fir déi zwee Punkten och an Ärem Dossier leien hat. Wéi gesot, och fir dës Aarbechte kréie mer dann herno nom Decompte de Subsid vum Staat vun 30 %. Dat ass och alles elo näischt Neies, wat ech Iech hei erzielen. Mir hu schonn dacks sou Devisen hei gestëmmt an ech kann Iech garantéieren, datt mer och duerno ëmmer d'Sue vum Staat erëmkruten. D'Aarbechten, wéi gesot d'ASTA mécht déi Aarbechten, net mir, et ass virgesinn, datt déi sollen am Hierscht gemaach ginn. Voilà, dat war et vu menger Säit. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech soe Merci fir d'Wuert. Ech géif mech just op de Punkt 6.4 bezéien. Do geet et jo dann ëm dee Wee Im Wald. An wann ech et e bëssen an de Kontext setze vun deem, wat gëschter Owend war, vun deem, wat mer virdru geschwat hunn, wou iwwert Entsiegelung geschwat ginn ass, do hunn ech mech gefrot, dat hei ass jo u sech esou e makademiséierte Wee, wou an e Bësch féiert, wou souwisou dee sandesche Buedem iwwerall ass. A reng verständnishalber, also esou Weeër ginn et dann och op ganz anere Plazen hei am Land, wou ech reegelméisseg dann ënnerwee si mam Vëlo, wou dann einfach esou e sandege Wee an de Bësch féiert, wou elo net zoumakademiséiert ass. Do wollt ech einfach wëssen, firwat dass dëst hei net gemaach gëtt an an deen hei makadamiséiert ass, vu dass et jo och keen offiziellen, keen nationale Vëloswee ass an och net iergendwéi vun Autoe soll geholl ginn, ausser eebe fir déi Leit, déi op de Parking wëlle fueren, fir an de Wal spadséieren ze hunn. Einfach aus Verständnisgrënn. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, heizou, zu deem Punkt wëll ech awer och eppes soen, et ass jo net nëmmen, dass d'Baueren do fueren, ech mengen dee Wee do, dat ass och e Wee fir d'Rettungsdéngschter, déi huelen och dee Wee do fir deen ënneschten Deel vun der Autobunn. Am Kader vun engem Accident fuere mir och mat eise Gefierer iwwert dee Wee op d'Autobunn erop, fir eeben Zäit ze wannen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech wollt just ganz kuerz Merci soen, well d'Madamm Dall'Agnol sot mer hu schonn oft esou Devisen, mee mir hu seelen, virun allem bei deenen dote Montanten, en detailléierten Devis an d'Pläng, well ganz éierlech, also mat deenen Nimm, déi do an der Deliberatioun stoungen, hätt ech perséinlech och elo net kënne vill ufänken an da kann een zumindest e bëssen aschätzen och ëm wéi eng Surfacen an ëm wéi vill Meteren et sech handelt. Dofir Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ech ginn de Merci weider un d'Servicer. An, jo, ech mengen den Här Steffen huet seng Äntwert eigentlech kritt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. De Vote separé, also wéi gesot, et ass béides separat, also zesumme presentéiert gouf.

De Punkt 6.3 dat ass den Devis estimatif fir alleguerten d'Aarbechten.Wien ass domadder verstane?
***Dat ass unanime.***

An dann de Punkt, dat ass d'Wal.Wien ass mat deem averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**6.5. Emprisen – Approbatioun vun Actes de venten.**

*6.5.1. SOFILUX S.à r.l. – Route de Burange*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Do hu mer mat der Societéit Sofilux S.à.r.l. hei vertrueden duerch den Här Kleck op 70, Route de Burange 0,54 Ar, Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique fir de Präis vun 378.- Euro.

*6.5.2. Ierwen Pauly – Route de Burange*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An dann hu mer den zweeten Akt, 47, 49, och an der Bierengerstrooss, dat ass d'Madamm Alexandra Pauly, den Här Axel Pauly, d'Madamm Camille Pauly an d'Madamm Pascal Pauly. Dat sinn am Fong 59 Centi-Ar, och Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique. An dat si 413.- Euro.

*6.5.3. Vincent Zappone Promotions Immobilières S.A. – Rue du Château Fort*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann hu mer och en Akt an Héicht vun 2.000.- Euro. Et sinn am Fong dräi Parzellen. 7,24 Ar, 0,47 Ar an 0,01 Ar. Dat ass an der Rue du Château Fort, wou mer hei, wéi gesot, no der Faillite vun der Promotion immobilière Vincent Zappone S.A. a wou och d'Madamm Steinmetz Curateur vun der Faillite ass, hei déi Terrainen, wéi gesot, ofkafen. Och Integratioun an d'Voirie publique, dat heescht, respektiv Amenagement vun enger eventueller Aire de jeux.

*6.5.4. D'Dammen Dauffenbach an Siedler – rue Tattenberg*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An dann deen nächsten Akt, dat ass op 32, Rue Tattebierg. Dat sinn 0,16 Ar. Och do ass d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique. An dat sinn 112.- Euro. Voilà. Dat zu den Erklärungen zu deene véier Akten.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Kënne mer déi véier Akten esou unhuelen? Ass de Gemengerot OK esou? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**6.6. Approbatioun vum Gemengereglement fir d'Allocatioun vun ordinaire Subside fir déi lokal Veräiner**

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Mir hunn haut d'Méiglechkeet eeben iwwert dat Reglement, wat mer eis ginn hunn, ofzestëmmen. Dat geet hei drëm, fir sämtlechen Associatiounen a Veräiner, déi zu Diddeleng täteg sinn, de Benevolat domadder ze ënnerstëtzen, gläichzäiteg awer och kloer Konditiounen, Krittären a Modalitéiten ze definéieren, wéi een an de Genoss kënnt. An ech mengen, Dir wësst et, mir haten do en Aarbechtsgrupp agesat, wou dann och sämtlech Parteien déi hei ronderëm den Dësch sëtzen, vertruede waren. An ech muss soen, dass dat wierklech ganz spannend Diskussioune waren. Et war ganz flott a produktiv. An d'Conclusiounen aus deenen Aarbechtssitzunge sinn e bëssen an deem Reglement, oder net e bëssen, mee komplett an deem Reglement erëmzefannen. Ech wëll awer och op dëser Plaz net nëmmen deene Membere vun deem Aarbechtsgrupp Merci soen, awer och deene verschidde Servicer vun der Gemeng, déi do dru geschafft hunn. Dat war och eng intensiv Kollaboratioun, notamment d'Comptabilitéit. Eist Sekretariat an de Service des sports waren hei dru bedeelegt. Dir kënnt Iech erënneren, dass mer an de Budgetsdebatte festgehalen haten, dass mer déi Enveloppe budgétaire ëm 50 % géifen erhéijen, soudass een, ech kann dee Scoop hei elo scho lancéieren, ka soen, dass all Veräi méi wäert kréie wann dat heiten esou duerchgeet, wéi mir eis dat virgestallt hunn.

Vläicht e puer Highlights. De Basissubsid ass op 200.- gesat gi vu jiddwerengem, egal a wéi engem Typ e sech befënnt. D'Plaffonge sinn ewechgeholl ginn. Et ass och net méi esou, dass ee bei deenen 20 %, wou mer emol haten déi 20 % bremst no uewen oder no ënnen, do hu mer am Fong elo just déi no ënnen nach oprechterhalen, fir dass de Veräi finanziell e bëssen ofgeséchert ass. Awer deen no uewen hu mer ewechgeholl, fir dass net e Veräin, deen zum Beispill eng nei Sektioun grënnt an doduerch vill méi Memberen huet, iwwert déi 20 % géif erauskommen, dass en doduerch awer och an de Genoss vun deene Subside géif kommen. Weiderhin ënnerstëtze mer ganz staark d'Jugendaarbecht an deene verschiddenen Associatiounen a mer hunn och en Incentive hei eragesat, punkto de Senioren, ab 55 Joer. An d'Encadrante ginn och deementspriechend valoriséiert. Ech mengen och dat ass en Uleies gewiescht, wou mer alleguerte schonn haten. An da kann ee wierklech soen, dass och fir dass d'Veräiner an d'Associatiounen an dee Genoss kommen, musse se natierlech och punkto deem neie Subsidegesetz konform sinn a mer och déi verschidden Donnéeë mussen och hei hunn.

Wat soss d'Conditions générales ubelaangt, ech mengen déi stinn do dran. Natierlech muss et e Veräi sinn, deen zu Diddeleng aktiv ass, deen zu Diddeleng och agedroen ass, deen och seng Aktivitéiten hei stattfanne léisst, souwäit dat natierlech méiglech ass. Dat mam LBR hat ech elo schonn ugeschwat. Si kréien och en ugepasste Formulaire, deen ass och schonn eraus, wou d'Veräiner eis da sollen, wannechgelift, completéieren. An déi Donnéeën, déi do drop sinn, déi ginn natierlech an deen neie Subside-Schlëssel an déi Formel agespeist. An da gesi mer do e bësse wat an där Formel do virgesinn ass. Wéi gesot, 200.- Euro ass d'Grondbasis fir all Veräin. An da sinn déi Memberen ënner 18 Joer, déi gi mat 15.- Euro pro Member, ginn déi do dra verrechent a 7,50.- Euro fir all Member iwwer 18 Joer, dat ass eng Verdueblung vun deem, wat mer virdrun haten, wat den Typ 1 ubelaangt. An den Typ 2 sinn et 5.- Euro, bezéiungsweis 2,50.- Euro.

An dann hat ech dat do ugedeit mat den Encadranten. Dat war och eng relativ spannend Diskussioun, fir e bëssen do ze kucken, dass déi verschidden Encadranten an deene ver-

schiddene Beräicher, déi maache jo ënnerschiddlech Formatioune mat ënnerschiddlech ville Stonnen an Opwand, wou mer dat probéiert hunn hei ze formaliséieren, dass een do, jee nodeem wéi ee Stadium ee vun de Formations continues gemaach huet fir ze encadréieren, dass een deementspriechend och subsidéiert gëtt an deem Schlëssel. Dat geet da vun 1 bis 4, bezéiungsweis 10.- Euro bis 50.- Euro. An dann eeben déi Aktivitéit ronderëm d'Senioren, wann ech dat reegelméisseg ubidden, kréien ech nach e Bonus vun 250.- Euro. D'Festivitéite ronderëm Nationalfeierdag hu mer op 100.- Euro eropgesat an och soss d'Manifestations publiques nach eng Kéier 100.- Euro extra, wann de Grand public vun deenen Eventer ka profitéieren.

D'Variatioune vun deenen 20 % hat ech ugeschwat. A fir de Rescht, voilà, kréie se eeben déi Formulairë, wou se mussen ausfëlle mat deene verschiddenen Informatiounen, déi mer brauche fir kënnen deen neie Schlëssel en toute Transparence auszefëllen. Ech mengen dat ass och an deem Sënn wichteg, dass mir heibannen net nëmme genau kënnen novollzéien, firwat de Montant X oder Y hannen erauskënnt. Mee och déi eenzel Veräiner wësse ganz genau, firwat se deen een oder deen anere Montant kritt hunn. Bezéiungsweis wa se sech da wëlle vergläiche mat engem anere Veräin, kënne se ganz einfach a kloer novollzéien, firwat deen ee Veräi méi kritt huet, firwat deen anere Veräi manner, bezéiungsweis och firwat ech par rapport zum leschte Joer eng gewësse Variatioun hunn. Ech menge mir hunn als Aarbechtsgrupp dat doten esou zesummen definéiert a géif awer behaapten, dass mer do ganz gutt geschafft hunn a kënne wierklech zefridde si mat deem flotten, transparente Subside-Schlëssel, dee mer elo hei ausgeschafft hunn. Voilà, an da géif ech, oder de Buergermeeschter mécht d'Ronn fir eng Diskussioun op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Dräi kleng Saachen hätt ech. Déi eng ass déi, dass Dir elo do sot, Dir hutt Iech juristesch ofgeséchert, d'Veräiner mussen eng ASBL si fir déi Suen ze kréien. A wann ech richteg verstanen hu kréie se awer elo, wa se elo nach keng ASBL sinn, a si hunn zum Beispill d'Prozedur schonn ugefaangen, kréie se dee Subsid dëst Joer awer a mussen dann, wann ech dat richteg verstanen hunn, d'nächst Joer noweisen, dass se lo mëttlerweil eng ASBL gi sinn.
Zweete Punkt, dee Formulaire fir de Subsid unzefroen, dee war an enger fréierer Versioun an eisem Intranet do dran an ass elo net méi do. Wann een dann net schnell genuch war, wéi d'Madamm Kayser, déi wierklech alles erausdréckt, dass déi en nach huet, dann huet een elo kee Bléck méi op deen neie Formulaire. Dat wier awer interessant fir eis, fir ze gesi wéi deen opgebaut ass. Wann Der eis wéilt dee vläicht noschécken.

Meng drëtt Remark geet iwwert d'Intervenanten. Mir deelen do op a Sportsveräiner an an aner Veräiner, wéi zum Beispill Scoutsveräiner. Mir beruffen eis do op offiziell Formatiounen. Ech hunn awer gemengt, mir hätten eng kleng Kategorie vu Leit, och wa se elo net déi grouss Zuel ausmécht, vergiess an deenen Encadranten. An dat wieren Dirigenten an Dirigentinne vun de Chorallen. Do sinn der derbäi, déi deelweis ganz zolidd Formatioune gemaach hunn. Ech weess vun enger, déi huet beim Pierre Cao Coursë geholl fir Dirigentin ze sinn, ass dat elo scho 40 Joer laang. An ech froe mech, hätt een net vläicht déi och kënnen nach an déi Intervenanten nach en extraen Artikel drasetzen, dass een net nëmme Sport a Scouten do opzielt, mee och déi Leit, déi awer schonn e gewësse Meritt hunn. Well e Sportsveräi kann net ouni Trainer fonctionéieren, e Scoutsveräin kann net ouni seng Cheffe fonctionéieren an eng Chorale kann och net ouni hiren Dirigent fonctionéieren. Ech weess net, ob do nach vläicht eng Méiglechkeet wier, dat iergendwann eng Kéier ze berücksichtegen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Et ass scho vill gesot ginn. Ech reie mech an dat an, wat bis elo gesot ginn ass. D'Iwwerschaffe vum Subsidereglement ass nämlech e Beispill, wou ech schonn oft hei och selwer ernimmt hunn, wéi eng gutt Zesummenaarbecht tëscht der Majoritéit an der Oppositioun méiglech ka sinn. Ech perséinlech hunn deen Aarbechtsgrupp als ganz agreabel empfonnt, och wa mer eis net ëmmer zu 100 % eens waren an eenzelne Punkten, si mer awer zu engem gudde Konsens komm a mengen Aen. Konsens an deem Sënn, dass mer engersäits d'Zuele virun allem vun deene grousse Sportsclibb aus de Gemenge kennen, anerersäits awer och wëssen, wéi vill Clibb dass et zu Diddeleng ginn. Et gi vill Sportsclibb, Scouten, Associatiounen, Chorallen, fir déi net ze vergiessen an nach vill anerer. An et ass iergendwéi och net evident, do eppes ze fannen, dat vu jidderengem als gerecht empfonnt gëtt, dann awer och nach gläichzäiteg transparent ass an dann och nach novollzéibar iergendwéi ass. Mir hunn eis do ganz oft an der Diskussioun och dru gestouss, dass een dat eent net ka mat deem anere vergläichen an dass et schwéier ass ze vergläichen.

An dofir hunn ech och elo deen Awand vun der CSV gutt fonnt, well dat war elo beispillsweis eppes, wat ech perséinlech och erëm net um Schierm hat, wat awer a mengen Aen och iergendwou dra gehéiert an och misst do säin Nidderschlag fannen, well et awer kohärent ass zu deem, wat elo och gesot ginn ass fir déi aner Associatiounen a Clibb. Dass an all Club, an all ASBL ganz vill Häerzblutt drasteet, hu mer och schonn hei ganz oft gesot, an dass och dat dat ass, wat Diddeleng ausmécht, gëtt och an all Ried am Fong ëmmer erëm erwäänt. An ech fannen, dass en Erhéije vun deem Subsid de base an iwwerhaapt och dat Iwwerschaffen hei dozou bäidréit, dat ze valoriséieren, well et effektiv just Gewënner ginn. Dat aalt Reglement mat de Plaffonge bei 3.200.- Euro, fir einfach d'Zuel drop ze setzen, fir déi grouss Clibb, dat war nach vun 2014 an inflatiounsberengegt hätt een do scho mëttlerweil bei iwwer 4.000 Euro misste sinn, iwwert déi ganz Zäit gekuckt, fir einfach der Realitéit Rechnung ze droen. Et ass an deem Sënn och gutt, dass reagéiert ginn ass an dass awer och substanziell eppes sech dru verännert huet, einfach fir och en Zeechen no baussen ze ginn. Och wa mer elo net mathale kënne mat verschiddenen anere Gemengen, wou eenzel Sportsclibb natierlech nach méi héich Subside kréien, gouf och an Aussiicht gestallt, dass virun allem fir d'Sportsclibb den iwwerschafften nationale Qualité Plus, dass sech do och nach eng Kéier géif drugehaange ginn. An dat gëtt nach eng Kéier interessant ze kucke wéi dann herno dee gesamte Package fir déi dote Clibb ausgesäit. Dat heescht, an dësem Sënn freeë mer eis och schonn do op déi Diskussiou-

nen, déi da warscheinlech erëm an deem Aarbechtsgrupp kënne stattfannen, och de Formulaire.

Komescherweis, ech printe mer d'Saachen net eraus, mee ech hat en awer iergendwéi hannendrun hänken a mengen Dokumenter. Vläicht war dat, well ech en direkt erofgelueden hunn, do hat ech en. Ech hunn dee Formulaire op jidde Fall gutt fonnt, well ech och fonnt hunn, dass dem Fait Rechnung gedroe ginn ass, dass de Club net just gefrot gëtt, ob en affiliéiert ass oder net beim Syndicat, mee dass einfach d'Atoute vun enger Affiliatioun beim Syndicat ervirgehuewe ginn. Einfach nëmme fir do nach eng Kéier ze weisen, wat méiglech ass, et ass eng Reklamm am Fong, fir sech do ze affiliéieren. Anerersäits ass et awer net esou eng Demande, wou kéint eriwwer kommen: A, okay, wann ech do Member sinn, kréien ech da méi Subsid. Hei ass et einfach méi kloer, méi transparent, fir déi eenzel Clibb och nach eng Kéier ze gesinn an och nach eng Kéier d'Reklamm ze maachen, fir do Member ze ginn. Duerfir fanne mer dat heiten als en éischte Schratt gutt a soen dem Schäfferot Merci fir déi flott Zesummenaarbecht an dësem Dossier a wieren dann eeben och frou, an engem spéidere Moment nach eng Kéier eng Evaluatiounsschlauf kënnen ze dréien, wou mer vläicht och d'Retoure vun de Clibb kënne kucken, och zu dem Formulaire an eeben och ze kucke wéi déi Subsiden dann elo um Terrain ukommen, notamment och en vue vum Qualité Plus. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, et ass elo schonn e puermol gesot ginn, dass mer wierklech gutt Diskussiounen an deem Aarbechtsgrupp haten. Ech mengen an där éischter Reunioun vum Aarbechtsgrupp, do ass et nach e bëssen esou an all Richtung gaangen. Do ass emol gekuckt ginn, okay, wat kann een alles maachen? Wëlle mer elo eng Revolutioun oder eng Evolutioun? Ech mengen eng Revolutioun hu mer elo net zréckbehalen, mee éischter eng Evolutioun, wat awer wierklech eng Verbesserung ass. Et ass och scho gesot ginn, et gëtt endlech en transparent Reglement. Ech mengen de Schäfferot hat scho seng objektiv Krittären, opgrond vun deenen e plus ou moins seng Subside verdeelt hat. Mir haten als Gemengerot och ëmmer deen Excel-Tableau, mee fir d'Veräiner dobausse war et net ëmmer ganz, mengen ech, novollzéibar. Si hunn hire Formular ausgefëllt an se woussten net ganz genau wéi sech de Subsid géif opbauen. Elo hu mer e Reglement, dat wierklech kloer ass, wou jiddereen dann dat kann novollzéien. An ech mengen, dass dat wierklech eng Verbesserung ass. An déi zweet Verbesserung ass natierlech, dass et mengen ech fir jiddereen eng Hausse ass vun deem, wat se bis elo kruten. Souwuel wat einfach d'Unzuel ugeet. Mir behalen d'Previsibilitéit, dass een net méi wéi 20 % ka par rapport zum Joer virdru verléieren. Ech mengen och dat ass wichteg fir d'Veräiner.

An dann déi drëtt grouss Verbesserung ass, mengen ech, wierklech d'Valorisatioun vun den Encadranten. Dat ass eppes, wat ech och ëmmer gesot krut, jo, mir zielen op, wat mer alles vun Encadranten hunn, wat déi vun Diplomer hunn. Mee schlussendlech ass dat bis elo net richteg berücksichtegt ginn. Elo hu mer do och eng ganz kloer Staffelung, fir dass eeben och d'Formatioune valoriséiert ginn. Ech mengen dat ass jo och wichteg, eppes wat mer als Gemeng och sollten ënnerstëtzen, dass eis Veräiner hire Leit Formatiounen ubidden an dass eeben och do d'Qualitéit vun deem Encadrement esou héich wéi méiglech ass. Dowéinst gréisstendeels si mer wierklech zefridde mat deem Reglement. Selbstverständlech, den Här Steffen ass schonn drop agaangen, d'Veräiner, déi kucken natierlech net wat se onbedéngt just hei kréien. Mee déi vergläiche sech da mat Nopeschgemengen oder mat anere Gemengen. Do ass eis och bewosst, dass eng Stad Diddeleng, déi enorm vill Veräiner huet, natierlech net ka mathale mat enger Gemeng, déi vläicht just eng Handvoll oder eng Dose Veräiner huet. Dat versti mer. Do si jo och aner Ënnerstëtzungen, logistesch an infrastrukturell Ënnerstëtzungen.

An, dat wollt ech awer och nach eng Kéier ënnersträichen, och wat den Här Steffen gesot huet, et ass jo och nach en vue zum engen, dass mer eis vläicht un de Qualité Plus drunhänken an et besteet jo och ëmmer d'Méiglechkeet fir d'Veräiner, wa se elo mol wierklech eng gréisser Ausgab hätten, dass se en extraordinäre Subsid nach kéinten ufroen. Dat ass jo net ausgeschloss heimadder. Dowéinst menge mer, dass dat heiten eng gutt Verbesserung ass. Ech hunn nogekuckt, den Här Spina, den Här Biancalana, ech mengen, dass do vläicht nach eng Propos kënnt mat den Dirigenten, wann dat sou ass, da soe mir elo schonn emol am Virfeld, egal wat Dir Iech do iwwerluecht hutt, dass mer domadder och d'accord sinn. Mol eng Kéier, wou Der wierklech e Vertrauensvirschoss vun eis kritt a mir wäerten dat Reglement dann esou wéi et elo ass oder vläicht mat enger klenger Upassung dann och matstëmmen. Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV) : Merci villmools fir d'Wuert, léif Kolleeginnen a Kolleegen, also mir begréissen och déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an dësem Aarbechtsgrupp haten. Et ware wierklech gutt a spannend Reuniounen. Et ass elo schonn e puermol gesot ginn, et ass wierklech probéiert ginn, dat Bescht erauszehuelen an engem gudde Konsens zesummenzeschaffen, an dat begréisse mer. Mir begréissen natierlech och déi 50 % méi, déi et an der Enveloppe budgétaire gi sinn. A mir wëssen alleguer wéi wichteg engem Veräin trotz allem déi Subventioune sinn, a mir wëssen och, dass et gutt ass, dass se elo endlech méi transparent sinn. Sief et vun der Grondsubventioun, Memberbäiträg, Encadrante mat hire Qualifikatiounen, sou wéi d'Seniorenaktivitéiten, alles ass elo ganz kloer schwaarz op wäiss, wéi ee géif soen. A mir begréissen natierlech och dass déi maximal positiv Variatioun vun 20 % op engem Joer op dat anert erausgestrach ginn ass an déi minimal negativ Variatioun dra bliwwen ass. A mir schätzen natierlech och déi Wäertschätzung, déi den Encadranten an Zukunft entgéintkomme wäert an deementspriechend och wäertgeschätzt wäert ginn. Des weidere géife mer et och begréissen, wa mer d'nächste Kéier kéinten e Groupe de suivi, wéi mer eis dat ausgeduecht hunn, kéinte maachen, wou mer zesummen nach eng Kéier iwwert déi Excel-Tabell kucken, éier mer se hei am Gemengerot géife stëmmen, fir dass eis net nach eng Kéier dee selwechte Feeler geschitt wéi d'leschte Kéier, éischter als positiven Incentive ze gesinn.

Genausou wär et och vläicht eng Méiglechkeet, fir do eng Kéier de Feedback bei de Clibb ze sammelen an eng Kéier

do an deem klenge Kader nach eng Kéier ze diskutéieren an ze kucke wat d'Clibb als Feedback ginn hunn. An da wéilt ech och nach eng Kéier, wéi elo grad schonn de Jemp nach eng Kéier d'Wuert gefrot huet, e grousse Merci dem Jemp ëmmer soen, fir säin Asaz op deem Dossier. En huet e laangen Otem bewisen an och elo erëm huet en nach e konstruktive Bäitrag geleescht. Dann des weideren hate mer och gesinn, mir haten dës Woch nach eng Reunioun, wou de LISER gesot huet, wéi wichteg Clibb sinn an dass dat definitiv zur DNA vun enger Gemeng gehéiert, wou d'Leit sech mat der Gemeng identifizéiere kënnen. An dofir wëll ech nach eng Kéier eng Lanz briechen. Merci all de Veräiner, déi sech dagdeeglech engagéieren an natierlech de Benevollen. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och d'LSAP begréisst selbstverständlech d'Erhéijung vun de Subsiden un d'Associatiounen an eiser Gemeng, déi am neie Reglement ëm 50 % gehuewe goufen. Mat dëser Decisioun reagéiere mer op de reale Besoin vun engem dynamesche Veräinsliewen, wat eng wichteg Roll fir déi sozial Kohäsioun an eiser Gesellschaft spillt an dat d'Liewensqualitéit an eiser Stad verbessert. An de leschte Méint, wéi virdru schonn ugeklongen, hunn d'Parteien zesumme mat de Servicer intensiv un deem besteeënden, un deem Reglement geschafft, fir et un d'Besoine vun eisen Associatiounen unzepassen.
Dofir e grousse Merci nach eng Kéier och vu menger Säit un all déi Acteuren, déi mat vill Engagement un dësem Reglement geschafft hunn. Hei geet et ëm d'Ënnerstëtzung vun eisen Associatiounen a virun allem ëm d'Wäertschätzung vum Benevolat. Et geet ëm déi Leit, déi wärend dem ganze Joer mat vill Asaz dofir suergen, datt eis Veräiner funktionéieren. Si maachen eng immens Aarbecht, kulturell, sportlech, sozial an och integrativ. An dës Aarbecht verdéngt eis Ënnerstëtzung.

Jo, et ass richteg, datt d'Gemeng, wéi och schonn ugekënnegt, duerch d'Bereetstelle vu Sportshalen, Lokaler oder Material, schonn haut vill fir d'Associatioune mécht. Mee och um finanzielle Plang kommen ëmmer méi Käschten op eis Veräiner duer, wéi zum Beispill administrativ Käschten. Och do mécht d'Inflatioun keen Halt an d'Präisser si geklomm. Et war elo de Moment, fir mat der Upassung vum Reglement deem Rechnung ze droen. Et ass net méi wéi gerecht, de Subsid de base fir all Kategorie uniform op 200.- Euro festzeleeën. Mir sinn och eng Gemeng, déi sech fir d'Bierger aus allen Alterskategorien asetzt. Dofir ass et och eng logesch Konsequenz, eng Zousazpauschal vun 250.- Euro un all Associatiounen auszebezuelen, déi reegelméisseg Aktivitéite fir d'Persounen iwwer 55 Joer ubidden. Mir fannen et och wichteg, datt d'Aarbecht vun den Encadrante valoriséiert gëtt.

Mir verdeelen d'Suen awer net nëmmen emol einfach esou. D'Associatioune mussen, fir e Subsid ze kréie, verschidde Konditiounen erfëllen. Wéi schonn ugekënnegt, zum Beispill de Veräi säi Sëtz hei zu Diddeleng muss hunn, d'Statutte mussen dem ASBLs-Gesetz entspriechen oder d'Haaptaktivitéit muss an der Gemeng ausgeüübt ginn, fir der nëmmen e puer ze nennen. Besonnesch freeë mir eis, datt mir eng Léisung fonnt hunn, déi Fairness a Flexibilitéit kombinéiert. Veräiner, déi sech am Laf vum Joer besonnesch asetzen an et fäerdeg brénge vill nei Memberen ze rekrutéieren, ginn net méi duerch dee Plaffong gebremst. An ëmgedréit, wann eng Associatioun emol e méi schwaacht Joer huet, hu mer et awer do fäerdeg bruecht, dass déi 20 % nach dra bleiwen. Dat ass eng Fro vu Gerechtegkeet an Dynamik. Mir begréissen och, datt de Formulaire fir d'Demande iwwerschafft gouf, fir de Veräiner d'Liewen ze vereinfachen, wa se dann dës Subsiden ufroen. Natierlech sinn och d'Konditiounen ugepasst ginn an d'Gemeng kontrolléiert ob d'Konditioune vun deem neien ASBL-Gesetz erfëllt sinn. Hei huet all Veräin awer och d'Méiglechkeet, beim Syndicat d'initiative Hëllef ze froe fir bei deenen Demarchen do ënnerstëtzt ze ginn.

Ech hätt awer do nach eng Fro, wat och schonn ugekënnegt ginn ass, vum Här Steffen. Mir hunn iwwert de Qualité Plus geschwat an do wollt ech froen, ob mer do scho wësse wou mer do dru sinn? Dëst Reglement ass net nëmmen eng technesch Upassung vun de Subsiden. Et ass e staarkt politescht Signal. Dat heescht, mir stäerken eis de Benevolat. Mir ënnerstëtzen déi sportlech, sozial a kulturell Strukture vun eiser Stad. Mir maachen eng Subsideverdeelung méi transparent, méi gerecht a méi flexibel. Eis Associatioune sinn e wichtegen Deel vun eiser Identitéit. Si sinn d'Ambassadeure vun Diddeleng. Mat dëser Upassung weise mir, datt mir hiert Engagement eeschthuelen an et aktiv fërderen. Dofir wäerte mir dëst Reglement selbstverständlech matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Och vu menger Säit e grousse Merci un Iech alleguerten. Effektiv de Spirit vum Aarbechtsgrupp ass bis hei hinner gelongen. An dat ass ganz flott an agreabel esou ze diskutéieren. Jo, ech probéieren dann op déi eenzel Remarken anzegoen, bezéiungsweis nach eng Kéier virausschécken, dass d'Basis vun deem Ganzen effektiv dat aalt, déi al Formule war, wou déi verschidde Krittäre schonn zum Deel dra waren. Do war et schonn eng gewëssen Transparenz. Ech mengen awer, dass elo d'Transparenz nach verbessert gouf a jiddwereen och dobaussen nach besser kann novollzéien, wéi déi verschidde Subsidemontanten eeben ze erreeche sinn. Et ass och esou, Här Gangler, dass d'Veräiner e Courrier kritt hunn, wou mer drop hiweisen, dass se se sech musse konformiséieren. An do si mer och, bezéiungsweis eist Sekretariat am Austausch mat deene Veräiner, déi effektiv en cours sinn. An do hu mer nach eng gewësse Kulanz walte gelooss, dass se dann deenen nächste sechs Méint dat da maachen. Da géife mer dee Montant dee mer dann den nächste Gemengerot wäerten hei stëmmen, dann och ausbezuelen.

Soulaang se awer net konform sinn, géife mer dat awer net kënne maachen. Wéi gesot, Dir hutt et gesot, mir hunn eis do juristesch ofséchere gelooss, dass dat eeben net méiglech ass. Awer déi Kulanz vun de sechs Méint, ech mengen et, déi kréien d'Veräiner alleguerten. Den 22. Mee, hunn ech mer soe gelooss, ass dann och do Deadline, wou se eis déi Courriere mussen zréckschécke mat deene verschiddenen Demanden, bezéiungsweis och de Formulaire, dee se dann natierlech nach wäerten nogeschéckt kréien. De Formulaire soll och an enger noer Zukunft online

kënnen ausgefëllt ginn. Dat ass och nach sou e Projet, dee mer intern hunn. Ech mengen och dat vereinfacht dann de Veräiner, déi Demande do ze maachen. Wat déi Remarke vun den Dirigenten zum Beispill ubelaangt, e bësse schued ass, dass en elo eréischt kënnt, dann hätt ee vläicht kéinten éischter reagéieren. Mee déi Iddi ass an deem Sënn natierlech genau richteg. Also mir hunn och elo e bësse gekuckt, deemno wéi vill Stonnen s de brauchs, fir deng Formatioun ofzeschléissen, sou vill Ënnerstëtzung kriss de iwwert dëse Formulaire. An ech mengen da muss een eeben hei erausfannen, wéi vill Stonnen hunn déi jeeweileg Dirigenten oder Dirigentinnen eebe gemaach an da fanne mer erëm, wou se do op deem éischten, zweeten, drëtten oder véierte Pilier rëmzefanne sinn. Mir kënnen dat vläicht d'nächste Kéier an engem Saz formuléieren, dass mer dat dann, ier mer d'Subsiden, dat ass jo dann den nächste Gemengerot, ier mer d'Subsiden ausbezuelen, dass mer dat dann nach eng Rajoute maachen, wou dat och nach vläicht ajoutéiert gëtt, dass déi, wou am Moment net ënnert deenen doten Opzielungen dran rëmzefanne sinn, et si vläicht och nach anerer, déi mer net um Schierm hunn am Moment, dass mer déi an deem änleche Prinzip, wéi gesot, jee nodeem wéi laang d'Formatioun dauert, da kriss de esou vill Ënnerstëtzung.

Well mer dovun ausginn, dass wat s de méi Formatiounsstonne méchs, d'Qualitéit vun dengem Encadrement herno och besser ass, an dat wëlle mer jo natierlech ënnerstëtzen. Mee da maache mer esou eng Rajoute dobäi. An da, mengen ech, de Sënn, d'Iddi hu mer kloer verstanen. D'Madamm Thoma huet och gesot, dass mer hei wierklech nach eng Verbesserung vun der Transparenz hunn. Ech mengen deem kann ech nach eng Kéier zoustëmmen. Net nëmme fir heibannen, do hate mer jo schonn e puer Diskussiounen, dass mer dat besser konnten novollzéien, mee virun allem och fir déi dobaussen. An natierlech, wa se méi Geld kréien, hu se och näischt dogéint. An et ass och elo schwéier, déi eng Gemeng mat där anerer ze vergläichen. Ech mengen Dir hutt et effektiv richteg ugedeit. Mir probéieren, sou gutt wéi et geet, eise Veräiner nozestoen an ze ënnerstëtzen. D'Subsiden, ordinär an extraordinär, ass ee Volet. Mee ech mengen Dir wësst, dass mer och soss nach ganz vill maache fir eis Veräiner. Dofir ass et ëmmer schwéier esou dat eent mat deem aneren ze vergläichen, wat net onbedéngt ze vergläichen ass.

Jo, Madamm Kemp, mir sinn effektiv am Austausch mat de Veräiner am Virfeld, wärend dem Prozess. An och elo schonn hu mer e puer Rechebeispiller gemaach mat deenen Donnéeë vum leschte Joer, fir de Veräiner e bëssen ze soen, wou d'Rees higeet. A si sinn natierlech frou, dass se méi Sue kréien. Si wären awer och net rosen, wa mer nach méi géifen drop setzen. Bon, mir hunn awer an de Budgetsdebatte 50 % Erhéijung hu mer dra stoe gehat. An un dee Montant musse mer eis natierlech halen. Well, jo, fir d'Veräiner, alles gëtt ëmmer méi deier. An och si mussen deem Rechnung droen. Awer, wéi gesot, och si mussen natierlech, a maachen dat och ganz vill, eege Recettë generéieren, dass se net nëmme kënnen op d'Gemeng zréckgräifen. Wat souwisou och net géif duergoen, fir dee ganzen Apparat ze stemmen.

D'Qualité Plus ass zweemol ugeschwat ginn, ënner anerem vum Här Steffen a vum Här Goergen. Do hu mer nach eng Kéier, nodeems jo beim Sportsministère eng Ännerung war, nach eng Kéier nogehaakt an déi nei Sportsministesch huet eis confirméiert, dass se op deem Wee géife festhalen, dass de Qualité Plus vun de Montanten och do erhéicht gëtt. Si rechnen domadder dass d'nächst Joer, dat heescht 2027 dat kann ëmgesat ginn. A soubal mer do gréng Luucht vum Ministère, bezéiungsweis, wou d'Veräiner da wësse wéi vill se iwwert deen neie Qualité Plus kréien, ass et dann un eis, sech an iergendenger Form do druzehänken ouni ze vill weideren Opwand. Dat heescht, mir géifen do, sou wéi mer et mat anere Subsiden och maachen, e gewësse Pourcentage festleeën, wou dann d'Veräiner zousätzlech zu deem heiten, zousätzlech zum Subside ordinaire och nach e gewësse Pourcentage kréien zu deem Montant, wou se en iwwert de Ministère vu Qualité Plus kréien. Also soubal de Ministère do prett ass, hänke mer eis schnellstméiglechst do drun. Voilà, dat gesot, Merci fir déi Ënnerstëtzung fir all eis Veräiner, déi eis alleguerten um Häerz leien an déi wichteg si fir, éischtens, dass mer esou eng lieweg an dynamesch Stad bleiwen an awer och dee ganz grousse soziale Volet iwwerhuelen, weiderhin ënnerstëtzt ginn. Dofir mol och nach e grousse Merci vu menger Säit.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech hat eng kleng Zousazremark. Dir hutt gesot, et ass elo schued, dass déi Remark vun den Intervenante vun de Chorallen esou spéit komm ass. Dat läit ganz einfach do drun: D'Madamm Kemp war fir eis an deem Grupp do dran. An d'Madamm Kemp kann net sangen. Dofir huet se net doru geduecht. A mir ass et elo eréischt opgefall, wou ech den Text hei ënnert den Aen hat. Ech wollt eng kleng Bemierkung maachen. Dat ass e Wermutstropfen, wa mer vu Qualité Plus schwätzen. Mir vergënnen natierlech de Sportsveräiner dat. Mee leider gëtt et dat fir Scoutsveräiner net. Do ass näischt sou virgesinn. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Et ass dann un de jeeweilege Ministeren, déi kompetent dofir sinn, déi néideg Mesuren ze huelen, fir dass dann effektiv nieft de Sportsveräiner dann och aner Veräiner kënnen zousätzlech Hëllefen kréien, déi finanzieller Natur sinn, wéi gesot, mir leenen eis un deen, wat besteet.

Da géif ech proposéieren, dass mer iwwert dëse Punkt ofstëmmen. Awer och mat der Iddi, dass mer, wéi gesot, déi Remarken awer ophuelen. Ass de Gemengerot heimadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

### 6.7. Approbatioun vun den Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op den nächste Punkt. Dat sinn Dekonten. Dat sinn der 36 Stéck. Am nächste Gemenge wäerten der och nach kommen. Dofir huelen ech se elo alleguerten duerch. Et ass d'Antenn Eltrona, respektiv d'optesch Fiber. Den Devis 600.000.-, d'Depense 529.281,37.-. Dann den nächsten Devis, war am Fong Compteurs intelligents 1.350.000.-. D'Depense 1.339.601,12.-. Dann deen nächsten, dat war hei am Gemengenhaus, déi nei Büroen um

zweete Stack an d'Renovatioun hei vum Sall, 1.319.562.- An d'Depense 1.307.419,03.-. Dat war jo wärend der Covidkris, wou dat ofgewéckelt gouf. Dann d'Mise en conformité vum Sous-sol, den Devis 94.000.-. D'Depense ass méi niddreg ausgefall, 13.808,29.-. Dann am Atelier, Remplacement vun Aerotherm a vum Kollekter vum Chauffage, 70.000.- den Devis, d'Depense, 63.924,43.-. Dann an der Gaffelter Schoul, Mobilier fir d'Extensioun, 50.000.-. Den Devis, 36.255,07.- d'Depense. Dann an der Rue du Commerce, 37 bis 39 d'Renovatioun vum Haus. Den Devis, 2.270.000.-, d'Depense, 2.264.256,61.-. Do komme jo och nach Subside vum Logementsministère, vum Kulturministère. Dann deen nächsten, dat ass d'École Brill, d'Remise en d'état vun de Sanitären, 775.000.- den Devis an d'Depense 725.941,61.-. war dat.

Dann hu mer de Gemengerot, Poste de conférence mobile mat Kamera a Mikro. Voilà, dat ass dat Ganzt hei. Do war 100.000.- an d'Depense 58.645,08.-. De Müllwon, 500.000.- den Devis, d'Depense 487.745,48.-. Da Strutzbierg, Renouvellement vum Daach ënner anerem, 600.000.- den Devis, d'Depense 537.066,48.-. An da weider den neien Hall polyvalent. Den Devis 6.940.0000.-, d'Depense 6.930.208,08.-. Och do, wéi gesot, och nach Subside vum Kulturministère. Och do erëm. Dann d'Logements sociaux an der Zoufftgenerstrooss. Do ass den Daach fréschgemeet ginn. Eis Part war do 20.000.- Euro den Devis hei an d'Depense 19.892,12.-. Am Hartmann, d'Reamenagement vun de Vestiairë, Fraen a bei de Männer, beim HBD, 19.000.- den Devis, d'Depense 7.773,48.-. Dann am Centre sportif René Hartmann, mer bleiwen do, d'Storen an der Hal. 30.000.- Euro den Devis an d'Depense 27.659,97.-. Dann eist Akafen am Goldknapp, an der ALA. Den Devis war 110.000.- an d'Depense eeben 110.000.- well mer eis jo do an d'Gebai akafen, dass mer och do eng Prioritéit hunn. Da Quartier Lenkeschléi, déi fënnef subventionéiert Wunnengen. Den Devis war 3.790.000.- an d'Depense 3.775.452,30.-. Och do Subside vum Logementsministère déi fléissen. Dann an der Gaffelt, e Renouvellement vum Buedem am ale Gebai. 65.000.- Devis an Depense 48.237,66.-.

Mir bleiwen an der Gaffelt, de Sous-Sol. Do hu mer d'Ventilatioun am Judo-Sall fréschgemaach, 30.000.- Devis an d'Depense 24.383,80.-. Da Strutzbierg, d'Regulatioun an d'Adaptatioun vun der Ventilatioun. 25.000.- den Devis an d'Depense 14.641,74.-. Mir bleiwen um Strutzbierg, Detection incendie, d'Ersetzen, 25.000.- den Devis, d'Depense 16.495,39.-. Strutzbierg, Remplacement vun de Storen, 13.000.- den Devis an d'Depense 12.888,89.-. D'Maison des Chercheurs, d'Mise en conformité a Remplacement Portes coupe-feu, 45.000.- den Devis, d'Depense 43.052,11.-. Am groussen Auditoire d'Remplacement vum Eclairage an effektiv och vun LEDen, 30.000.- den Devis, d'Depense och 30.000.-. Mir bleiwen am CCRD, déi grouss Scène mobile fir den Open-Air, 40.000.-, an d'Depense 38.773,90.-. An dann am Centre d'Arts Dominique Lang, Chauffage an d'Detection gaz hu mer ersat, 25.000.- den Devis, d'Depense 20.089,34.-.

Dann eis Hydrocureuse, de Camion fir d'Kanalisatioun, 545.000.- Euro den Devis an d'Depense 532.158,95.-. Ribeschponter Schoul, d'Ersetze vun der Centrale détection incendie, 50.000.- Euro den Devis, d'Depense 49.252,19.-. D'Waldschoul, Renouvellement vum Reseau vum Waasser eau potable, 45.000.- Euro den Devis an d'Depense 42.399,08.-. Dann hate mer d'Modernisatioun vum Eclairage de secours a verschidde Schoulen. 35.000.- Euro den Devis an d'Depense 34.757,06.-. D'Maison relais an der Waldschoul, nei Chaudière, 25.000.- Euro den Devis an d'Depense 24.098,37.-. Da bei Diddelfamill, d'Fassad, déi frësch gemaach gouf, 24.000.- Euro den Devis, d'Depense 23.961,12.-. Détection Incendie hei am Gemengenhaus. 30.000.- Euro den Devis, d'Depense 29.983,61.- Euro. Mir bleiwen hei an der Gemeng. D'Mobili Hive am Sall Nic Birtz. 40.000.- den Devis, d'Depense 31.418,19.- Euro. Um Barozzi, d'Versetze vun der Chaudière. 38.000.- Euro den Devis an 36.791,56 dann d'Depense. Am Hartmann, de Boxring, 20.000.- Euro den Devis an d'Depense 17.428.-. Voilà, dat wären déi 36.

Enfin, wéi gesot, am nächste Gemengerot kommen der nach e puer no an da si mer bäi. Voilà, et ass ëmmer en Exercice, deen awer wichteg ass, dass een och da Projete clôturéiert. Mee, wéi gesot, och elo verschiddener, déi elo eréischt komm si well mer och nach verschidde Facturen nogelaf sinn. Mee dofir, mengen ech, si mer elo hei am leschte Gemengegrond an och an dësem drun, fir dat alles à jour ze setzen. Froen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Keng Panik, ech froen net fir déi 36 Posten eng Detailfro, mee ech hunn awer e puer Detailfroen. Éischtens emol fanne mer et dann och mol interessant eng Kéier ze gesinn, beim Centre Hartmann, Reaménagement des vestiaires, do hate mer 19.000.- Euro am Devis, an elo sinn et 7.700.-. A wat mer speziell gutt gefall huet, dat ass : une partie réalisée par les services de la commune. Ech denken et ass och wichteg, dass een an déi Richtung och geet, sech emol iwwerleet, hei kënne mer net och Saache selwer maachen. An ech menge mir hu jo kompetent Servicer, et ass e ganz flott Gebai elo opgemaach ginn, och fir technesch Gerätschaften an esou weider. Ech denken dat ass och mol eng Kéier ze ënnersträichen, dass mer emol wierklech wäit ënnendrënner bleiwen, obwuel et gemaach ginn ass. Well bei anere Posten, do ass et zum Beispill esou beim Hôtel de Ville Mise en conformité du sous-sol, do ware 94.000.- Euro am Devis virgesinn. Déi hu mer 2016 gestëmmt. Dat ass, wéi Der sot, et dauert ëmmer laang bis mer alles zesummen hunn. Mee do steet dann och, do huet dat eis elo just 13.800.- Euro kascht, de Projet reporté après étude. Do ass konkreet elo d'Fro, ass do awer elo nach eppes ze erwaarden? Maache mer do nach eng Mise en conformité oder si mer momentan gutt? A mir haten dee Moment vläicht gemengt, mir missten nach Saache méi maachen, wéi dann am Endeffekt gemaach gi sinn.

Dann hunn ech eng Fro zu dem Poste vum ALA, déi 110.000.- Euro am Detail, mir kruten ëmmer den Detail och vun deene Saachen, och Merci dofir. Do hu mer 30.000.- Euro bezuele mer all Joer. An elo hunn ech awer gesinn, fir 2025-2026, do steet Kredit am Budget 0. Elo ass meng Fro. Dat leeft jo awer wieder? Es ass vläich flott, interessant dat awer ze wëssen. Den Hall polyvalent, bon, dee stëmme mer dann och alt mat, well, och wann en extreem deier

ginn ass, well mer dee Projet och beim Devis matgestëmmt hunn. Mee do ass nach eng Fro. Do hat et ee Moment geheescht, dass mer och ee Subsid vum FEDER géife kréien. An do war nach eng Kéier d'Fro, dat géif nach eng Kéier nogehaakt ginn, well mer kréie jo e gudde Subsid vum Environnement a vum Logement a vun der Kultur. Mee do war gesot ginn, vläicht wär dat och eppes, wat ënnert de FEDER-Subsid géif falen. An dat hat ech gefrot, wéi mer de Remanié gestëmmt haten. Do hate mer nach keng Äntwert kritt. Vläicht wësst Der do zoufälleg, firwat dat sou war?

Da géif ech awer froen, am Numm vun der CSV, dass mer ee Posten erausshuelen. Dat ass d'Transformation, d'Renovation an d'Transformation vun der Rue du Commerce, 37 bis 39 fir Logements sociaux. Mir haten eis do ëmmer enthalen. Net well mer géint Logements sociaux sinn. Mee well mer net zefridde ware mat der Gestioun vun deem Projet. Dofir géif ech froen, ob mer deen och kéinten erausshuelen? Well an der logescher Suite vun eisen Interventiounen, an eise Votten, hu mer eis do enthalen, géife mer hei da froen, ob mer dat kéinten dann och separat stëmmen? Dann ass awer och nach eppes, dat ass eeben och ëmmer e bësse schued, Hôtel de Ville mise en conformité, nee pardon, Atelier, Bâtiment, Remplacement aérothermie et collecteur chauffage, do hate mer am Ufank 30.000.- Euro ugesat, am éischten Devis, dat war 2016, an do ass laang näischt geschitt, ech hunn dat nach eng Kéier e bësse kontrolléiert, dat kann ee jo och hei an Ären Ënnerlage kucken, an dunn hu mer missen 2022, dat ass jo awer éiweg laang duerno, e Supplement vu 40.000.- Euro nach stëmmen, soudass mer dunn op deen Devis komm sinn, op 70.000.- Euro.

Do ass d'Fro, déi stellt sech dann och, firwat ass zum Beispill do 2016 guer näischt geschitt? Dat ass vläicht elo e bësse blöd, fir dat nach nozesichen, mee wann do éiweg laang sechs Joer näischt geschitt an da musse mer 40.000.- Euro derbäileeën, bon et ass jo normal, dass ëmmer alles méi deier gëtt. Dofir och nach eng Kéier den Appell, wa mer en Devis stëmmen, dat war jo och déi Geschicht mam Bauindex, deen an d'Luucht geet bei alle Projeten, déi mer stëmmen, esou séier wéi méiglech unzefänken. Et ass net ëmmer an eiser Hand, mee et ass awer och, denken ech, d'Aufgab vum Schäfferot, wa mer schonn en Devis gestëmmt hu fir iergendeppes, dass mer do derhannert bleiwen, dass d'Fraisen eebe sech och limitéieren. Voilà. Zu deenen anere Punkte soen ech guer näischt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da probéieren ech op déi verschidde Punkten ze äntwerten. Jo, also bei deene Projeten, wou d'Gemengeservicer eng Hand kënne mat upaken oder eppes an Eegeregie kënne maachen, do maache mer et, wëssend natierlech, do musse mer ëmmer kucke wat d'Envergure ass, wéi laang dass et dauert. Well wann een och an Eegeregie eppes mécht an et dauert och zimmlech laang, deemno wat et ass, dann huet een natierlech déi Ressourcen net fir aner Saachen hei um Gemengegebitt. Mee mir sinn eis eens, dass wann och eis eege Servicer Projete kënnen och deels ëmsetzen, dass dat natierlech och zimmlech valorisant fir si ass. An dat weist jo och, dass eng Expertis an och en Know-how an de Gemengeservicer och deementspriechend dran ass.

Déi Etüd Sous-sol, déi ass, wéi gesot, reportéiert. Mee souvill ech weess, ass elo weider keng gréisser Gefor.

Bei der ALA, dat war am Fong déi Extensioun, déi si gemeet hunn. Dat heescht, mir hunn do näischt dran. Dat heescht, si hunn eng Extensioun gemaach um Goldknapp an do haten se e Courrier gemaach u d'Gemengen, ob d'Gemenge sech wéilte bei der Extensioun och mat akafen, wou se dann och géifen en Droit de priorité kréie vis-à-vis vu Biergerinnen a Bierger, déi an der Situatioun da wären, fir missen op de Goldknapp ze goen. Dofir ass dëst Joer näischt dran, well dee Projet jo eriwwer ass. Do war jo e Courrier komm a mir hate jo d'Decisioun geholl, eis do anzekafen. Dofir war dat effektiv eng eemoleg Depense, déi natierlech och eent zu eent esou iwwerholl gouf, well et jo en Invest ass um Bau.

Da beim Hall Polyvalent. Jo, do ass et, ech ka mech net méi un déi Diskussioun erënneren. Also et ass esou, dass mer do awer näischt kritt hunn, well mer och scho bei aner Projete mol nogefrot hunn, entweeder kriss de national Subsiden oder europäesch. Du kriss ni déi zwee zesummen. Shared Space zum Beispill, do hu mer FEDER-Gelder kritt, well et zu deem Zäitpunkt um nationale Plang näischt gouf. Elo ginn et, entre-temps ginn et Subside fir Amenagement vun ëffentleche Plaze vu Shared Space säit eng ganzer Rei Jore ginn et do Subsiden um nationale Plang. Déi gouf et zu deem Zäitpunkt net. An dofir si mer do u FEDER-Gelder gaangen. Hei am Hall Polyvalent krute mer jo vum Ëmweltministère respektiv vum Kulturministère. Dofir entfalen dann europäesch Gelder. Dat ass am Fong déi Logik. Du kanns keen Duebelfinanzement an deem Sënn kréien, souwuel national wéi och europäesch.

An ech ka mech erënneren, mam Chauffage, wou mer och nogestëmmt hunn, ech mengen, dass dat och eng Zäit war, wou mer dann net esou staark opgestallt waren an Dir mierkt jo och an dem Devis, dee mer hei am Gemengerot hu vun Haustechnik. Dat war eng Period wou et och esou laang gedauert huet, well mer net esou gutt opgestallt waren och vun de Ressourcen um Niveau vun der Haustechnik. An elo wou mer en Haustechniker hunn, kënne mer deem Ganzen och eng aner Envergure ginn. An dofir hu mer och méi reegelméisseg och Devisen hei, wou mer effektiv déi ganz Haustechnik au sens large eeben dann och opbereeden. Jo, Dir frot d'Demande effektiv fir de 37-39. An ech mengen, dat war jo dee Projet och, wou Dir als CSV jo éischter der Meenung war, dass statt Logement abordabele Wunnenge sollen dohinner komme fir d'Schoul Strutzbierg a mengen ech, hei awer eng grouss Majoritéit fir abordabele Wunnraum war. Mee wéi gesot, dee Projet kënne mer dann à part, wéi gesot, ofstëmmen. Dat ass kee Problem.

Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer dann en bloc awer iwwert déi Dekonten ofstëmmen an awer de 37-39 do erausshuelen. Wien ass mat den Dekonten en bloc averstane? ***Dat ass unanime.***

An da komme mer zum Dekont 37-39, Rue du Commerce. ***Wien ass mat deem Dekont averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun déi Gréng, LSAP, DP, ADR an déi Lénk. Wien ent-***

***hält sech? Dat ass dann d'CSV.*** Da kënne mer dee Punkt och ofschléissen.

**6.8 Extraordinär Subsiden**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat sinn d'Subsiden. Dat sinn dann 100.- Euro, et sinn all Kéiers Courrieren derbäi, fir Stärekanner ASBL, 300.- Euro fir SOS Détresse, 750.- Euro fir d'Sécurité routière an eng duebel Demande hei vum Sportslycée, wou mer da fir de souwuel Volet Handball wéi och Basket e Subsid wëlle gi vun 1.000.- Euro, also fir déi zwee zesummen. Ass de Gemengerot mat deene Subsiden averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 7. Commissions consultatives

**Approbatioun vun de Modifikatioune bei der Zesummesetzung vun de Commissions consultatives**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer un d'Kommissiounen, d'Zesummesetzung vun de Kommissiounen. Da fänken ech mol hei u beim ADR an der Finanzkommissioun. Do ersetzt den Här Turmes den Här Kremer. An der Kulturkommissioun ersetzt d'Madamm Spagnuolo den Här Kiefer an an der Hygiène- a Salubrité-publiques-Kommissioun ersetzt den Här Müller den Här Kiefer. Voilà. Ech mengen dat war elo zu deenen doten.
An dann ass nach an der Commission du Vivre ensemble, Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, also ech mengen Dir hat den Avis jo dobäileien, et ass e Membre citoyen fräi gi well eng Persoun geplënnert ass. An dann hu mer da wéi dat dann d'Gesetz et virgesäit - ech verstinn d'Laachen net, mee Dir wäert mir dat dann herno erklären - hu mer dann en Opruff gemaach an et waren dräi Kandidaturen do. An déi dräi Leit sinn och empfaange ginn, ënner anerem vum President vun der Kommissioun, vum Sekretär vun der Kommissioun, vun engem Member vun der Kommissioun a vun eisem lokale Koordinator vum Pacte intercommunal du Vivre Ensemble interculturel. Si hunn eis virgeschloen d'Madamm Defreitas Aguillam Céleste hei ze noméieren. Den detailléierten Avis, mengen ech, läit dobäi. An de President vun der Kommissioun ass jo och hei, deen d'Leit och matempfaangen huet, falls do nach Froen Ärersäits si firwat grad déi Persoun.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Kënne mer, wa keng Fro sinn, kënne mer en Block ofstëmme mat deene Changementer? Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer Iech villmools Merci.



# 8. Personal

**8.1. Konversioun vun engem fräie Vollzäitposten als Gemengenemployé aus dem Groupe d'Indemnité B1, Sous-groupe technique an e Vollzäitposten als Gemengenemployé aus dem Groupe d'Indemnité A2, Sous-groupe scientifique et technique (Entretien des bâtiments)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also, den éischte Punkt ass eng Konversioun vun engem Poste vum Groupe d'Indemnité B1 an den A2. Firwat wëlle mer déi Conversion de poste maachen? Den 13. Juni 2025 hu mer am Fong dee Posten hei am Gemengerot gehat. Dee war fir e Fonctionnaire, wéi gesot, geduecht. An deen ass ausgeschriwwe ginn. Bei der éischter Annonce konnte mer keen zréckbehalen, bei der zweeter Annonce och net. An dofir wéilte mer elo de Recrutement opmaachen, do gi mer op den A2, an der Hoffnung, dass dann do Leit sech mellen, déi méi de Posten hunn. Well et ass fir den Entretien des bâtiments, wéi gesot, dofir musse mer dat einfach elo probéieren, wa bei zwou Ausschreiwunge fir de B1-Poste kee sech valablement qualifizéiert huet. A mir hunn et hei am Gemengerot och festgehalen, da musse mer einfach d'Conversion de poste maachen op den A2. Dat ass am Fong d'Erklärung dozou.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech hunn d'Erklärung net ganz verstanen, well ouni virzegräifen, mee ass dat net de Punkt 11.5, dee mer herno hunn? Ass dat net dee Posten, dee mer schonn ausgeschriwwen hunn?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, mee mir mussen d'Konversioun, ech ginn d'Argument, firwat mir mussen eng Konversioun maachen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Well mir hunn et nämlech e bëssen onglécklech fonnt, dass mer deen als B1/A2 ausgeschriwwen hunn, dat ass ëmmer sou eng Saach, obwuel et jo eigentlech e B1-Poste war. Ech weess net ob een dat reegelméisseg esou mécht, mee dat hu mer e bëssen onglécklech fonnt, mee mir sinn natierlech averstane fir en ze convertéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER:
Ass de Gemengerot domat averstanen?
***Dat ass unanime.*** Merci.

**8.2. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengebeamten aus dem Groupe de traitement B1, Sous-groupe technique (Travaux publics)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann hu mer d'Kreatioun vun engem Fonctionnaire communals-Posten à Tâche complète am B1 am Travaux publics. Et geet hei ëm e Mataarbechter, dee schonn do ass, deen de 15. Februar als Employé communal agestallt gouf, deen eis awer net matgedeelt hat am Fong, dass en den Examen d'admissibilité am Juni 2025 schonn als Fonctionnaire gepackt hat an och deen an der Täsch huet, wat jo och gutt ass, wat jo positiv ass. An dofir, wéi gesot, en eis och dat dann ex post gesot huet, wou en als Employé communal agestallt war. Wann en awer schonn, wéi gesot, de Fonctionnaire communals-Exame gepackt huet an och an der Täsch huet, bon, da solle mer en och als Fonctionnaire communal astellen. Duerfir kreéiere mer dann och hei de Posten als Fonctionnaire communal. Voilà, et ass einfach. Wéi gesot, en ass schonn do. Mir stellen en och herno jo och an am Huis clos als Fonctionnaire communal. Mee de Prealabel ass eeben dann awer dee Posten esou ze kreéieren, dass mer hie kënnen dropsetzen. Dat zu der Erklärung.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt just froen, hate mer dee Posten dann als Fonctionnaire ausgeschriwwen a mer hu kee fonnt an dann do hu mer en als Employé agestallt? Oder wéi war déi Geschicht? Oder war et initialement als Employé communal?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir hunn en als Employé communal ausgeschriwwen, well et awer zimmlech spezifesch och war vum Recrutement, vun der Expertise, déi mer gesicht hunn. Fo hu Leit sech gemellt fir dee Posten, mir hunn hien zréckbehalen. Mee hien huet eis zu deem Zäitpunkt net gesot, wéi gesot, dass en och deen Examen als Fonctionnaire communal gepackt huet, ne? Mee de Poste wéi gesot, gouf hei kreéiert, gouf hei ausgeschriwwen an de Gemengerot huet jo och hei agestallt. Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools merci.

**8.3. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengebeamten am Groupe d'indemnité A2, Sous-groupe scientifique et technique (Gas, Waasser a Kanalisatioun)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An dann hu mer d'Kreatioun vun engem Posten A2 fir Gas, Waasser a Kanalisatioun, ma virun allem maache mer dat doten, bon, mir sinn eng vun deenen eenzege Gemengen, déi Gas- a Waasserwierk huet an deen och behält. Hei geet et drëms och sech opzestellen, virun allem am Kader vum Quartier NeiSchmelz, dee mat ëmmer méi grousse Schrëtt un eis erukënnt, wann ee weess och, dass ufanks 2029 de Fonds du Logement déi éischt Wunnenge wëll liwweren, wann ee kuckt, wat alleguerte vun Aarbechten elo kommen an deenen nächste Joren, mengen ech, gëllt et sech hei kënnen ze verstäerken. Dofir wëlle mer dee Posten hei schafen am A2. Ass de Gemengerot mat där doter Kreatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da géif Iech villmools Merci soen. Da wäre mer mat Personal an der Seance publique fäerdeg.



Photo: © Raoul Gerend

# 9. Ënnerstëtzung fir d'Bierger fir d'Verbreedung vun der asiatescher Runn anzedämmen

*Motioun vun der Fraktioun Déi Gréng*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da géife mer op d'Motioun iwwergoen. Mir hunn eng Motioun virleie vun de Kolleege vun de Gréngen. Ech géif dann hei, wéi gesot, proposéieren den Auteuren, souwéi et bei enger Motioun ass, d'Wuert ze ginn. Da kënnen d'Membere vum Schäfferot kuerz Stellung dozou huelen. Da kënne mer eng Ronn hei dréien am Gemengerot. An da kréien nach eng Kéier d'Auteuren d'Wuert. An dann nach eng Kéier hei de Schäfferot. An da gi mer zum Vott iwwer. Dofir, ech weess net, wien hei d'Motioun wëll virdroen? Här Steffen, Madamm Ahmedova. Un Iech!

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Majo, da soen ech Merci fir d'Wuert. An eiser Motioun geet et haut ëm d'Andämme vun der asiatescher Runn. Dat ass déi Runn, wou mir am Forstplan all net schlecht gestaunt hunn, wéi grouss déi Näschter sinn, wéi aggressiv déi Déiere kënne sinn, an dass et eng reell Gefor ass, wann een de Näschter ze no kënnt.
An deem Sënn. De Gemengerot stellt fest, dass et sech bei der asiatescher Runn ëm eng invasiv Aart handelt, déi eis heemesch Aarten an domat eis Biodiversitéit bedréit. Sou si se effektiv eng Bedroung fir eis heemesch Beien, deenen hir Populatioune schonn ënner Stress stinn. An och am Naturpakt geet et eis jo och drëms, eis Biodiversitéit ze schützen, dofir hu mer deen heite Punkt als zréckbehalbar fonnt.

Well déi asiatesch Runn eng Gefor fir d'Biergerinnen duerstellt, virun allem wann dës den Näschter ze nokommen. D'asiatesch Runn ass vill méi aggressiv wéi eis heemesch Beien an Harespelen, wann ee bei hir Näschter kënnt. Virun allem an Hecken ass dëst och a Privatgäert problematesch, wann d'Hecke geschnidde ginn oder Fussball gespillt gëtt oder well dës Spezies awer och iwwerall hir Näschter maache kënnen, wéi zum Beispill a Gaardenhaisercher, a Spillgerüster, kann dat ganz séier problematesch ginn. En Ewechmaache vun Näschter dat eng weider Verbreedung ofbremst an domat och am Interêt public gemaach gëtt. Et ass eng Aart, déi keng natierlech Feinden hei an Europa huet, an esou ka se sech ongebremst am Moment weiderverbreeden. Am Espace public maache mir se jo ewech, wéi mir am Kader vum Forstplan gesot kritt hunn. Ma all Nascht, wou allgemeng um Territoire vun eiser Gemeng fortgemaach gëtt, bremst d'Verbreedung op eisem Terri-

toire einfach aus. Dofir ass et och vun Interêt, dass dat doten a Privatgäert an op Privatterraine gemaach gëtt. Well d'Ewechmaache vun dësen Näschter vu Spezialiste muss gemaach ginn, an dës komplex Interventiounen oft mat héije Käschte verbonne sinn.

Och hei hate mir am Kader vum Forstplan erkläert kritt, wéi komplex dat Ewechmaachen ass, well et éischtens eng ganz aggressiv Aart ass, een en extra Equipement dofir brauch a se och bei de Sekundärnäschter immens héich hir Näschter maachen an een do just mat speziellem Geschier drukënnt. Dann den Ëmweltministère ee Subsid fir d'Ewechmaache vun den Näschter virgesäit, dësen awer net déi ganz Käschten ofdeckt. Bei de Primärnäschter, also bei de Gründungsnäschter, dat sinn dann déi, wou nach ganz kleng sinn, do ass en Duerchmiesser vun zéng Zentimeter, wou een da 50.- Euro zréckkritt. Wann et méi grouss gëtt, da si mer bei 100.- Euro, déi een zréckkritt. Dat muss da virum 1. Juni gemaach ginn. Soss ass et an der Reegel handelt et sech ëm e Sekundärnascht, dat da mat 300.- Euro subsidéiert gëtt. Bei de Präisser, wou eis elo bekannt sinn, wësse mir, dass d'Bierger gären dat Duebelt, voire dat Dräifacht bezuele mussen, jee nodeems a wéi engem Barrage vu Gréisst an Interventioun mer do sinn.

Wat am Ufank eeben nach méi gënschteg gëtt, kann herno richteg deier ginn. Wëssend, dass do richteg vill där Runnen dra kënne wunnen, do geet vun 5000 Runnen deels vun esou engem groussen Nascht rieds. Do ass et da schonn net vu Muttwëll och nach déi grouss, déi vläicht an enger héijer Héicht sinn, ewechzemaachen an deem och nozegoen. Dofir invitéiere mer de Schäfferot e Subsid ze schafen, deen de Biergerinnen d'Eegeparticipatioun vum Ewechmaache vun den asiatesche Runnennäschter nom Erhale vum Subsid vum Ëmweltministère rembourséiert. Dat wier dann u sech de Prinzip. Also wou e ganz änleche Prinzip ass, wéi och eis aner Subside funktionéieren, wou d'Gemeng sech einfach un d'staatlech Hëllef géing drunhänken, just dass een hei géing de Reschtmontant iwwerhuele vun deem, wou en nach opsteet. Et ass an dësem Fall jo och kee Subsid, deen ee gären ufreet, ma op deen een u sech keen Afloss huet, ob een en Nascht kritt oder net. Et wier deemno souwuel eng Sensibiliséierungsmoossnam engersäits wéi och eng reell finanziell Entlaaschtung, deemno wéi grouss d'Rechnung vun de Privatleit dann ausfält. Sou, ech si gespaant op eisen Tour mer lo hunn an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Här Steffen fir dann Virstellung an och d'Erklärunge ronderëm dës Motioun an de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, da géif ech da probéieren, drop ze äntwerten. Et muss een natierlech e puer Saachen nach virausschécken, et ass scho gesot ginn, déi Primm vum Staat vu maximum 300.- Euro. Et ass richteg, dass déi asiatesch Runn scho säit 2004 hei an Europa sech heemesch fillt. An et ass och esou, dass de Staat doropshi reagéiert huet. Mir als Gemeng Diddeleng haten natierlech schonn d'lescht Joer och dru geduecht gehat, fir esou ee Subsid ze ginn. Do war awer nach näischt vum Staat en vue. A wéi mer awer gewuer gi sinn, dass de Staat wëlles hätt, op dee Wee ze goen, hu mir eis d'Bestriewung emol do op Äis geluecht a mol ofgewaart wat de Staat géif maachen. Effektiv huet de Staat dann dunn 300.- Euro maximum als Subsid da bewëllegt.

Effektiv, do ginn et dräi verschidde Stadien. Dat ass den éischten, de Stade précoce, dat ass richteg. Do kritt een e Forfaitaire bis 50.- Euro maximum. An do muss och effektiv d'Nascht en Diameter hu vun ënner 10 Zentimeter. An dat geet awer un ab 15. Mäerz. Deen zweete Stadium ass de Stade avancé. Do kritt een effektiv dann ee Maximum vun 100.- Euro forfaitaire mat engem Nascht, dat méi déck ass wéi 10 Zentimeter, au plus tard bis den 1. Juni. An da kënnt den Drëtten, dat ass dann, wann de GAU antrëtt, dat ass dann de Subside forfaitaire vun 300.- Euro, an dat ass zwëschent dem 1. Juni an de 15. November gëtt dat dann ausbezuelt. Ech ginn net elo op d'Detailer vun deenen dräi Stadien an, d'Behandlung vun deenen dräi verschiddene Stadiumen ass natierlech ëmmer ganz anescht, duerfir sinn déi Montante jo och 50, 100 an 300. An do hu mer eis mol schlau gemeet, wat maachen dann an aner Gemengen hei am Ländchen? An do hu mer da gemierkt, do hu mer dann nogekuckt, d'Gemeng Habscht zum Beispill, déi hunn e Service Technique an hirer eegener Gemeng, déi kommen op d'Plaz wann de Bierger se urifft, si kucke wat lass ass, an da bestellt d'Gemeng Habscht d'Firma XY an d'Gemeng Habscht bezilt dann och déi Facture, soudass mer do net kënnen ausgoen, dass déi e Subsid hunn, mee déi maachen dat als Gemengeservice. A si hu fir d'Joer 2026 hu se e Budget fir zwielef Interventioune festgehalen.

D'Stad Lëtzebuerg, déi hunn eng spezifesch Cellule, dat heescht Service sécurité. An do ass et hoergenee d'selwecht. Hire Service kënnt op d'Plaz, kuckt wat lass ass, an da huele si och mat hiren eegene Leit, respektiv eng Verstäerkung, wann et néideg ass, da maache se dat Nascht ewech. An och do ass dat keng Subventioun, mee et ass e Gemengeservice. D'Gemeng bezilt dann direkt déi Leit, déi se A agestallt hunn, B, wa se eng Verstäerkung brauchen. D'Gemeng Mamer, dat ass dann déi eenzeg Gemeng, déi effektiv anescht fiert, déi maachen effektiv ee Subsid a si bezuele 50 % mat engem Plaffong vun 150.- Euro bei d'Primm vum Staat bäi. An do hu mer och gekuckt, wa mir elo als Particulier, déi, ech wëll d'Nimm vun de Firmen elo net offiziell nennen, mee et sinn zwou Firmen, déi dorop spezialiséiert sinn, an do hu mer déi eng Firma, déi huet en Präis vun 301.- Euro hors taxes. An toutes taxes compris ass 352.- Euro.

An déi aner Firma, déi geet drop ob d'Héischt vum Nascht. Ënner 7 Meter ass et 250.- Euro toutes taxes comprises, an dann iwwer 7 Meter also 300.- Euro toutes taxes compris. Dat heescht dem Staat hir Primm geet hei och locker duer. 2025 hei zu Diddeleng op der Gemeng, hate mer op eisem Site 12 Interventiounen, 12 Näschter, dobäi waren der 5 op privatem Terrain. A ce stade, géif ech soen, dass d'Gemeng Diddeleng net op dee Wee muss goen, fir hei en extra Subsid ze schafen, well mir sinn der Meenung, dass, wéi gesot, à ce stade, dee Montant vun 300.- Euro vum Staat duergeet fir déi Interventiounen, wann dann eng muss gemeet ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem René Manderscheid. Elo kënnen och aner Kolleeginnen a Kolleege vun anere Parteie Stellung huelen zu der Motioun.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Et ass ëmmer e spannenden Exercice, well een eréischt seng Stellungnam kann iwwerleeën, wann een de Schäfferot héieren huet. Also, wann ech den Här Manderscheid richteg verstanen hunn, hat d'Gemeng d'lescht Joer schonn iwwerluecht fir ee Subsid anzeféieren, dat war jo da scho mol ganz positiv. Ech verstinn och, dass een da mol ofwaart, wat vum Staat kënnt, éier een da selwer handelt, do sinn ech ganz mat Iech averstanen. Fir mech perséinlech ass et elo e bësse schwéier anzeschätzen, ob dee Subsid duergeet. Ech hunn elo déi Präisser do héieren, do géifen dann awer nach ëmmer 50.- Euro feelen, wann ech dat richteg verstanen hunn, wann dat 352.- Euro toutes taxes inclus kascht, an de Subsid, dee geet bis 50.- Euro. (Also e geet bis 300 Euro, an et kascht 350 Euro).

Voilà. Also ech mengen et geet jo hei ëm zwou Saachen. Dat eent ass deen ekologeschen Deel, wou et einfach drëm geet, eng invasiv Aart ze bekämpfen, wou jo dann och den Ëmweltministère eebe seet, all Nascht dat ewechgemaach gëtt, dat ass gutt, well et ass eng invasiv Aart, déi och ka geféierlech ginn, jee nodeem och fir d'Beie virun allem, wat mer jo net wëllen. An dat anert ass eeben och eng sozial Fro. An elo kann een natierlech soen, okay, wann dat 350.- Euro kascht an de Subsid ass 300.- Euro. Fir mech perséinlech wär et elo net dramatesch, déi 50.- Euro bäizeleeën. Mee et ass natierlech awer och an deem Sënn eng sozial Fro, dass ee jo net kann eraussichen, bei weem sengem Haus dat Nascht elo lant. An ech ka mer virstellen, dass et fir verschidde Leit dann awer vläicht och déi 50.- Euro net ageplangt waren.

Sou dass ech mech froen, och wann déi Subside relativ no un dat eruginn, wat et vläicht reell kascht, dann hu mer jo näischt verluer, wa mer einfach soen, mee mir leeën den Delta bäi. A wann de Subsid duergeet, da kascht et eis näischt, tant mieux. A wann de Subsid net duergeet, dann hu mer zumindest awer déi Demarche gemaach fir deene Leit, déi dann effektiv awer déi doten Käschten elo net agerechent haten, fir hinnen awer d'Decisioun ofzehuelen an ze soen, voilà, da kascht et. A wann et nëmme 50 Euro sinn, déi mer bäileeën, da leeë mer iech déi bäi. Dowéinst verstinn ech elo net, firwat dat misst en Argument sinn, fir et net matzestëmmen. A mat deenen Iwwerleeunge géife mir d'Motioun eigentlech matdroen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Da ginn och mir eis eng kleng gutt Iwwerleeung mat op de Wee. Bon, fir d'éischt emol hu mer eis e bëssen informéiert doriwwer. Merci un déi Gréng, fir déi Motioun. Dat sinn ëmmer esou Sujeten, mat deenen ee sech muss nei beschäftegen, a Saache siche goe mat deenen ee sech vläicht net esou gutt auskannt huet.Bon, ech perséinlech hunn dann och gesinn, dass de Minister Wilmes a säi Ministère schonn e Subsid ausgeschafft hunn, fir dat doten eeben ze finanzéieren. Ech perséinlech hunn, bon, net ech perséinlech, mir hunn dat nach e bëssen ze véier eng Kéier hei ausgeschwat, mir hu relativ wéineg Interventiounen op der Gemeng Diddeleng. Fënnef Stéck ware jo op privatem Terrain, wéi Der gesot hutt. Dat ass och elo net eng Megazomm. An ech mengen déi sprengt och net eise Budget. Ech denken net, dass dat sech och mol zéng wäert multipliléieren an de kommende kuerze Joren. Awer 350.- Euro fir munch Näschter ewech ze maache sinn awer fir verschidde Famille vill Suen.

An ech ka mer virstellen, dass verschidde Famillen, och wa se e Gaart hunn, dat heescht net onbedéngt, dass se da vill Suen hunn, dass se räich sinn oder wat oder ëmmer. Dass se sech dann awer vläicht scheie fir een ze ruffe fir dat ewech ze maachen, well dat awer dann 350.- Euro kascht.
Mir géifen éischter op de Wee goen, fir d'Gemeng ze invitéiere fir einfach déi ganz Käschten ze iwwerhuele fir déi ewech ze maachen, well et am Interêt vun der ganzer Bevëlkerung ass. A vu dass et jo net terribel vill ass, mengen ech, dass mer dat awer gutt droe kéinten. An ech géif souguer eng Etapp méi wäit goen, wéi dat wat déi Gréng proposéiert hunn. Ech géif dat éischter an dee Wee proposéieren. Verstidd Der, wat ech wëll soen? Da kuckt mech sou skeptesch.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, mir mir lauschteren Iech no.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ma ja, dat ass dat wat mir géife proposéieren, well fënnef d'leschte Joer, hei géife mer héichreche wiere mer vläicht op zéng dëst Joer, wann et wierklech massiv wär. Ech mengen dat wär de richtege Wee, dee mer misste maachen.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Jo, effektiv, déi asiatesch Runn ass geféierlech. Ech mengen eise Fierschter hat eis dat hei laang a breet erkläert. En huet awer och gesot, dass et net méi drëms geet, se ze bekämpfen, mee dass et drëms geet, fir mat hinnen ze liewen, well mir wäerten déi ni méi lassginn. An dofir wäer et natierlech elo interessant gewiescht, wann eise Fierschter eng Kéier hei gewiescht wär, fir mol eng Kéier ze kucke wéi och hien dat hei elo gesäit, wéi hie sech virstellt, wéi dat soll weidergoen. Nichtdestotrotz, ech mengen de Staat leet hei e groussen Deel bäi, quasi alles. An ech schwätzen elo vu mir selwer. Mir hate viru kuerzem, d'leschte Joer, en Harespelsnascht hannert dem Haus, an déi awer och relativ aggressiv waren an ëmmer erofgeflu komm sinn, well se gehofft hunn, se kéinten aus der Kannerschwämm drénken. A si hunn dann natierlech d'Jonge gepickt, wat och net angeneem war. Dat hu mer och missen ewechmaachen.

Do hu mer kee Remboursement kritt. An d'Fro, wou sech eigentlech och elo hei stellt ass: Ech si mer elo net méi ganz sécher, ob en eise Fierster gesot hätt, si hätten ee Kostüm, dee stabil genuch wär. Jo, et ass richteg, ee Kostüm. A, si hunn ee Mann, deen ausgebilt ass, och mat deem Kostüm, deen dann e bësse méi stabil ass.Well duerch déi normal Kostümer, déi d'Imker hunn, geet deen heite Stachel duerch, ob dann an deene fënnef Fäll deen ausgebilte Mann, dee mir hunn, net sur place kéint kommen an eventuell, besonnesch an deene Fäll, wou et méi e klengt Nascht ass, et selwer kéint ewechmaachen, dass mer guer net op déi spezialiséiert Societéiten ugewise sinn? Merci.

DIOGO COSTA (LSAP): Jo, merci fir d'Wuert. An ech mengen et ass scho relativ vill gesot ginn. Ech mengen et ass eng Persoun am ganze Land, déi spezialiséiert ass, fir dat do ewechzemaachen, net eng Persoun hei zu Diddeleng. Dofir wa mer kucken, dat héich géife rechnen, ech menge mir kommen do net laanscht déi privat Firmen. An dat eent ass eeben d'Harespelen, déi eeben net invasiv sinn, bezéiungsweis déi eenheemesch sinn. An dat anert sinn eeben déi asiatesch Runnen, déi mengen ech do en anere Punkt sinn. Et ass sécher eppes, wat ee muss am A behalen a wou een och ka sech iwwerleeën, ob een dat do net analyséiert, kuckt wéi et am Laf vum Joer mat esou Demandë geet, sech do eng Kéier schlau mécht. Mee allgemeng ass et schonn eng Initiativ, déi mir begréissen an déi ee sollt consideréieren, och fir an Zukunft. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Nach weider Froen ? Dat ass net de Fall. Da ginn ech, ee Moment, da ginn ech un d'Auteuren d'Wuert zréck, fir d'éischt, an dann un den Ëmweltschäffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma da soen ech Merci fir all Är Retouren. Ech hu mer elo e puer Saachen opgeschriwwen, wou ech dann och ganz gäre wéilt drop agoen. Iwwert d'Präisser, jo, ech hunn och probéiert natierlech d'Präisser erauszefannen, et war elo e bësse méi, vu dass elo de Supergau jo nach net agetrueden ass, well se am Moment nach an där Phas sinn, wou et nach net esou an der Héicht ass, weess ech elo vun engem Beispill, dat 175.- Euro kascht huet fir e Primärnascht ewech ze maachen. Do kritt een dann déi 100.- Euro zréck, do sinn et da 75.- Euro, déi d'Leit misste bäileeën. An e Grënnernascht ewechmaache war an enger anerer Gemeng, déi och dee ganze Remboursement iwwerhëlt, waren 80.- Euro. Fir e Grënnernascht ewechzemaachen, dat heescht 50.- Euro kriss de vum Staat zréck, da muss de nach 30.- Euro bäileeën. Dat sinn dann awer aner Präisser.

Ech weess awer och, dass déi Gemengen, déi dat Ganzt iwwerhuelen, déi zum Beispill mat Firmen zesummeschaffen, do och vläicht kënne besser Präisser erausschloen, wa se soen hei mir maachen do eppes, wou mer vläicht zesummen dat do an de Gréff kréien. Dat ass à voir, op dee Wee wollte mer net goen. Mir wollten awer eis einfach ralliéieren un dat, wat vum Staat do komm ass. Quitte dass et, an dat ass elo u sech eist Haaptargument gewiescht, fir dann awer op de Wee ze goen, och wann et just 30.- Euro sinn, déi ee ka bäileeën, ass et engersäits, wéi d'Madamm Thoma gesot huet, eng Sozialmoossnam. Anerersäits ass et awer och eng Saach vun, wann ech elo e risegt Nascht uewen an engem Bam op mengem Terrain hänken hunn, an ech weess net genau, wat vu Käschten op mech duerkënnt, zécken ech vläicht éischter an ech soen, okay, déi do sinn am November fort, iert ech do elo wierklech massiivst Geld an d'Hand huelen, well do sti Montanten am Raum vun, deemno wéi schwéier et ass drun ze komme mat Kran an esou weider, vun och emol ganz liicht 600- 700 Euro. An ier ech mer déi dote Saach duerch de Kapp goe loossen, muss, ob ech dat maachen oder net, wéisst ech hei einfach, okay, ech bleiwen herno op kenge Käschte sëtzen.

Et ass am Fong esou e bëssen de Prinzip vun enger Zousazversécherung, wou een einfach weess, ech ka bei den Dokter goen a wat elo derbäi erauskënnt, ech bleiwen op näischt hänken. Dat ass u sech dat Haaptargument, wou mer elo geholl hätten. Virun allem och well d'Verbreedung eng exponentiell ass, ass et vläicht fir déi eenzel Leit, déi am Oktober mierken, do ass e Risennascht, okay, déi sinn am November fort. An awer si se vläicht fort vum Terrain, mee dann hu mer se d'nächst Joer awer op enger anerer Plaz sëtzen. E weidere Virdeel, dee mer gesinn, wann d'Gemenge sech géif hannendrun hänken, dass mer einfach d'Informatiounen och sécher direkt kréien, vläicht och als éischt Ulafstatioun, wou et dann och drëms geet, hei du kriss nach ee Subsid vun der Gemeng, mell dech mol eng Kéier bei där. Da wësse mer zumindest ganz fréi am Stadium, net eréischt wann de Ministère de Portmonni opgemaach huet an iergendwann dann de Remboursement bei eis ukomm ass, wësse mer awer, dass do eppes ass. A wann dat un den ëffentleche Raum grenzt, ech soen eng Schoul, e Park oder wat och ëmmer, da kann ee vläicht verstäerkt och eisen Ekippen de Message matginn, haalt op deem doten Eck emol einfach d'Aen op, well do sinn der gesi ginn an déi verbreede sech nun emol wéi se sech verbreeden.

Dann zum Här Meyer, sengem Awand vun de Beien an den Harespelen. Do ass et jo effektiv esou, dass déi ënner Naturschutz stinn, dass een déi net einfach esou kann a soll ewechmaachen, well déi schonn zimmlech bedrot sinn, ausser et ass op enger immens geféierlecher Plaz. Do ass dann effektiv de Prinzip vum Mateneeliewen dee wou gëllt. Dofir hu mer dat elo net hei consideréiert an eiser Motioun. Et ass esou, dass effektiv eng ëffentlech Persoun dat dote maache kann, dee sëtzt zu Dikrech. Dat ass deen, wou mer am Forstplan erklärt kritt hunn. Mee da ginn et eeben déi privat Ubidder, déi bei deenen eenzelne Kammerjägerfirmen do aktiv sinn. D'Propos war elo komm, fir dat ze analyséieren an Zukunft. Meng Géigepropos wier, de Site vum Ministère, dee weist un, dass dat doten eng Mesure ass, déi bis November leeft. Ech denken, dass se dat d'nächst Joer vläicht reevaluéieren. Vläicht sinn dann och déi ëffentlech Secteure méi breet opgestallt.

Do weess ech, dass zum Beispill an der Stad vill Leit och an der Formatioun sinn, fir déi dote Näschter kënnen ewechzemaachen, dass sech do och Leit ekipéieren. An dass dat dote vläicht eppes ass, wou mer an e puer Joer och ekipéiert genuch si fir dass een dat do als Gemeng iergendwou kann oder als Gemengeverbond kann iergendwéi iwwerhuelen, ouni musse bei déi Privatanbieter ze goen, do wou et dann ubruecht ass. Dofir Zäit verléiere géing ech an dësem Moment vläicht net weider, och net méi mat menger Interventioun, well ech mer einfach soen, wa se sech exponentiell weider verbreeden, dann ass all Nascht, dat fort ass, ass e gutt Nascht. Dat fort ass. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Majo, ech hu jo gesot gehat - à ce stade - dat heescht, de Schäfferot verschléisst sech net enger finanzieller Ënnerstëtzung vun de Biergerinnen a Bierger bei deem Sujet hei. Mee hei ass och gesot ginn, Analys a Fierschter. Effektiv, wann Der domat d'accord sidd, géif ech proposéieren, an dat maachen ech nach am Mee/Juni, datt ech d'Ëmweltkommissioun

zesumme mam Fierschter zesummentrommelen, dass mer doriwwer schwätzen, dass mer eng Analys maachen, dass ee kéint de Wee Mamer envisagéieren, de Plaffong ass dann nach ze definéieren, dat muss jo net 150.- sinn, mee wann ech d'Montante wou kucken, da kann dat och 50.- oder 100.- sinn, dat gesi mer dann.

Op jidde Fall, mir verschléissen eis net virun der Hëllef, wéi gesot, vun engem Subsid, mee ech gräifen awer déi Interventiounen hei vun der Oppositioun a vun der Majoritéit op, dass mer, wéi gesot, eng Ëmweltkommissioun aberuffen am Mount Mee/Juni mam Fierschter zesumme wéi Dir sot, den Här Meyer, fir d'Analys ze maachen. An da kucke mer, wat derbäi erauskënnt. An da komme mer an den nächste Gemengerot mat enger konkreter Propositioun, wat kéint da Richtung Mamer goen. Mee wéi gesot, dat gi mer da gewuer, wat d'Kommissioun, vu dass et jo eng Commission consultative ass, wat déi eis da proposéiert.Wann Der domat d’accord wäert Här Steffen, mat der Motioun, dass mer géife, wéi gesot, d'Mee/Juni d'Ëmweltkommissioun aruffen an dann deen nächste Gemengerot nach virun der grousser Vakanz géife mer dann eng Léisung maachen. Ons Léisung.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Haut geet et jo ëm de Prinzip vun der Motioun, fir iwwert déi ofzestëmmen, wou den Incentive ass, e Subsid ze schafen. Ech menge wat den Här Manderscheid gesot huet ass, mer solle kucke wéi dat praktesch ëmgesat soll ginn, well mer jo da mat engem Subsidereglement jo da mussen heihin zréck an de Gemengerot kommen. Mee den Ausféierunge weisen, dass et an déi dote Richtung ka goen. Mir schwätzen haut net iwwert d'Montanten an de Prozentsaz. Ech mengen dat ass jo dann herno am Reglement selwer. Hei ass, mengen ech, esou einfach d'Ausriichtung vun der Volontéit, vun der politescher Volontéit, dass dëse Gemengerot an déi Richtung soll goe fir e Subsid ze schafen. Et ass iwwert dat, wat mer jo dann och haut ofstëmmen.

Dofir géif ech proposéieren, dass mer dann dës Motioun zum Vott stellen. Wien ass mat dëser Motioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer Iech villmools Merci. An dann, voilà, kënne mir weider dru schaffen. Da komme mer nach eng Kéier an dëse Gemengerot domadder zréck. Dann ass dës Motioun fäerdeg.



# 10. Froen un de Schäfferot

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer eriwwer bei d'Froen. Ech huele se och chronologesch wéi se erakomm sinn. Dat ass déi éischt Fro vun der CSV. 43 Haus Ribeschpont. An do ginn ech hei dem Josiane d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, villmools merci, Här Buergermeeschter. Dir hutt et gesot, et ass eng Fro erakomm vum Ribeschponter Haus. Ech mengen et ass net déi éischte Kéier, datt déi Fro hei erakënnt. Mir sinn awer elo e bëssen e Schratt méi wäit. Fir d'éischt geet d'Madamm Kayser hei op dee ganzen Historique un an vum Ribeschponter Haus, wat déi lescht Jore geschitt ass. Si schwätzt vun 2023, et war scho virdrun. D’Gespréicher war schonn 2022 ugaangen, mee 2023 ass dann dat alles ënnerschriwwe ginn a mir hunn dat och hei da rabruecht.

Ech wëll elo net dee ganze Resümmee, well ech mengen et ass effektiv zwou Säiten de Resümmee, wat virdru war. Ech wëll mech wierklech konzentréieren op dat wat kënnt, wat geschitt ass. Do ass et, fir d'éischt, wat Der gesot hutt, hei war an der Press ze liesen, dass d'Sourrire ASBL elo seng Aktivitéiten zu Esch huet. Ech wëll dat soen, ech hunn dat scho beim Budget gesot. Ech hat schonn den 13. Dezember gesot, datt si net méi géifen hei bleiwen an datt si elo géifen zu Esch eppes kréien. Da kommen ech awer op d'Froen, wann ech der Rei no drop aginn. Do war: Wéini gouf d'Zesummenaarbecht tëschent Inter Actions an zwëschent Sourrire ASBL ofgebrach? Dat war ganz kloer Enn Dezember, well si geplënnert sinn. Si hunn eis och de 5. de Schlëssel ofginn. Dat heescht, d'Sourrire ASBL war do net méi am Haus. An duerfir ass déi Zesummenaarbecht dann och net méi gemaach ginn.

Groupes de Parole, Cours de langue, Ateliers pratiques, linguistiques sollte weidergefouert ginn an och de Vestiaire vun der Buanderie. Sinn dës Aktivitéiten nach aktiv? Neen, déi sinn net méi aktiv, well och Inter Actions net dat néidegt Personal huet, fir déi Atelieren eleng weiderzeféieren. Dann déi drëtt, dat wär: Kënnt Dir eis e Rapport presentéiere vun Inter Actions vum éischte Joer vun der besotener Konventioun? Jo, dat kann ech. Och hei krut ech e Rapport vun Inter Actions. Ech froen do no, ob ech Iech e ka weiderleeden. Do gesäit een eigentlech de genauen Detail, wat do gemaach ass. Do sinn nämlech gemeinsam Atelieren gemaach ginn. Et sinn Ateliers de confection, Ateliers Tirelire, Lire et écrire autrement, och fir d’sproochlech Kompetenze bei de Leit ze fërderen. Alles dat ass gemaach

ginn. Mee ech froe bei Inter Actions, wann ech Iech deen däerf viruginn dem Gemengerot, da gesitt Der, wat Inter Actions zesumme mat der Sourrire ASBL do alles gemaach hunn. Dann, Inter Actions wollt jo och eng Konventioun ofschléissen, dat ass richteg, ech hunn dat gesot. Si hunn och do eigentlech e Projet presentéiert am Ministère de la Santé. Alles dat ass geschitt. Mee och si krute kee Posten accordéiert. Dat hu se gesot kritt, matgedeelt kritt, soudass si leider och keng Leit méi haten, fir do weiderzefueren. Ech mengen och dat hat ech am Fong schonn am Dezember gesot beim Budget.

Dann, wéi gesäit d'Haus, ech mengen, dat ass jo dat, wou et elo drëm geet, wéi gesäit d'Zukunft vum Haus am Ribeschpont aus? Déi Fro, déi wëll ech Iech beäntwerten an deem nächste Punkt eréischt, ech iwwersprangen deen. Ech gi lo fir d'éischt op déi der Rei no an. An da war nach eng Fro: Gëtt d'Konventioun fir d'Mise à disposition gratuite mat Inter Actions verlängert? Do kann ech ganz kloer soen, Neen. Déi ass ausgelaf, dat steet och esou am Kontrakt dran, wann Der dat duerchliest, den 30. Abrëll, déi ass ausgelaf, déi gëtt och net méi weidergefouert, well och hei net dat néidegt Personal eeben do ass. An dann: Féiert Inter Actions seng Aktivitéiten am Haus weider? Neen, de Moment net. Dat hunn ech Iech och elo grad gesot. Dat ass säit Januar net méi de Fall.

An da sot Der: D'Iddi, vun Inter Actions fir en alternative Projet, fir eng Crèche ze maachen. Dat hate si jo proposéiert. Ech mengen och dat war ëmmer bei eis am Hannerkapp eng Iddi. Ech wëll do soen, déi Demarchë si gemaach ginn. Och dat hat ech gesot. Mir hunn do e Rendez-vous gefrot. Dir wësst, datt mer ITM musse ruffen. Mir haten en éischte Rendez-vous, dee war am Mäerz ugesat ginn. Do konnte si awer leider net kommen. Mir hunn dat awer elo nogeholl. Mir hu si gesinn. Si waren am Abrëll do, zesumme mam Menje. Si hunn eis natierlech déi Saache gesot, wat mer musse maachen, d'Mise en conformité, fir iwwerhaapt däerfen eng Crèche do, eng Mini-Crèche ech schwätzen hei ëmmer vu Mini-Crèche, dat sinn eelef Kanner, fir déi däerfen do ze implementéieren, musse mer verschidden Aarbechte maachen. Mir kréien hiren Avis elo. Mir kréien och en Avis vum Menje.

An dann ass et esou, dass mer awer mussen eng Derogatioun bei der Famille ufroen, well PMR-gerecht kréie mer dat Haus net. Da misste mer schonn d'Trapenhaus vergréisseren an och e Lift drabauen. Also dat kënne mer net. Et ass awer net esou, datt wa mer e Kand hätten, wat eeben e Besoin spécifique hätt oder da misst dat an eng aner Crèche. Ech menge mir hu jo och nach Crèchen, déi conforme sinn. Hei ass einfach dat Ganzt war, muss eeben ugefrot ginn. Allgemeng muss ech soen, si waren immens frou. Si hu sech d'Haus ugekuckt. Et ass eng ganz flott Plaz fir eng kleng Mini-Crèche. Ech sinn do gudder Hoffnung, datt dat klappt. An da war am Fong duerno, wa mer elo d'Avisen hunn, déi kritt Der natierlech dann och duerno, da war déi lescht Fro vun Iech: Ass den Här Buergermeeschter bereet, d'Autorisatioun fir e Changement de destination virzehuelen, fir dass dëst nees als Wunnhaus genotzt ka ginn? Bon, ech wëll elo net den Här Buergermeeschter, ech schwätzen net fir hien, ech schwätzen awer dat wat mer mengen ech zesummen decidéiert hunn, et ass ganz kloer, wann eng Mini-Crèche net klappt, datt dat Haus dann an de Logement social soll eragoen an dann och deementspriechend genotzt ginn. Voilà.

Nach just ee Wuert. Mir hunn dee Projet Sourrire ASBL jo laang begleet. Mir hunn iwwer Joren hei eis investéiert a mat zesummegehollef, datt déi ASBL soll konventionéiert ginn. Et ass eis leider net gelongen hei zu Diddeleng, fir dass dat méi ee grousse Projet gëtt. Ech wëll awer soen, ech fannen awer, datt et derwäert war, well mir hunn hei iwwer Jore ganz, ganz ville Leit gehollef. Si hunn elo de Projet zu Esch zwar. Mee ech rechnen eis awer un, datt mir se begleet hunn. An ouni eis wäre se vläicht och net dohinner komm, wou de Projet elo ass. Ech mengen, e gëtt iwwerall gelueft. RTL, iwwerall an der Zeitung ass en dran. Ech muss soen, et ass e gudde Projet. An ech fannen et ass ganz wichteg gewiescht, datt mir si iwwer Joren ënnerstëtzt hunn. Ech wollt dat nach drunhänken. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà. Villmools merci, fir déi doten Äntwerten. An da gi mer op déi nächst Froen. Dat ass eng vun der LSAP an och eng vun der CSV. De selwechte Sujet, Rond-point Biereng an do huet d'Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, genau. D'Einleitung huet de Buergermeeschter scho gemaach. D'LSAP stellt fest, datt vill Réckstau ass a se wëlle wëssen, ob mer scho bei der Ponts & Chaussées intervenéiert hunn. Also déi Luuchten op deem Rond-point, déi si jo eréischt de 14. Abrëll operationell ginn. An dat betounen ech och elo nach eemol hei, fir datt och jiddereen, net nëmmen heibannen, mee och dobaussen a virun allem op de soziale Medien et da matkritt, dat ass e Projet vun der Ponts & Chaussées, soudatt de Schäfferot wéineg, fir net ze soen, iwwerhaapt keen Afloss dorobber huet an hat. Fir dann awer d'Ponts & Chaussées, an dat kënnt Der Iech rout am Kalenner usträichen, awer och e bëssen a Schutz ze huelen, muss ee soen, datt d'Aféierung an d'Astelle vu sou roude Luuchten, dat ass awer eppes ganz Komplexes, virun allem op esou grousse Kräizunge respektiv op esou grousse Rond-pointen an dat hëlt eeben och Zäit an Usproch.

Wann een déi Luuchte kritt oder déi Luuchte keeft, dann ass do ëmmer eng Grondastellung drop an da muss een eebe kucken, déi ëmmer méi fein anzestellen, bis se den Optimum erreecht huet. Do si esou Detecteure bei de Luuchten, déi sammele Wäerter an doropshi gëtt dann eebe gekuckt, fir déi Feinastellung ze maachen no eeben enger Testphas. Wann een dann déi Wäerter bis huet, da muss ee kucke wat een domadder ufänkt. Verlängert een d'Gréngzäiten? Verlängert een d'Routzäiten? Op wat fir eng, wéi sinn d'Verkéiersstréim? Wou muss ee verlängeren? Wou muss ech vläicht verkierzen? Do gëtt dann eebe jee no Plaz gekuckt, wéi dat am beschten ass. D'Ponts & Chaussées, déi hat jo elo ronn dräi Woche fir déi éischt Astellungen ze maachen. An déi vun Iech, déi dee Rond-point och reegelméisseg fueren, déi hu warscheinlech och scho matkritt, datt sech do munches gedoen huet. Ouni natierlech awer datt den Optimum bis elo fonnt ginn ass. An dowéinst hu

mer och der Direktioun vun der Ponts & Chaussées nach eng Kéier e Bréif geschriwwen, wou mer hinnen och soen, se solle wannechgelift séier handelen, sou séier wéi méiglech. Natierlech ëmmer nëmme mat deem Wëssen, wat ech Iech elo virdru gesot hunn, wat déi Feinastellungen ubelaangt.

Da gëtt gefrot, ob d'Situatioun aktuell vun hinnen, also vun der Ponts & Chaussées analyséiert gëtt? Also dat wat mer wëssen, dat ass, datt eeben d'Ponts & Chaussées mat hiren Entreprisë reegelméisseg sur place ass. Dat gesitt Der och. Do gesitt der d'Autoen ëmmer stoe fir eeben déi nei Astellungen dann eebe reegelméisseg virzehuelen. Dat Ganzt kann awer natierlech ëmmer nëmme schrëttweis gemaach ginn, wéinst eeben der Komplexitéit, well et eng grouss Kräizung ass. Niewent der Ponts & Chaussées halen awer och eis Police an och eise Service circulation ëmmer d'Situatioun am A a sinn och am reegelméissegen Austausch mat der Ponts & Chaussées, fir eeben och dat weiderzeginn, wat si dann dee Moment gesinn.

Da gëtt gefrot, wéi eng konkreet Moossnamen d'Ponts & Chaussées plangt fir d'Situatioun ze verbesseren. Also wéi gesot, ech kann Iech elo ëmmer nëmmen hei dat zielen, wat ech da weess, respektiv wat mir als Gemeng wëssen, well mer eeben do net Chef sinn. All Astellungen an Installatioune gi vun hinnen och kontrolléiert a wéi gesot nach ëmmer gekuckt fir ze optiméieren. Se hoffen natierlech, wann dat bis de Fall ass, datt dann de Verkéiersfloss besser leeft an datt et eeben zu manner Stau op deem Rond-point wäert féieren.

Dann zu de Froe vun der CSV. Bon, do iwwerschneit sech elo villes vun deem, wat ech scho gesot hunn, an ech probéieren och elo net alles dann nach eng Kéier dat ze widderhuelen, wat ech elo scho sot. D'CSV seet d'Ponts & Chaussées hätten erkläert, datt d'Luuchten sech nach an enger Testphas befannen, dat hunn ech och elo grad gesot, an nach net all d'Fonctionnalitéiten aktivéiert sinn. Och dat hunn ech scho gesot. Wéi gëtt d'Gemeng Diddeleng an dëse Prozess agebonnen? Bon, ech hunn Iech geäntwert, et ass eng Testphas an och, datt et schwéier ass, sech un esou engem komplexe Prozess dann och als Gemeng ze bedeelegen, virun allem well et net eise Projet ass. Et ass e staatleche Projet a vläicht pour la petite histoire, mir kruten e puer Deeg virum Ufank vum Chantier iwwerhaapt emol Bescheed gesot, datt si elo géifen do d'Luuchten dann endlech installéieren. An du hu mer da gekuckt, fir iwwerhaapt emol d'Leit ze informéieren, datt dat dann eeben da géif gemaach ginn.

Da seet d'CSV datselwecht wéi virdrun och d'LSAP, nämlech datt déi aktuell Situatioun eeben zu Stau féiert a freet, wat fir eng kuerzfristeg Mesurë mir als Gemeng virgesinn, fir d'Awunner an d'Benotzer vun dëser Verkéiersachs ze entlaaschten, bis eeben déi ugekënnegt Optimisatioune vun de Ponts & Chaussées ëmgesat ginn. Bon, wéi schonns gesot, ech mengen d'Gemeng huet net vill Moyenen, fir hei kuerzfristeg Mesuren ze ergräifen, déi hei géifen zu enger Entlaaschtung féieren op där N31. Et ass eng vun den Haaptachse vum Verkéier zu Diddeleng, wou all Dag eran an eraus ronn 21000 Autoen driwwer fueren. Dat musst Der Iech op der Zong zergoe loossen. An da mengen ech awer och ganz éierlech, Kolleege vun der CSV, et ass relativ realitéitsfriem ze mengen, datt mir iwwerhaapt als Gemeng kuerzfristeg do kënnen eppes maachen, also esou gutt Feeë mat engem Zauberstaf, déi de Schäfferot da freet, hei du hues dräi Wënsch fräi, a wat häss de lo gär op där Achs do? An da géife mir da soen: Bon, ech hätt gär, datt d'N31 direkt verbreedert ass, de Rond-point bei der Q8 fort ass an d'Zich alleguerten am 15-Minuttentakt direkt an d'Stad fueren, a wann ech nach e véierte Wonsch da vläicht als Bonus krit, da géif ech soen, datt d'Leit missten deen dann och all unhuelen. Ganz éierlech, an da seet d'Fee Hokus Pokus Fidibus und dreimal schwarzer Kater, an dann ass dat doten alles realiséiert. Déi Feeë ginn et net.
Dofir kuerzfristeg léif Kolleegen, mengen ech, ass do elo net ganz vill dra wat mir als Gemeng, an och souguer wat, ausser der Astellung eebe vun de Luuchten, d'Ponts & Chaussées op där doter Achs ka maachen.

Da seet d'CSV, datt laut Aussoe vun der Ponts & Chaussées dës Luuchten nëmmen ee Bestanddeel vun engem méi ëmfaassende Konzept duer géife stellen. An Dir zielt se dann och op: ënner anerem d'Verbreederung vun der A3, d'Optimiséierung vun der N31 an d'Ophiewe vun de Rond-points d'Zones industrielles Wolser a Ribeschpont. A se wëllen da wësse wéi eng konkreet Roll d'Gemeng bei der Ëmsetzung vun dësem Gesamtkonzept iwwerhëlt a mat wéi engen Delaien ze rechnen ass. Bon, den Ëmbau vum Echangeur Diddeleng-Biereng an d'Installatioun eebe vun deene roude Luuchten, iwwert déi mer jo elo esou laang diskutéieren, dat ass jo schonn een Deel eeben aus de Mesurë vun der Etüd Dud-Bet déi zwëschent 2012 an 2015 vun der Ponts & Chaussées an och der CFL realiséiert ginn ass an d'Zesummenaarbecht natierlech mat den zwou betraffene Gemengen Diddeleng a Beetebuerg, dem Ekonomiesministère an natierlech och dem Transportministère.
Déi ganz Etüd, déi gouf dann och den 9. November 2015 ëffentlech hei am Lycée Nic-Biever presentéiert. An ech mengen déi ass och jidderengem heibanne bekannt. A wann net, mengen ech, da kënne mer och nach eng Kéier en Exemplaire opdreiwe fir weiderzeginn.

Bon, bis haut goufe scho vill vun deene Mesuren, déi och an där Etüd stinn, ëmgesat, zum Beispill d'Ëmgeeungsstrooss laanscht den Eurohub, den Zwee-Richtungsverkéier hei bei eis an der Rue du Commerce, de Shared Space am Zentrum vun Diddeleng. Amgaange sinn, zum Beispill den Ausbau vun der A3, 2 mol 3 Spueren, dat wësst Der. An an der Planung sinn och zum Beispill d'Suppressioun vun de Barriären, awer och de Reamenagement hei vun der Route de Thionville, alles dat ass och doran ervirgaangen.
Bon, ech mengen Dir wësst och hoffentlech alleguerten, datt alles dat doten net alles matenee kann ëmgesat ginn. Och Roum ass net, fir da bei Roum ze bleiwen amplaz bei Paräis Här Martini, och Roum ass net an engem Dag erbaut ginn. D'Gemeng ass bei de Planungen an den Ëmsetzunge vun de Mesuren, déi eis betreffen, natierlech aktiv mat dobäi. De Schäfferot an och eis Servicer, déi sinn a reegelméissegem Austausch mat deene staatlechen Acteuren a Servicer.

A fir datt mir awer mol eng Kéier genau gewuer ginn, wou d'Projeten dru sinn, huet de Schäfferot eng Entrevue bei der Ministesch Yuriko Backes ugefrot. Déi soll warscheinlech elo am spéide Summer stattfannen a mir hoffen dann eventuell do méi Datumer fir déi verschidde Projete gewuer ze ginn. Et muss een awer och soen, datt et och fir de Staat schwéier ass, all déi Projete mat genauen Datumer ze beleeën, well all déi Mesuren, déi sinn ofhängeg eng vun där anerer, wann déi eng Verspéidung huet, da kann déi aner net an deem Delai gemaach ginn. Extern Facteuren, ech nenne just d'Wieder, déi ginn den Datum vir an och dorobber huet och de Staat elo net ëmmer allze vill Afloss. Also hunn ech haut dann och de Staat a Schutz geholl, wann Der et matkritt.

An dann nach e lescht Wuert awer, onofhängeg mengen ech lo zu de Froe vun der CSV a vun der LSAP. Dee Stau, dat si mir eigentlech alleguerten, an all déi, wou permanent maulen, sech d'Fangere wond schreiwen op de soziale Medien, well se am Stau si solle sech vläicht emol eng Kéier bewosst sinn, datt si dee Stau selwer sinn. A wa keen Ëmdenke kënnt, ech kréien Applaus. A wa keen Ëmdenke kënnt bei de Leit, a se alleguerte weider wëlle mat hirem Auto duerch dee Rond-point an duerch d'N31 fueren, da kënnen och déi beschte Luuchten, déi breetsten N31 näischt änneren. Well iergendwann, egal wéi breet mer se maachen, an ech erënnere just un de Rond-point Gluck, dat ass jo dat beschte Beispill, wou s de vun enger Autobunn erofkënns, iergendwann kënns de an e Fläschenhals an dann ass däi Stau eeben 300 Meter méi wäit, da staut et bei der Esso. Mir sollen eis näischt virmaachen. An ech mengen et ass och e bëssen egoistesch ze mengen, datt ëmmer déi aner alleguerten de Problem si wann een am Stau steet an ee selwer natierlech net, hein, da solle mer eis alleguerte mat eiser eegener Nues huelen, well ech menge mir sinn och nervös, wa mer do stinn.

An et ass och falsch ze mengen, déi Luuchten, iwwert déi mer elo schwätzen, déi géifen deen alldeegleche Chaos op där Plaz léisen oder en Enn setzen. Dat ass just eng kleng Drëps op e waarme Steen. An ech mengen dat hunn déi Leit, déi jo no deene Luuchte gejaut hunn, an et géif alles besser gi wann déi Luuchte lo bis do wären, ech mengen déi hunn dat an de leschten dräi Wochen och scho misste mierken. Well elo jäize ganz dacks genau déi nämmlecht Leit, mir sollen, also mir, d' Ponts & Chaussées solle se erëm ewechhuelen, virdrun ass alles besser gaangen. Voilà. Dat vu menger Säit. An dann hoffen ech, datt d'Ponts & Chaussées eis op eise Bréif hin nach vläicht ka weider Informatioune ginn, respektiv datt se d'Luuchten soubal wéi méiglech dann eeben optimal och agestallt kréien. Voilà. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci, Claudia, fir d'Äntwerten op déi zwou Froen, déi gestallt goufen. Ech stellen dann och elo fest, dass mer zum Schluss ukomm si vun eiser ëffentlecher Sitzung. An ech géif da proposéieren, dass mer elo an den Huis clos géifen iwwergoen. •

# Poesie am Park

## 14.8.

**ab 17:00**
**Fräien Entrée**

## Park Emile Mayrisch
## Diddeleng



**Liesunge fir Grouss a Kleng • Musek • Iessen & Gedrénks**

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

Commission
de la Culture